

26. SEPTEMBER 2025

Gemengebuet


#LIEWENZUESCH


ESCH

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
🔄 = Procuratioun

26. SEPTEMBER 2025


Gemengebuet





esch

Voir les votes par conseiller →



Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht

26. September 2025

Réunion à huis clos

1.1. Questions de personnel; décision

1.2. Office social; questions de personnel; avis

Réunion publique

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iergendwéi vläicht iwwer déi verschidde Moyenen zouzgestallt sinn an eis vläicht nokucken, ech begréissen lech dann an der éischter Sëtzung vum Gemengerot no der Summervakanz. An ech hoffen, dass jiddereen e bëssen d'Geleeënheet hat, sech am Summer ze erblosen an da mat cent à l'heure erëm direkt hei an de Gemengerot an an dëst politescht Joer ze starten.

Fir den Ufank vun der Sëtzung ass de Schäffe Knaff entschëllegt. Et läit eng Procuratioun dofir vir.

Den Ordre du jour gouf d'lescht Woch verschéckt an et ass eng Erreur matérielle, déi sech ageschlach huet. Wat d'Gemengesekretariat du per Mail lech zougeschéckt huet a wat da beréngegt ass.

Gëtt et soss nach eventuell Froen zum Ordre du jour oder Wuertmeldungen dozou? Dat ass net de Fall.

2.1. Organisation scolaire définitive pour l'année scolaire 2025/26; décision

2.2. Rapport d'activité du service des maisons relais; présentation et discussion

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da géinge mer mat engem Punkt starten, deen zweemol am Joer erëmkënnt. D'Organisation scolaire. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Dann och vu mir de Wonsch, dass Der hoffentlech e schéine Summer verbruecht hutt an dass Der eng erhuelsam Vakanz hat a mat voller Energie elo an d'Rentrée gitt. Ech hoffen och, dass Der mat Äre Familljen eng gutt Rentrée hat.

Bevir ech vläicht an de Viff vum Sujet ginn, géing ech proposéieren, dass mer d'Punkten 2.1, 2.2 an 2.3 en bloc géingen diskutéieren an ofstëmmen. Wann dat an der Rei ass fir de Gemengerot?

An da merci fir den Hiweis, Här Buergermeeschter, hu mer de Moie festgestallt, dass et fir ee vun de Mënschen hei am Sall eigentlech e ganz speziellen Dag ass. Et ass nämlech, wa mer richteg gezielt hunn, déi 50. Organisation scolaire, déi eisen Änder Zwally haut da presentéiert kritt. Sou dass mer dee spezielle Moment dann awer wollten och nach eng Kéier markéieren.

Mir hunn haut d'Organisation scolaire définitive fir d'Schouljoer 2025/26 virleien. Vu dass mer virum Summer déi provisoresch Schoulorganisatioun gemaach hunn an do och am Detail iwwer de Kontext, an deem

sech eis Schoule befannen an och eis Escher Schülerinnen a Schüler beweegen, en detail beschwat hunn.

Mir hunn och an der Diskussioun iwwer de Plan du développement des infrastructures scolaires en Deepdive gemaach an d'Schoulinfrastrukturen, an d'Pläng vum Schäffen- a Gemengerot, fir an deenen nächste Joren déi Infrastrukturen nach ze stäerken, soudass dat alles Elementer sinn, déi ech haut net méi wäert thematiséieren a menger Presentatioun.

An ech mech géing eigentlech gär d'Organisation scolaire virun allem dorobber beschränken, fir nach eng Kéier déi lescht Zuelen ze liwweren, déi net sou wäit aus de Féiss leie vun deem, wat mer an der provisorescher Organisatioun schonn arrêtéiert hunn.

Mir hunn – an dat hält dann déi definitiv Schoulorga fest – mat dëser Rentrée 3.294 scolariséiert Kanner an den Escher Schoulen. Mir hunn néng Kanner, déi vun Enseignement à domicile profitéieren. A mir hunn 38 Escher Kanner, déi nei sech ugemellt hunn an der Ecole Internationale, déi mer hei zu Esch an zu Déifferdeng hunn.

Déi 3.294 Schülerinnen a Schüler si sou verdeelt, dass mer eng Moyenne pro Klass hu vu 14,36. Wat e Schnëtt ass, dee sech an deene leschte Joren och an deene Parragë stabiliséiert huet. D'lescht Joer war et 14,2.

Zum Verglach vläicht wou mer hierkommen: Virun zéng Joer –also 20 Schoulorgaen éischter, Här Zwally – war et nach 15,5 Schülerinnen a Schüler pro Klass.

Sou dass mer, mengen ech, do op engem gudde Wee sinn an dat och eng Gréisst vu Klassen ass, déi iwwerschaubar ass an déi och mécht, dass mer kënne mat eisem Personal eng gutt Betreiung an eng gutt Educatioun bidden.

Mir hunn 356 brevetéiert Enseignanten an eise Schoule schaffen: 17 Chargéen, 41 Remplaçanten, 36 Educateuren an nach ee Fonctionnaire communal.

An dann, mengen ech, bleift wierklech zum Volet Schoul just nach Follgendes: Mir hu véier Departen an déi wuelverdéngt Pensioun. Dat ass d'Madamm Chantal Hennico zum 01.11., den Här Norbert Thilges zum 01.09., den Här Carlo Zawodni zum 01.10. an d'Madamm Gisèle Marx zum 15.09.

Ech wëll deene véier e Risemerci ausschwätzen am Numm vum Gemengerot fir hire wäertvollen Déngscht un der Escher Gesellschaft a fir hire wäertvollen Déngscht an den Escher Schoulen.

Ech wëll och konstatéieren, dass mir eng relativ smooth Rentrée haten. An dofir wëll ech allen Enseignantë Merci soen, de Familljen an de Kanner, dem Bureau des présidents, deen e kruziale Rôle gespillt huet an der Schoulorganisatioun. De Schoulkommiteeë vun den néng Entitéiten, der Direktioun 06, déi sech personell verstäerkt huet am leschte Joer. Wat mer och bei dëser Rentrée a bei der Organisation scolaire positiv ze spiere kritt hunn, wou ganz vill Erfarung erakomm ass, mat enger exzellenter Zesummenaarbecht.

An natierlech och dem Service scolaire, deen eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet an dëser Schoulorga. Geleet natierlech vun der Cheffe de service Chantal Schoettert. Vu mir, mengen ech, am Numm vun eis alleguerten e Risemerci fir deen Asaz.

Ech géing da gär eriwwerkommen op de Rapport d'activité vun de Kannerbetreiungs-

strukturen, wat haut e bëssen d'Filetssteck ass vun dësem Punkt um Ordre du jour.

Virop, d'Kannerbetreiung ass eng wichteg gesellschaftlech Aufgab fir d'alleréischt. Gutt organiséiert Kannerbetreiung gëtt Familljen d'Méiglechkeet, hiren Alldag besser ze meeschteren a sech besser ze organiséieren. Eng gutt organiséiert Kannerbetreiung – dat vergiesse mer heiansdo – ass och eng Prekonditioun fir Gläichberechtegung. Eltere kënne schaffe goen a sech flexibel organiséieren.

A mam Constat, dass mer ëmmer méi Kanner an eise Strukturen, an eise Maison-relaisen, an eise Crèchë betreien, och de Constat, dass eis Kannerbetreiungsstrukturen zesumme mat eise Schoulen natierlech en essentielle Bestanddeel sinn, fir d'sozial Mobilitéit an eiser Stad kënnen ze garantéieren.

A fir ze garantéieren, dass mer notamment Kanner dès le départ an de jéngste Joren déi selwecht Ressourcen, déi selwecht Konditiounen, fir sech ze entfalen, kënnen hunn.

Wann ech soen, dass eis Kannerbetreiung e wichtege Rôle an eiser Gesellschaft spillt, da kann ech och soen, dass eis Maison-relaisen an eis Crèchen e Spigelbild si vun der Escher Gesellschaft.

Mir hu 65 verschidden Nationalitéiten an eise Strukturen. Mir hu Kanner mat verschiddenen Hannergrënn, mat verschiddene Stäerkten a Schwächten, mat verschiddene Passéen, mat verschiddene Vécuen. A si alleguer kommen zesummen an eise Maison-relaisen, an eise Crèchen a liewen all Dag zesummen.

Dat mécht aus eise Maison-relaisen, aus eise Crèchë Plazen, wou wichteg Theemen, déi mer och politesch diskutéieren, am Alldag gelieft ginn. Integratioun, Zesummeliewen, Inklusioun sinn net just Konzepter. Se sinn an deem heite Kontext, an deem mer eis haut beweegen, gelieft Realitéit.

An dofir soen ech och ganz kloer, dass Investitiounen an d' Kannerbetreiung Investitioune sinn an eis gemeinsam Zukunft, an de sozialen Zesummenhalt an an d'Attraktivitéit vun eiser Stad.

A mir sinn och bereet, dës Investitioune weiderhin ze tätegen. Pour rappel: 21 % vum Budget 2025 si reservéiert fir d'Schoulen a fir d'Kannerbetreiung.

Mir hunn e konsequenten Ausbau vun eise Strukturen an deene leschte Jore virugedriwwen, an dreiwen och nach weiderhi virun.

E puer Zuelen zum Verglach. An der Rentrée 2018/19 hate mer um Escher Territoire 1.086 Plazen an ëffentleche Maison-relaisen a Crèchen. Fir dës Rentrée 2025/26 hu mer d'Mark vun 2.000 Plaze geknackt.

Mir hunn 2.015 Chaisen, déi, Stand haut, zur Verfügung stinn. An do sinn 80 Chaisen nach net matgezielt, déi ganz geschwë wäerten disponibel gi mat eiser neier Maison relais op den Nonnewisen, déi mer ganz geschwë wäerten zesummen opmaachen.

Dat heescht, dass mer an deene leschte Joren en Tempo haten, deen, mengen ech, esou senges Gläiche sicht zu Lëtzebuerg. A vu kenger anerer Gemeng suivéiert ka ginn.

Mir huele quasi all Schouljoer eng nei Kannerbetreiungsstruktur a Betrib. Wobrécken virlescht Joer, bei de Pompjeeën hei am Zentrum d'lescht Joer, dëst Joer d'Nonnewisen, d'nächst Joer Lalleng, d'Joer drop d'Rout Lëns.

Dat heescht, op all deene Plazen – an dat gesitt Der jo am Rapport d'activité, wou dat

och opgeschlësselt ass –, wou mer nach e Besoin hunn, si mer amgaangen, dorun ze schaffen, fir eng zousätzlech Offer kënnen ze maachen.

Dat mécht, dass mer haut, mat dëser Rentrée, en Taux de couverture hu vun 58 %. Also duebel sou vill wéi nach virun zéng Joer.

An eleng mat deenen Investitiounen, déi elo schonn amgaange sinn, bezéiungsweis mat deenen Aarbechten, wou mer elo schonn am Chantier sinn, wäerte mer deen Taux de couverture ganz no un 80 % kënne bréngen an deenen nächsten zwee Joer. Wat, wéi gesot, nach eng Kéier wierklech duerstellt, dass mer do um gudde Wee sinn.

Nieft dem Invest an eis Infrastrukturen, an eis Gebailechkeete maache mer awer och e konsequenten Invest an eist Personal. De Service vun de Maison-relaisen a vun de Crèchen, vun der Kannerbetreiung vun der Stad Esch, ass entre-temps ee vun de gréisste Servicer vun der Stad Esch.

Mat 382 Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi sech ëm d'Betreiung vun eise Kanner bekëmmeren, déi sech ëm d'Bekache vun eise Kanner bekëmmeren, déi sech ëm den Entretien vun de Gebailechkeete këmmeren, déi sech ëm d'Botze vun de Gebailechkeete këmmeren.

Et ass e Risenopwand, dee mer bedreiwen als Stad Esch, fir dëser wichteger gesellschaftlecher Aufgab, déi ech am Ufank illustréiert hunn, gerecht ze ginn.

Mat dëser Rentrée maache mer och de Constat, dass mer op eise Liste-d'attenten esou wéineg Kanner hu wéi nach ni. Dräianzwanzeg fir ganz prezis ze sinn! Dräianzwanzeg Kanner, wou d'Familljen d'Krittären erfëllen, fir eng Plaz an der Maison relais ze kréien, sinn nach op eise Liste-d'attenten.

Domat huet sech d'Situatioun zu Esch an deene leschte Jore mierklech entspaant an ass, mengen ech, och am Verglach zu der Stad Lëtzebuerg notamment an och anere Gemenge méi entspaant, sou dass mer do an deem Verglach gutt stinn.

Mee ech wëll awer och ganz kloer soen: D'Efforte mussen an d'Efforte wäerte weidergoen, fir sécherzestellen, dass all Kand, dat eng Plaz brauch, och eng Plaz kritt.

Kannerbetreiung ass awer eigentlech – an dat ass eppes, wat mer wichteg ass an där doter Debatt, well mer ganz vill iwwer Zuele schwätzen a well dat och e Beräich ass, wou ganz vill investéiert ginn ass, an e Beräich, deen an de leschte Joren immens vill gewuess ass an e wichtege Rôle an eisem Alldag spillt.

Kannerbetreiung ass méi wéi just d'Gard vu Kanner. Mee et ass eng Plaz, wou all Dag Bildung stattfënnt. Dofir, nieft den Investitiounen ass d'Qualitéit vun eiser Offer eis Haaptprioritéit.

Éischtens um Niveau vun de pedagogesche Konzepter, wou mer Konzepter en place hunn, déi eis Kanner befäegen, sech selwer kennen ze léieren, hir Stäerkten ze entwéckelen an och als sozial Wiesen an der Gesellschaft deelzehuelen.

Mir maachen dat iwwer eng ganz Rëtsch vun immens flotten Aktivitéiten, déi Der am Rapport d'acitivité och noliese kënnt. Kannerkommiteeën, déi Demokratie méi no bréngen, d'Participatioun beim „Zuch vun der Demokratie". Eng ganz sëlleg aner Aktivitéiten, déi eis Kanner mat der Demokratie, mam sozialen Zesummeliewen, mat der Gesellschaft a Kontakt bréngen.

Eng aner Prioritéit an eiser pedagogescher Offer ass d'Förderung vu Beweegung an

d'Zäitverbréngen an der Natur an un der frëscher Loft.

Dofir hu mer am leschte Joer eng zousätzlech Mataarbechterin agestallt am Centre Nature et Forêt am Ellergronn, déi exklusiv eigentlech d'Aufgab huet, de Lien mat eise Kannerbetreiungsstrukturen ze maachen, Aktivitéiten auszeschaffen an am Kontakt mat eisen Educateuren a mat eise Responsabelen an de Strukturen e Programm auszeschaffen, deen eise Kanner zeguttkënnt.

Dat heescht, dass Aktivitéiten an der Natur, d'Kolonien, de Bëschcamp, integralen a wichtege Bestanddeel si vun der pedagogescher Offer.

Donieft hu mer zënter Laangem an och ëmmer méi intensiv eng exzellent Zesummenaarbecht mat der LASEP, déi eis erméiglecht, och eng gutt, ganz breet an innovativ sportlech Offer ze liwwere fir eis Kanner.

Eng vun de Prioritéiten am leschte Joer war et, och mat der Initiativ vum Educatiounsministère, dem sougenannte Scree-Life-Balance, och operationell Pläng an alle Strukturen en place ze setzen, fir d'Handynotzung, déi och schonn an deem Alter an och schonn an de Maison-relaisen an an de Crèchen en Theema ass zum Deel, fir déi eeben aus deene Raim ewechzehalen, bezéiungsweis se just do ze hunn, wou se pedagogesch eng Plus-value bitt.

Wann ech soen, dass mer un eiser Qualitéit schaffen, dann heescht dat natierlech och, dass mer un eisem Lien mat den Eltere schaffen. An dowéinst ass Elterenaarbecht e wichtege Bestanddeel och vun den Efforten, déi mer maachen.

An do schaffe mer exzellent zesumme mat eisem Partner Eltereschoul, fir reegelméisseg Elterenowenter ze organiséieren, Echangen ze organiséieren, wou d'Eltere kënne mam Personal, mat der Administratioun, awer och ënnert sech Liene knäppen, am Interêt vun de Kanner.

De Rekrutement an d'Formatioun vun eisem Personal bleift eng Erausfuerderung, well mer an engem Secteur ënnerwee sinn, wou et immens vill Konkurrenz gëtt. An déi dote Profiller, déi mer brauchen, fir e gudden Encadrement vun eise Kanner ze bidden, sinn heißbegehrt.

An notamment och duerch eng Rei vun Innovatioune beim Staat ass do och nach eng zousätzlech Konkurrenz eigentlech entstanen, déi et einfach méi schwéier gemaach huet, fir gutt Personal fir d'Stad ze gewannen.

Mir organiséieren dowéinst zesumme mat der Coordination pédagogique vun eisem Service ganz reegelméisseg och Matinées pédagogiques, wou mer mat de Responsabelen aus de Strukture Formatioune maachen an den Austausch erméiglechen iwwer wierklech d'Qualitéit vun eiser Offer, iwwer Pedagogie an de Leadership an deene Strukturen.

An zënter dem leschte Schouljoer si mer och an engem méi enken Echange mam LTPES, deen déi dote Profiller ausbilt. Wou zum Beispill eise Service och un der Fit-for-Future-Foire matgewierkt huet, fir eeben och scho mat de Jonken, déi an der Ausbildung sinn, a Kontakt ze kommen a se och ze orientéieren a Richtung vun eisem wonnerbare Service an eise wonnerbare Maison-relaisen a Crèchen.

Wann ech soen, dass eis Maison-relaisen e Spigelbild si vun eiser Gesellschaft, dann ass dat och eppes, wat sech an der Aarbechtsweis vun eisem Service erëmspigelt.

Et ass esou, dass eis Maison-relaisen a Crèchë fest verankert sinn an engem enken Netzwierk vun Escher Veräiner, dass eis Maison-relaisen

a Crèchen enk verwuerzelt sinn och am Escher Veräinsliewen. Mat sëllege Kooperatioune mat diversen Institutiounen, Veräiner an och mat diverse Servicer vun der Stad Esch.

D'LASEP an de Service des Sports hunn ech schonn erwäänt. Mir hunn eng gutt Kooperatioun och mam Jugendhaus, mat engem flotte Projet „SENS'I", wou mer eigentlech vum fréisten Alter un iwwer Sujete wéi Inklusioun sensibiliséieren.

Mir hunn eng – an dat hunn ech erwäänt – exzellent an och nach weider verstäerkt Zesummenaarbecht mam Centre Nature et Forêt Ellergronn. A mir hunn och eng gutt Zesummenaarbecht mat den Escher Schoulen.

Wann ech iwwer d'Escher Schoule schwätzen, da kënnt een natierlech ganz séier op e Sujet, deen, mengen ech, hautzudaags zu Recht vill diskutéiert gëtt a fir deen de Ministère och en techneschen Term fonnt huet. Dat ass de sougenannte Rapprochement vu formaler an nonformaler Bildung.

Wat natierlech ganz technesch kléngt, huet hannendrun eigentlech eng ganz praktesch Bedeitung. Et geet drëms, dass mer Efforte musse maachen, nach eng Kéier, och virun deem Hannergrond, dass ëmmer méi Kanner an der Kannerbetreiung sinn.

Dass mer mussen Efforte maachen, fir Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an tëscht der Kannerbetreiung ze verbesseren, well ganz einfach d'Kanner déi selwecht Kanner sinn. Ob se an der Schoul sinn oder an der Maison relais.

Et geet eeben – an dat ass e Punkt, deen ech haut wëll maachen – net duer, dat als Prioritéit ze definéieren. Dat huet d'Regierung gemaach. An et geet och net duer, d'Enseignanten an d'Educateuren ze invitéieren, openeen duerzegoen a sech méi auszetauschen.

Et muss ee konkreet Moyenen an och strukturell Konditioune schafen, fir dass dës Zesummenaarbecht, fir dass dësen Echange an der Praxis ka funktionéieren. En hänkt net just of vun de Persounen a vun de Mataarbechter.innen, déi um Terrain ass. Mir musse materiell a strukturell Konditiounen dofir schafen.

An dat ass eppes, wat ech op dëser Plaz och ganz kloer wëll soen: Wann d'Regierung dat als Prioritéit definéiert, da muss se awer och iwwer hir Politik déi Konditioune schafen. An do gëtt et menger Meenung no haut nach ëmmer Handlungsbedarf.

An dofir wäerte mer als Stad eist Bescht maachen, fir deem dote Rapprochement, där doter Zesummenaarbecht besser nach an Zukunft hinzekréien.

Mir hunn eng Rei vu Schoulen a Maison-relaisen, fir déi dat haut eng total Selbstverständlechkeet ass. Ob dat eisen neien intergenerationelle Campus Wobrécken ass, wou dat eigentlech dès le départ integrale Bestanddeel war vum Konzept.

Ob dat eis Ganzdaagsschoul Jean Jaurès ass, wou Educateuren an Enseignanten op Aenhéicht am Alldag zesumme schaffen an déi Differenz tëschent sougenannter formaler an nonformaler Bildung an der Praxis komplett opgehuewe gëtt.

Mir hunn eng ganz Rei vu ganz gudde Beispiller hei zu Esch, mee, dat wëll ech och kloer soen, mir hunn och nach Loft no uewen. An dowéinst wäerte mer eist maachen, fir dat géigesäitegt Verständnis ze promouvéieren a fir d'Zesummenaarbecht bei konkreete Projeten ze stäerken.

Bildung ass Bildung, egal ob se an der Schoul oder an der Maison relais stattfënnt. An nëmme wann déi Zännrieder enk anenee

gräifen, kënne mer eng optimal Bildungsoffer maachen an och Chancëgläichheet a sozial Mobilitéit an eisem Schoulsystem garantéieren.

Ech wëll op dëser Plaz dowéinst och dem Personal Merci soen. De villen Educateuren, ob se Graduéen, Diplômséen oder Educateure sinn, den Aide-socio-educatiffen, den Auxiliaire-de-vien, de Käch, den Aide-cuisinieren, de Botzmänner a -fraen, déi all Dag opstinn an hiert Bescht gi fir eis Kanner.

Ech wëll natierlech och eiser Administratioun Merci soen, der Coordination pédagogique, déi e wichtege Rôle spillt fir déi pedagogesch Qualitéit ze assuréieren. All deene Leit wëll ech Merci soen. A ganz speziell deenen och, déi Responsabilitéit iwwerhuelen an deem dote Service, notamment och dem Chef Laurent Zimmer, an och eiser Responsabeler pédagogique Sylvia Marques.

Voilà, ech hunn net méi vill bäizefügen, wéi wierklech de Verweis ze maachen op de Rapport d'activité. Dir musst wëssen, oder Dir wësst et schonn, dass natierlech de Beräich vun der Kannerbetreiung e Beräich ass, deen enorm enk encadréiert ass a wou d'Qualitéitskontroll immens enk gefouert gëtt.

Mir mussen, a mir maachen dat och – an dat weist de Rapport d'activité – ganz akribesch dokumentéieren, wéi deen Alldag an eise Maison-relaisen a Crèchen ausgesäit. Wéi eng Aktivitéite gemaach ginn a proposéiert ginn. An dat gëtt natierlech a reegelméissege Kontrolle vum Agent régional och kontrolléiert.

An d'Qualitéit vun där Offer gëtt och scho säit Jore fir Esch zertifizéiert vum Agent régional, sou dass mer do op engem gudde Wee sinn. An eeben déi Kontroll awer mécht, dass mer sou e flotte Rapport d'activité hunn, dee wierklech och nach eng Kéier d'Panoplie vun den Erausfuerderungen, awer och d'Panoplie vun de flotte Léisungen, déi mer haut am Alldag zu Esch kënnen ubidden, gutt illustréiert.

Dowéinst d'Inviatioun och un d'Escherinnen an d'Escher, déi eis haut nolauschteren, fir do eng Kéier e Bléck eranzegeheien um Site vun der Stad Esch.

Ech soen lech Merci a freeë mech op d'Diskussioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Wie wëll gär zum Punkt d'Wuert ergräifen? D'Madamm Agovic huet d'Wuert.

Mme Enesa Agovic (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen an Kolleegen, den alljärlechen Exercice ass erëm gemaach an dofir och vun eiser Säit aus dem Schoulservice, der Schouldirektioun, de Presidenten, den Enseignanten, de Kommiteeën a wierklech alle Bedeelegten e ganz grousse Merci dofir.

Et war elo knapp gi mat der Zäit. Déi hunn dat wierklech absolutt tipptopp gemaach.

Et sinn och ganz vill positiv Aspekter, déi een hei ervirhiewe kann, wéi zum Beispill déi kleng Klasseneffectiffer och op de meeschte Klassen. Oder och de Schoultransport, deen dofir suergt, dass eis Klengst och an d'Schoul oder an d'Maison relais kommen.

Effektiv, Här Sehovic, Dir hutt et gesot, mat de Maison-relaisen a Chaisen. Et geet erop; dat ass absolutt luewenswäert. Dir sidd och drop agaangen, dass effektiv muss un der

Zesummenaarbecht mat der Schoul a mat der Maison relais geschafft ginn. Ech mengen, do muss ech dat dann net widderhuelen.

Mee bei der Schoulorganisatioun ass do awer nach e bësse méi ze soe wéi dat, wat Dir elo virdru gesot hutt. Et weist sech nämlech nach ëmmer, dass déi Schoulorganisatioun a ville Beräicher problematesch bleift, wann ee wierklech op den Terrain, an d'Schoulen nolauschteren an nokucke geet.

Dir wollt an Ärer Presentatioun net iwwer d'Infrastrukture schwätzen. Mee ech muss awer leider och dës Kéier erëm drop agoen.

Här Sehovic, am Mee hutt Dir mir als Äntwert op meng Interventioun zu der Schoulorganisatioun gesot, „wat de Preau an der Groussgaass-Schoul ubelaangt, do ass de Problem amgaangen, behuewen ze ginn. Et kann een net zauberen, dat dauert e bëssen." Dat sinn Är Wierder.

Ech hu gemengt, et wär eng Fro vun e puer Wochen, mee elo fir d'Rentrée, bal fënnef Méint méi spéit, war ech mir d'Situatioun nach eng Kéier perséinlech ukucken. An d'Konklusioun ass: Et ass nach ëmmer absolutt näischt geschitt.

Et stëmmt effektiv, wann Dir sot, Dir kéint net zauberen. Mee wat Dir kënnt, ass ganz demonstrativ den éischte Schouldag fir d'Rentrée a genau déi Schoul goen a flott Fotoe fir de Facebook an den Instagram maachen, fir lech als engagéierte Schoulschäffen en scène ze setzen.

Wat awer opfält ass, dass keng Foto a geneau deem Preau gemaach gouf. En Zoufall?

Mir ass bei menger leschter Interventioun zu der Schoulorganisatioun vun lech och da virgeworf ginn, ech géif déi selwecht Ried hale wéi schonn dat Joer virdrun. Mee virun zwee Deeg krut ech dann eeben déi Visite guidée an där Schoul. A wann ee gesäit, wat do alles nach ëmmer net gemaach ass, da muss ech soen, kéint ech effektiv genau dat selwecht hei nach eng Kéier virdroen. Well säit Mee ass do nach ëmmer näischt geschitt.

Wann et bei lech erareent, da waart Dir jo och net bis zu den nächsten, grousse Renovatiounen, fir dat ze flécken. Mee Dir maacht et direkt.

Den Etanchitéitsproblem, wéi Dir et dann och sou schéi genannt hutt hei am Gemengerot, besteet nach ëmmer. An dat ass nëmmen ee vu ville Problemer.

Dir hutt am Mee schonn heibanne vu Pläng geschwat, déi virléie géifen. Mee déi huet awer hei nach soss kee gesinn. Mir insistéieren och hei ëmmer erëm, dass d'Renovatiounen oder Pläng mat an d'Diskussioune sollen agebonne ginn. Mee och dat geschitt net.

Ginn déi nei Pläng dann de Besoine vun de Schülerinnen a Schüler gerecht, fir och wierklech kënnen adequat Schoul ze halen? Fir dass sech eis Schülerinnen a Schüler och wierklech an der Schoul, wou si esou vill Zäit verbréngen, wuel fillen.

Dofir froe mir dann hei och als LSAP, fir déi Pläng, déi anscheinend scho sou laang existéieren, ze gesinn, bezéiungsweis och hei virgestallt ze kréien.

An och wann dës Pläng existéieren, schléisst dat jo awer net eis Verantwortung aus, den Etanchitéitsproblem an enger Schoul direkt ze behiewen.

Mir schwätze gär dacks iwwer „d'Kanner sinn d'Zukunft", mee hei gesäit een erëm, et feelt net u flotte Sloganen a waarmhäerzege Facebook-Posts, et feelt wierklech u konkreetem Handelen, fir de Kanner hir Zukunft an eise Schoule wierklech ze verbesseren.

Mir haten och an der Sëtzung vun der provisorescher Schoulorganisatioun am Mee scho Propose gemaach, wéi zum Beispill eeben déi transparent Kommunikatioun mat alle betraffene Leit, virun allem och mat de Presidenten zum Beispill vun de Schoulen oder den Enseignanten, déi et jo awer warscheinlech wäerte wëssen, wat do gebraucht gëtt. Oder och méi geziilt Investitiounen an déi Infrastrukturen, déi et wierklech am meeschten néideg hunn.

A virun allem do dierfe si net op iergendwellech Pläng vertréischt ginn, déi sécherlech net an deenen nächste sechs Méint wäerte kënnen ëmgesat ginn.

Ech muss lech leider soen, Här Sehovic, dass mir d'Schoulorganisatioun sécherlech net wäerte matstëmmen, sou laang et an der Groussgaass-Schoul erareent. Well esou laang et do duerch de Plaffong erareent, wäert kee Facebook-Post an och keng schéi Foto kënne verstoppen, dass hei vu politescher Säit näischt ënnerholl gëtt.

D'Kanner verdéngen endlech konkreet Handlungen amplaz Pläng, déi op sech waarde loossen.

Wann dat bis behuewen ass, da kéint een eventuell nach eng Kéier iwwer eise Vott hei diskutéieren. Mee – bon, ech hunn Däitsch studéiert – just fir dass Dir et och wierklech net vergiesst, ech hunn e klengt Gedicht de Moie schnell geschriwwen, fir eebe genau dee Problem hei och ganz däitlech ze maachen.

„Et reent eran, d'Maueren drénken an et ass naass, dat wat d'Schoul brauch, ass scho bal e Faass. Den Eemer am Preau, dat ass leider d'Realitéit, d'Pläng um Pabeier, ma keng Aktivitéit." Merci.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Den nächste Riedner ass dann den Här Bermes.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci, Här Zwally, fir d'Wuert. Ech soen och dem Schoulschäffe Merci fir d'Presentatioun.

An och vun eiser Säit alle Mataarbechter, déi un der Schoulorganisatioun gehollef hunn an déi alldeeglech sech engagéieren, sief dat an de Maison-relaisen, sief dat an der Schoul, e grousse Merci. Och d'Schoulkommissioun an d'Presidente wëll ech natierlech net vergiessen.

Maison-relaisen – déi éischt Kéier, wéi de Christian Weis nach Schoulschäffen ass, gouf nach gesot, mengen ech, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, dass 880 Kanner op der Liste d'attente sinn. Ech mengen, elo sinn et der nach 23. Dat ass enorm.

Et gëtt enorm geschafft doranner. An ech begréissen déi Vitess, mat där dat Engagement – an ech mengen, et ass net ëmmer einfach, well et geet net nëmmen ëm d'Plangen, mee et muss een hannendru goen, d'Servicer musse vill maachen. Sou datt d'Chaisë sech verduebelt hunn an datt déi Liste d'attente erofkënnt.

An och den Taux de couverture ass gutt, wa mer op 80 % kommen. Well d'Betreiung ass noutwendeg, mee ass och einfach wichteg. Well et geet ëm d'Kanner, et geet ëm eis Zukunft. An ech mengen, doranner muss een investéieren. A wéi de Schoulschäffe schonns gesot huet, investéiere mer e groussen Deel vun eisem Budget an d'Schoul.

Schoule mat e bësse méi wéi 14 an der Moyenne, ass eng gutt eng Zuel. Well mir

wëssen alleguer, datt et net einfach ass, um Terrain ze schaffen. Ech mengen, dat muss een och ëmmer soen.

D'Schoulpersonal, d'Educateuren, d'Agenten EBS, d'Intervenanten EBS, déi hunn et net ëmmer einfach a mir musse kucken, fir hinnen déi beschtméiglech Encadrementer ze ginn, fir datt se kënnen hire Beruff gutt maachen. Well wa si hire Beruff gutt maachen, dat ass en Invest an eis Kanner an dat ass enorm wichteg, wéi den Här Sehovic och schonns gesot huet.

Mir hunn och, wann ech mech richteg erënneren, am Juni hate mer hei den Infrastrukturplang hei virgestallt kritt vun de Schoulen, wou mer am Fong de Relevé gemaach hu vun all zukünfteg Schoul, déi soll gebaut ginn, awer och d'Renovatiounen.

An ech mengen, dat ass och wichteg, well dat ass eise Plang, dat gëtt eis d'Richtlinn. An dës Majoritéit wäert sech dofir asetzen, fir datt dat ëmmer reegelméisseg sou schnell et geet an d'Infrastrukturen – et geet net ëmmer alles. Et ass kee besser gëeegent wéi ech, deen dat weess. Mee mir schaffen drun, sou dass mer fir d'Leit déi bescht Méiglechkeete schafen.

Dofir nach eng Kéier vu menger Säit e groussen, grousse Merci an alles Guddes.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Den Här Baum an duerno d'Madamm Ragni.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Schoulschäffe fir déi Explikatiounen, déi hie bis elo ginn huet.

Et ass net meng 50. Schoulorganisatioun, déi ech héieren, mee ech hu probéiert séier nozerechnen, meng 24. Dat heescht, ech sinn an där Hisiicht nach e jonken Hüpfer. Mee an der Schoulorganisatioun hei zu Esch läit d'Kromm sou an der Heck, datt et mer awer virkomm ass, wéi wann et déi 50. wier.

An datt déi Kritiken, déi een da reegelméisseg äussert – an d'Madamm Agovic huet dat jo och nach eng Kéier ervirgehuewen. Et huet een d'Gefill, et widderhëlt ee sech, et widderhëlt ee sech.

Eis Kritike sinn, wat d'Schoulorganisatioun ugeet, op véier Niveauen. Ech ginn net méi an den Detail an, mee den éischte Punkt ass d'Schoulgebaier, d'Prioritéit, déi een der Qualitéit vun de Schoulgebaier selwer zougestallt. Och de Renovatiounen.

An ech mengen, d'Madamm Agovic ass jo elo intensiv drop agaangen, datt et wierklech keng Fro vun Zauberei ass, mee eng Fro vu Prioritéiten, déi e Schäfferot setzt, fir déi beschtméiglech Konditiounen eise Kanner ze ginn.

A wann déi Situatioun, sou wéi d'Madamm Agovic se beschriwwen huet, tatsächlech an deem Mooss sou besteet, dann ass och keng Zauberei gefrot, mee dann ass direkt an urgent Handele gefrot. An do feelt et awer.

An zënter Méint a Méint, an et ass net déi éischt Kéier, datt mer de Fall Groussgaass-Schoul uschwätzen, mee et war scho virun engem Joer e Sujet. An datt nach ëmmer näischt geschitt ass, ass wierklech e grousse Problem.

Et ass awer net nëmmen d'Schoulgebaier u sech, de bestoende Bestand, mee och d'Planifikatioun, wéi planifizéiert gëtt fir zukünftege Schoulraum, wou mer Kritiken hunn, wéi d'Opdeelung vun de Secteure

stattfënnt. Wéi eng Krittäre berécksiichtegt ginn, wéi eng Krittären net berécksiichtegt ginn. A wéi et och u Granularitéit feelt, wat d'sozioekonomesch Kompositioun ugeet, hu mer och scho virun e puer Méint hei gemaach. Ech wëll och do elo net weider drop agoen.

A selwer d'Erstelle vun der Schoul-organisatioun, mengen ech, ginn et aner Gemengen, déi mat anere Beispiller virginn, wéi ee se, mengen ech, och déi Schoulorganisatioun, d'Responsabilitéit, d'Responsabiliséierung och vun de Presidente méi grouss ka maachen, wéi een déi kéint an engem méi oppenen transparente Prozess erstellen. Och dat hu mer virun enger Zäit gesot.

Dir hutt awer Recht, d'Filetssteck, wann een et esou ka soen, vun dëser Diskussioun ass den Aktivitéitsrapport vun de Maison-relaisen. An do mengen ech, ginn et zwou, dräi generell Remarken ze maachen.

Dir hutt Recht, wann Dir sot, datt d'Liste d'attente ofgeschafft gëtt. Dat ass eng gutt Nouvelle fir d'Escher Kanner. Et ass eng gutt Nouvelle vun deene Kanner.

Dir hutt och zu Recht gesot, datt mer net fäerdeg sinn, datt mer do nach e Stéck Wee ze goen hunn. Och wann – an ech wëll elo net op Zuele reiden. Ech menge schonn, datt et en Ënnerscheed tëschent Taux de couverture an dem Taux d'occupatioin gëtt. Do sinn d'Zuele vläicht net grad identesch. Do si mer net bei 58, mee bei 53 %. Mee alles dat mécht der Kaz kee Bockel.

Mëttelfristeg realistescht Zil si 70 %; Dir sot no bei 80. Jo, 70 läit no bei 80. Och dat mécht der Kaz kee Bockel.

Mee d'Fro ass, datt jo effektiv d'Zil sollt sinn, bis 2030 100 % ze erreechen. Dat ass eng national Virgab. Et muss een dann awer och an der Éierlechkeet sinn a soen, déi wäerte mer warscheinlech net kënnen erreechen.

Wëssend vu wou mer hierkommen – an dat ass elo kee Virworf –, mee ech mengen, do solle mer eis einfach selwer näischt virmaachen. Och näischt beschönegen. Dat Zil wäerte mer warscheinlech net erreechen.

Da sidd Der ganz laang – an ech hunn dat och ganz wichteg fonnt – drop agaangen op déi Fro formal an nonformal Bildung. Ech mengen, datt dat wierklech en zentraalt Element ass an der Diskussioun ronderëm Maison-relaisen.

Wou et engersäits iwwerhaapt d'Méiglechkeet muss ginn, well do gëtt effektiv dru geschafft an do si mer op engem gudde Wee. An dat anert ass, wéi dat dann zesumme mat der Schoul funktionéiert. Wéi Maison-relaise mat der Schoul zesumme funktionéieren.

Dir hutt et e bëssen euphemistesch gesot, do wier nach Loft no uewen. Ech si frou, datt Der dat erkennt, datt Der gesitt, datt do effektiv nach problematesch Situatioune sinn. Et geschitt – an dat kann een och aus dem Rapport vun de Maison-relaisen erausliewen – ganz vill um Niveau vun de Maison-relaisen en rapport mat Associatiounen.

Dir hutt d'Beispiller genannt, Eltereschoul. Also et gi ganz, ganz vill Beispiller, wou Maison-relaisen do eegen Aktivitéite mat Associatioune promouvéieren, wou d'Zesummenaarbecht mat aneren Associatioune ganz gutt funktionéiert.

Wou d'Kromm zu Esch awer an der Heck läit, dat ass bedauerlecherweis d'Zesummen-aarbecht mat de Schoulen. Nämlech Maison relais a Schoulen. An dat huet och richteg organisatoresch Problemer.

Et ginn nämlech Maison-relaisen, wou d'Kanner a véier verschidde Schoule ginn.

An eleng wann ee sech dat seet, da weess een, wat fir e logistesche Problem dat bedeit. Da kann ee sech virstellen, datt déi Zesummenaarbecht tëschent Maison relais a Schoul evidenterweis Loft no uewen huet, fir Är eege Wierder ze benotzen.

Ech ginn elo hei just ee Beispill, dat ass d'Maison relais Fliedermaus, wou d'Kanner soit an d'Nonnewisen ginn, soit an de Wobrécken, soit Bruch ginn, respektiv Bruch-Annex Macon.

Evidenterweis ass dann déi Fro vu formaler an nonformaler Bildung an deen Iwwergang vu Maison relais a Schoul schwiereg, well all Schoul natierlech seng eegen Approche huet. An et si Kanner, déi, mengen ech, net dorënner leiden, déi Leidtragende sinn vun där Situatioun.

A par conter ginn et positiv Beispiller. D'Schoul Wobrécken ass eng positiv ze nennend Ausnam, wat och domadder ze dinn huet, datt d'Maison relais an d'Schoul gemeinsam geplangt gi sinn. An dat funktionéiert, zumindest no deenen Temoinagen, déi ech matkritt hunn, relativ gutt.

En anert Beispill ass d'Jean-Jaurès-Ganzdaagsschoul, wou natierlech och en holistescht Konzept hannendru stécht. An ech mengen, datt mer op deene Beispiller opbauend mussen och d'Schoulplanung an d'Zukunft gesinn.

An dofir hunn ech et awer bedauerlech fonnt, datt relativ fréi schonn eng Ausso komm ass vum fréiere Schoulschäffen, haitege Buergermeeschter, datt mer net wéilte weider op de Wee vu Ganzdaagsschoul goen. Wëssend datt dat awer e Beispill ass, wéi et ganz gutt funktionéiere kann. An och mat Resultater, déi sech wierklech weise loossen.

Ech hunn elo d'Perspektiv ageholl vu Maison-relaisen, wou d'Kanner dann op verschidde Schoulen opgedeelt sinn. Et kann een natierlech och ëmgekéiert d'Perspektiv vun de Schoulen huelen a kucken, wou se dann op Maison-relaisen opgedeelt sinn.

An do stelle mer da fest, datt et effektiv Problemer ginn an der Lallenger Schoul. Déi och verschidde Maison-relaisen huet, wou verschidde Strukture sinn, wou déi Zesummenaarbecht net terribel gutt funktionéiert.

Brill sinn d'Kanner op dräi verschidde Maison-relaisen opgedeelt. Evidenterweis bedeit dat fir formal an nonformal Bildung einfach Schwieregkeeten, fir deen Iwwergang sou kënnen ze maachen.

Ech mengen, dat si weesentlech Elementer. Ech mengen, wat d'Maison-relaisen ugeet zu Esch, et effektiv virugeet, mee datt Baustelle bestinn.

Et soll ee se net schéirieden, et soll ee se och net mat schéine Facebook-Fotoen, wéi d'Madamm Agovic et gesot huet, probéieren, méi schéin ze maachen, wéi et ass. Et soll een déi Chantiere benennen, et soll ee se och konsequent ugoen. A vläicht mat enger méi grousser Konsequenz wéi dat am Preau vun der Groussgaass-Schoul de Fall ass. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

D'Madamm Ragni an duerno den Här Schmit.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Sehovic, fir d'Presentatioun.

Wéi ëmmer ass de 15. September eng spannend Etapp hei zu Lëtzebuerg. Net nëmme fir d'Kanner, awer och fir d'ganzt Léierpersonal, d'Educateuren, a virun allem och fir d'Elteren.

Dass et dëst Joer relativ roueg ofgelaf ass, denken ech einfach, dass et, och wann et heiansdo um Terrain awer e bësselche méi spannend ass, dass et do awer dru läit, dass mer einfach gutt Leit um Terrain hunn. Mat engem Knowhow, wéi een och emol sou Situatioune gemeeschtert kritt, wann dann awer mol e puer Tréine fléissen oder et awer e bësselche méi schwéier ass, sech vun den Elteren da lasszeléisen.

D'Madamm Agovic hat och scho gesot mam Effectif. Ech mengen, dat ass wierklech e ganz positive Punkt, dass mer hei zu Esch esou en niddrege Klasseneffectif hunn, well een einfach dann och als Enseignant oder Educateur dann déi néideg Zäit huet, fir wierklech op d'Kanner anzegoen a wierklech gutt mat hinnen ze schaffen.

De Merci géif ech och nach eng Kéier vun eiser Säit aus awer ganz gär lancéieren un déi Leit, déi elo an d'Pensioun ginn. Awer och u sech un all déi Leit, déi et erméiglecht hunn, dass mer sou eng roueg Rentrée haten. Ob dat de Schoulservice ass, ob dat d'Enseignanten, d'Educateuren awer och d'Eltere sinn, déi dozou bäigedroen hunn.

Wat d'Maison-relaisen ugeet, hat ech mer u sech nogekuckt … wéi ech deemools 2017 ugefaangen hunn, do hate mer 1.107 Kanner op der Lëscht. Dovunner waren ongeféier, ech ronnen et op, 200 Kanner, wou d'Pabeieren zwar nach net ganz komplett waren etcetera.

Haut schwätze mer vun 23 Kanner, wou d'Pabeieren ofgi sinn, déi wierklech eng Plaz brauchen. 23 Kanner.

Et ass natierlech flott ze gesinn, dass an all deene Joren, och wann do verschidde Schoulschäffen elo um Wierk waren, dass eigentlech déi Philosophie, fir einfach ëmmer weider no Strukturen ze kucken, ëmmer weider Strukturen opzemaachen, fir dass mer iergendwann eng Kéier – an den Här Baum ass do net confiant, ech si ganz confiant –, dass mer do eng Kéier dann op Null sinn. Oder eis 100 % erreechen.

Ech mengen, d'Nonnewisen-Struktur, do soll jo nach eng nei Maison relais opgoen. Fir d'nächst Schouljoer hate mer an der Schoulkommissioun gesot kritt, sollt de Lallenger Däich och nach opkommen.

A wa mer do u sech richteg leien, wäre mir da bei enger Couverture vun 73 %, wann déi Strukturen elo nach an den nächste Joren opginn. An dofir bis 2030, ech si confiant. Also ech denken, dass mer dat awer, wann d'Philosophie esou weidergeet, dass mer dat dann awer wäerten erreechen.

Eng grouss Erausfuerderung – ech mengen, dat brauch ech net ze verstoppen, ech schaffe selwer am Beruff – ass natierlech och, wann een an deene selwechte Gebaier sëtzt, déi Aarbecht tëschent de Maison-relaisen an de Schoulen.

Firwat ass et eng Erausfuerderung? Éischtens emol hu mer zwar déi selwecht Kanner, awer net déi selwecht Horairen. Dat heescht, et ass immens schwéier heiansdo och wierklech, zemools an enger Rentrée, oder vläicht och, well deen ee gewëllt ass oder deen aneren net gewëllt ass, mol eng Kéier vläicht e Samschdeg ze opferen.

Et ass immens schwiereg, e Moment ze fannen, wou d'edukatiivt Personal sech wierklech, ob dat elo vun de Maison-relaisen oder ob et d'Enseignantë sinn, sech ze treffen a sech ze organiséieren. Wat awer net heescht, datt et net méiglech ass.

An ech denken, d'Volontéit war och an der Schoulkommissioun. Ech mengen, do si verschidde Presidente vun de Schoulen och present. Déi hu jo och déi Volontéit einfach, fir zesummenzeschaffen, hu se awer och ausgedréckt.

An ech hunn och do ganz kloer gesot, et seet ee jo dee Sproch „Wo ein Wille ist, ist auch ein Weg". An ech denken, dass mer wierklech wäerten do e Wee fannen, fir dee Rapprochement ze maachen.

Natierlech ass et méi einfach, wann d'Maison relais a Schoulen an deene selwechte Gebaier sëtzen. Ech mengen, dat hu mer en cours de route gemierkt. Dat hu mer och gemierkt, wa mer elo d'Schoule plangen an Zukunft, dass een dat esou sollt maachen.

Mee ech mengen, dass dat anert einfach och historesch gewuess ass. D'Schoule ware scho säit Längerem do, an op eemol koumen d'Maison-relaisen. An do huet awer u sech eigentlech déi Reglementer, wou ee sech dann drun hale muss, déi Oplagen, déi e Ministère gëtt, déi hunn da mat de Gebailechkeeten net ëmmer gepasst.

Dat heescht, et konnt een net an all Gebai, dat existéiert … ech mengen, e gutt Beispill ass zum Beispill de Brill. Do huet een dat schéint aalt Gebai, d'Schoul eigentlech. Do ass niewendrun en neit Gebai gebaut ginn, fir eng Maison relais kënnen ze integréieren. Well een awer verschidden Oplagen huet, déi een einfach muss anhalen.

Ech denken, et ass do wichteg, an den Här Sehovic huet et och scho gesot, datt een do wierklech an Zukunft kuckt, wéi een dee Rapprochement vu Schoul a Maison relais maache kann, fir dass dat Ganzt – ech mengen, et sinn déi selwecht Kanner.

A virun allem schwätze mer hei ëmmer iwwer Plazen a Chaisen a vill, vill ze wéineg iwwer d'Wuelbefannen. Well dat muss een awer och einfach mol eng Kéier soen. Et ass ëmmer schued, dass een eigentlech hei ëmmer vill méi déi negativ Punkten ervirhieft wéi eigentlech déi positiv.

An ech denken, dass et awer och einfach wichteg ass och fir déi Leit um Terrain, well déi all Dag wierklech dat Bescht maachen, fir déi Kanner ze betreien.

Ech denken, do sinn esou vill, wann een de Raport d'activité kuckt, mat engem Bëschcamp, mat Fester, mat lauter Aktivitéiten, déi wierklech an der Bildung fir d'Kanner stattfannen, dass een do wierklech awer och dat soll ervirhiewen. Well virun allem geet et ëm de Wuelbefannen am Alldag vum Kand.

Déi Kanner verbrénge wierklech vill Zäit, zum Deel méi Stonnen an de Schoulen an an de Maison-relaise wéi d'Elteren iwwerhaapt op enger Aarbecht. Si verbréngen heiansdo méi wéi aacht Stonnen op deene Plazen.

An d'Wuelbefanne vun de Kanner an d'Qualitéit, déi mer an eise Strukturen ubidden, dat soll wierklech den aussschlaggeebende Punkt … dat heescht, et geet net nëmmen duer, fir ze soen, mir bauen elo dat Gebai.

Mee do ass dat néidegt Personal an e gutt Personal, wat den Här Sehovic och scho gesot huet, wat net esou einfach ass méi ze fannen. Well et wierklech d'Educateuren e bësselchen de Moment wéi e Knätsch ausernee gezu ginn an e bëssen iwwerall agesat ginn.

An och an eiser Gesellschaft immens wichteg sinn. Och dat an de Maison-relaisen, an de Schoulen, awer och an den Altersheemer. Ech mengen, et fënnt een déi Educateuren e bësselchen iwwerall an deene soziale Beruffer.

Dofir denken ech, komm, mir kucken och, wat mer hei um Terrain hunn a wat mer erreecht hunn. An et ass ëmmer Loft no uewen an et kann een ëmmer Saache besser maachen. An ech denken, dass dat wierklech och net gewëllt ass vun dësem Schäfferot. Ech denken, dass do sech awer wierklech och vill Méi gemaach gëtt, fir einfach déi néideg Qualitéit um Terrain och ze halen.

Wat ech awer och nach erwäne wollt, ass eigentlech de PDIS, deen entstanen ass. Ech mengen, dee gëtt eis och den néidegen Unhaltspunkt, fir ze kucken, wou mer higoe wëllen, wou mer higoe sollen, wat mer eigentlech brauchen.

An et ass och en Outil, deen eis den néidege Moyen gëtt an och dem Schäfferot herno u sech d'Justifikatioun gëtt, firwat dass déi Suen eigentlech gebraucht ginn an a wéi eng Gebailechkeete se solle fléissen, fir d'Maison-relaisen, fir d'Schoulen.

Ech mengen, dat ass awer sou e bësselchen e Guide eigentlech fir eis, fir ze kucken, wouhi mer goe wëllen a wouhi mer goe sollen, fir dass mer déi néideg Plaze schafe kënne fir eis Kanner.

Fir de Rescht hoffen ech, dass et fir dëst Schouljoer da grad esou roueg weidergeet, wéi et ugefaangen huet. An den Enseignanten an den Educateuren um Terrain déi néideg Gedold an och den néidege Spaass um Terrain, fir d'Kanner dann ze betreien.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit an duerno d'Madamm Scholl.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Mer wëssen alleguer, also d'Infrastruktur-problemer. Mir hu vun der Groussgaass-Schoul a vum Preau geschwat. Dat ass an Esch bekannt.

Et ass wouer, datt et elo scho laang dauert. Mir hoffe just, datt da sou schnell wéi méiglech do awer kann intervenéiert ginn, well dat dauert jo elo scho Méint. Datt do dann eng Léisung fonnt gëtt, fir dat op d'mannst provisoresch ze verdichten. Wann net endgülteg ze behiewen.

Dat wier am Interêt vun den Elteren a vun de Kanner natierlech an och vum Personal, wou do schafft.

Also wierklech, dat ass e Punkt, wou een trotzdeem muss erwänen, well dat ville Leit op de Geescht geet. An domat hunn ech dat dann och gemaach. An do haten och d'Virriedner, géif ech soen, gréisstendeels Recht, wa se soen, datt dee Mangel muss behuewe ginn. Do si mir och där Meenung.

Natierlech weess ech och, datt et praktesch net ëmmer esou einfach ass, dat hinzekréien. Dofir ass et keen, solle mer soen, et ass just am Fong geholl eng Initiativ vu mir, fir ze hoffen, datt esou schnell wéi méiglech do eng Léisung fonnt gëtt, ouni elo wëllen ee mat Steng ze bewerfen.

Ech weess, datt et am Prakteschen och net ëmmer esou einfach ass, wéi dat vläicht vu bausse kéint schéngen. Dat zu deem gréissere Problem, wat d'Groussgaass-Schoul ubelaangt.

Mer haten och geschwat vun de Konzepter, dat ass ganz wichteg. Integratioun, Ganz-tagsschoul, Bindung vun der Schoul mat de Maison-relaisen. An et ass wouer, datt mer

sollten an déi Richtung goe vun eenheetleche Gebaier. Mer sollten et versichen, mer sollten eist Méiglechst maachen, fir dat ze realiséieren.

Et ass wouer, datt et net iwwerall méiglech ass. Mee do, wou et méiglech ass a wou ee kann innovativ Iddie fannen, fir et ze erméiglechen, sollt een dee Wee goen.

Et ass wierklech esou, datt dat, bewisenerweis géif ech soen, déi einfachst Saach, fir mat deem Problem ëmzegoen. A fir de smoothen – Dir hat dat Wuert virdru gebraucht, Här Sehovic – Iwwergang tëschent deenen zwee Entitéiten am beschten ze bewältegen, ass bestëmmt, datt een dat ganz no dobäi huet. An am beschten an engem Gebai.

Domat géif een am Fong geholl ville Problemer aus dem Wee goen, déi wou eeben duerch d'Distanz an och vläicht e gewësse Manktem u Kommunikatioun dann entstinn, wann dat net an de selwechte Raimlechkeeten ass. Dat heescht, d'Schoul an d'Maison-relaisen.

Ech wëll mech och hei zum Sproochrouer vun den Eltere maachen, déi u mech erugetruede sinn, fir e puer Saache vläicht ze erwänen an e puer, solle mer soen, Ängscht, solle mer soen, hei matzedeelen, déi wou déi Elteren eeben haten. Déi wou mat mir geschwat hunn op jiddefalls.

Do ass et engersäits, d'Alphabetisatioun op Franséisch ass nach ëmmer e Sujet. Dat heescht, do si vill Leit, déi sinn nach ëmmer veronséchert. An ech géif soen, dat musse mer am A behalen. Vläicht souguer nach méi informéieren a begleeden. An och kucken am Fong geholl, wéi déi Schüler sech entwéckele par rapport zu deenen anere Schüler.

Dat wär vläicht eng Pist, wou ee kéint goen, fir am Fong geholl d'Leit och ze rassuréieren. An datt mer do net, solle mer soen, a gréisser Problemer kommen, déi wou am Fong geholl onnéideg wären an déi wou een en amont hätt kënne behiewen, wann een do op Gefiller vun de Leit a vun den Elteren agaange wär a sech ëm dat Theema géif këmmeren.

Dat ass an de Käpp vun de Leit nach ëmmer eng grouss Saach. Ech hunn dat hei zu Esch och gemierkt. Dofir wär dat vläicht och eng Iddi, sech dorëms ze këmmeren an dee Wee ze goen.

Wat ech mer hei nach opgeschriwwen hat, dat ass, jo, et si verschiddener, déi verstinn och net déi Saach mam Handyverbot déi eng Säit an déi aner Säit den iPad fir jiddwereen.

Ech weess, dat schéngt, solle mer soen, sech ze widderspriechen. Et misst een et awer och gutt erklären, well ech mengen, dat widdersprécht sech am Fong geholl net esou.

Dat heescht, wéi ech et gesinn, ass den Handyverbot am Fong geholl éischter eng gutt Saach an dat ass och eppes, wat ee ka matdroen. Mee dat heescht net, datt net all Kand sollt en iPad oder e Laptop zur Verfügung kënnen hunn.

An zwar an deem Kontext, datt dat eent eeben ass, datt een net ëmmer op eppes zougräife kann, egal wéi ee wëll; an dat ass richteg. Dat anert ass, datt de Schoulmeeschter oder d'Joffer awer muss d'Méiglechkeet hunn, pedagogesch déi nei Technologien un d'Kanner erunzebréngen, wann de Moment do ass a wann et néideg ass. An datt do dann och dat néidegt Material do ass, fir kënne mat de Kanner ze schaffen

Also déi zwou Saache schléisse sech am Fong geholl net aus. An déi zwou Saache sinn awer wichteg a mengen Aen, fir datt mer hei an deem Beräich virukommen. Dat heescht, d'Kanner däerfen net, an dat ass gutt, gestéiert

ginn an ëmmer den Handy dobäi hunn a sou sech net méi konzentréieren. Ganz gutt Saach.

Déi aner Saach ass awer och, et muss ee kucken, wann den Här Leerer oder d'Joffer wëll mat de Kanner schaffen an deem Beräich Technik an Informatik, datt se dann e Laptop oder e Pad zur Verfügung hunn; a jidderween, fir dat och kënnen ze maachen. An net datt zwee oder dräi Kanner sech musse mat engem Gerät zefridde ginn, fir iwwer d'Ronnen ze kommen. Wéi ech héieren hunn, datt et alt scho mol de Fall gewiescht wär.

A wann een déi Richtung géif schaffen, géif ech soen, da wier een um ganz gudde Wee. A mir hoffen, datt dat dann op dee Wee geet an datt dat da méiglech ass, sou schnell wéi méiglech.

Wat ech nach wollt soen, ech hu vill Elteren, e puer Elteren op jiddefalls, déi wou mer gesot hunn, datt Bëschklasse fir si eng interessant Saach wär an datt et awer am Fong geholl Schwieregkeeten do géif ginn, fir datt hir Kanner do kéinten integréiert ginn

Dee Wee, wéi gesot, fannen ech eng gutt Saach. Dir hat och geschwat, datt souwisou och an den normale Schoulen do Konzepter iwwerluecht ginn, fir am Fong geholl d'Natur an d'Kanner méi an Einklang ze bréngen. Dat fannen ech och e positiven Aspekt an eng gutt Saach.

Wat d'Bëschklassen u sech ubelaangt, ass et warscheinlech esou, datt déi Offer do limitéiert ass hei zu Esch. Et kann ee verstoen. Ass do nach eppes machbar, fir do trotzdeem nach sou Klassen an d'Liewen ze ruffen?

Dat sinn anscheinend Elteren, déi wou do frou wären, wann do nach eppes Zousätzleches kéint gemaach ginn. Op jiddefalls, dat ass emol, wat mir gesot ginn ass.

Jo, da wëll ech nach just trotzdeem –d'Rentrée ass jo awer zimmlech gutt verlaf, wéi ech héieren hunn – jiddwerengem Acteur an deem Beräich Merci soen, dee wou dozou bäigedroen huet. An ech hoffen, datt mer alleguerten dann an déi richteg Richtung kënnen um selwechte Seel zéien, fir déi Problem a Mëssstänn, wou et nach am Moment ginn, esou schnell wéi méiglech ze behiewen.

Ech wëll nach hei soen, datt trotzdeem déi Efforten an Erklärungen, wou gemaach ginn, wéi den Här Sehovic och erkläert huet, datt mer dat awer begréissen an datt doutsécher net alles schlecht ass, wat hei zu Esch gemaach gëtt. Dat wëll ech awer trotzdeem nach emol ervirhiewen.

An domat soen ech lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Madamm Scholl.

Mme Daliah Scholl (DP)

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, e ganz grousse Merci. E grousse Merci un de Schoulservice, e grousse Merci un d'Schoulpersonal, e grousse Merci un d'Personal vun de Maison-relaisen.

Här Sehovic, Dir hutt gewisen, datt mer an eng positiv Richtung ginn. Mir investéieren an eis Kanner, an eis Zukunft. A jee.

Mir ginn och de gesellschaftlechen Eraus-fuerderungen, mir stellen eis deenen. Eng Erausfuerderung ass och weiderhin, déi kognitiv an emotional Entwécklung vun de Kanner ze begleeden.

Dir hat geschwat, dass d'Zännrieder vun der formaler an der nonformaler Bildung sollen

aneneegräifen. Dir hutt mat ganz flotte Beispiller erzielt, wat mer engersäits am Centre Nature et Forêt am Ellergronn wëlles hunn an och weider dichteg geschafft gëtt. Beweegung, déi ganz héich usteet.

Et ass awer och esou, dass déi emotional Bildung och ka weiderentwéckelt ginn duerch d'Musek. A positiv Emotioune wéi Gléck a Freed kënnen do opgebaut ginn an de Stress an d'Ängschte kënnen duerch d'Musek ofgebaut ginn.

Dofir wäert ech mech weiderhi grouss-maachen, dass Musek soll den Zougang fannen zu eise Maison-relaisen.

Do ass da meng Fro, quitt dass dat vläicht de Budget géif sprengen, mee fir mech wär et wichteg, dass e Piano an all Maison relais kënnt. Dass eng Chorale do soll opgebaut ginn, fir kënnen effektiv déi positiv Welle vun der Musek, dass déi dann och do an de Maison-relaise kënne fruuchten.

Wéi gesot, d'Zännrieder solle gräifen tëschent der formaler an nonformaler Bildung. An ech mengen, d'Musek gehéiert dozou. An do wäerte mer eis sécherlech eens sinn. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Scholl.

Soss gëtt et keng Wuertmeldungen zu deem Punkt. Dann huet den Här Sehovic d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir den Debat a fir déi vill Ureegungen.

Ech wëll direkt ufänke ganz hannen an lech, Madamm Scholl, Merci soen, well Der natierlech op e ganz wichtege schwaarze Fleck e bëssen opgewisen hutt, deen ech a menger Ried nämlech net erwäänt hunn. Nämlech effektiv de Rôle, dee Musek a Kultur insgesamt eigentlech och an der Schoul an an der Maison relais spillen.

Och do gëtt et eng Rei vu Kooperatiounen, notamment am Kader vum Programm Kulturama, deen am Moment och op nationalem Niveau amgaangen ass, iwwerschafft ze ginn. An Dir hutt ganz zu Recht drop higewisen, dass dat natierlech, wat déi emotional, wat déi sozioemotional Entwécklung vun eise Kanner ugeet, och e wichtege Rôle ze spillen huet. An dat huele mer ganz seriö.

Mir hunn eng Rei vun Diskussiouen gefouert elo iwwer Schoulgebaier, iwwer Infrastrukturen, Gebailechkeeten. An ech wëll do nach eng Kéier awer de Rappel maache vun deem, wat mer virum Summer diskutéiert hunn.

D'Stad Esch ass déi eenzeg Gemeng am Land, déi sech mam Plan de développement des infrastructures scolaires e moossbare Plang ginn huet. Mat enger klorer Analys eigentlech vun der Situatioun vun der Problemer, déi mer haut hunn an déi mer net doutschweigen an net ignoréieren, mee kloer benannt hunn am PDIS.A wou mer awer och ganz wichteg als Schäfferot eng ganz Rei vun Handlungsachse pro Schoul-gebai an och pro Quartier definéiert hunn.

An ech hat lech bei der Presentatioun vum Plan de développement des infrastructures scolaires annoncéiert, dass natierlech och déi Prioritéiten, déi an deem Plang drastinn, sech ab dem nächste Budget och am Budget erëmspigele wäerten. Sou dass mer do wierklech e moossbaren Outil hunn, fir de Progrès vun dëser Majoritéit an deem Beräich ze gesinn.

An deem PDIS ass eng vun de Prioritéiten, déi mer notamment fir den Zentrum hei definéiert hunn, d'Renovatioun vun der Groussgaass-Schoul an och vum Ale Lycée. Wat effektiv zwee eeler Schoulgebaier sinn, déi éischtens relativ kleng sinn an zweetens awer sou lues e gréisseren Invest wäerte benéidegen, fir d'Qualitéit vum Enseignement weiderhi kënnen ze garantéieren.

Mir haten am Abrëll rieds, Madamm Agovic, iwwer en Etanchitéitsproblem. Ech hat lech deemools esou verstanen, wéi wann Der den Etanchitéitsproblem gemengt hutt an der Lallenger Schoul, dee mer tatsächlech zu deem Zäitpunkt och haten. Dat si Saachen, déi geschéien.

Gebailechkeeten, dat kenne mer alleguer, grad wa se an e gewëssen Alter kommen, hu verschidde Problemer. Mir sinn do hannendrun, fir déi ze léisen. Dee Problem an der Lallenger Schoul ass mer rapportéiert ginn, ass och geléist ginn.

Wat de Problem an der Groussgaass-Schoul ass, an ech hat de Moie virum Gemengerot och nach en Echange mam Chef vun der Division de l'Architecture dozou. Mir hunn an der Groussgaass – an do wëll ech vläicht e bëssen awer berouegen elo och déi Leit, déi eis nolauschteren.

Et reent net eran an d'Schoul. Mir hunn en Etanchitéitsproblem an enger Annex, déi bäigebaut ginn ass, fir dass d'Kanner net mussen duerch Klassesäll goen, fir op d'Toilette ze goen. Sou dass et do effektiv en Etanchitéitsproblem gëtt, dee sech manifestéiert, wann et vill reent.

An do musse mer op zwou Achsen agéieren. Dat eent ass, dass mer kuerzfristeg – an do ass d'Division de l'Architectes hannendrun elo – iergendwéi musse kucken, fir dee Problem kuerzfristeg ze behiewen.

Et ass, nach eng Kéier, e Feeler an der Konstruktioun vun där Annex, deen einfach mécht, wann et reent, dass d'Waasser quasi tëschent der Annex an dem eigentleche Schoulgebai duerchsickert an da säi Wee era sicht.

Mir mussen dat kuerzfristeg dichtmaachen. Dat hu mer ëmmer erëm gemaach a mir wäerten déi Interventioun och erëm maachen, fir et kuerzfristeg dichtzemaachen. Mee de Problem wäert esou laang bestoen, wéi mer net eng komplett nei Léisung fir déi doten Annex maachen.

Mir wäerten déi ewechhuele mussen an eppes Neies dohinner bauen. An dat sinn déi Aarbechten, un deene mer schaffen. Do gëtt et nach keng Pläng, mee éischt Etüden, déi mer gemaach hunn.

An domadder wäerte mer an enger éischter Etapp am Schäfferot eis befaassen, an dann an d'Schoul goen, zesumme mat der Schoul diskutéieren an dann och sécher hei am Gemengerot le moment venu diskutéieren.

Et ass och ugeklongen, dass et eng gewëss Penurie gëtt oder dass et Eltere gëtt, déi et schued fannen, dass hir Kanner net kënnen d'Escher Bëschklasse frequentéieren. Dat ass eng Problematik, där mir eis bewosst sinn.

Mir hunn einfach net méi Plaz an der bestoender Struktur a wëssen awer, dass et eng Offer ass, eng alternativ pedagogesch Offer, wou d'Kanner jo wierklech kënnen hire ganze Schouldag am Bësch verbréngen. Déi ganz gutt ukënnt, déi ëmmer méi sollicitéiert gëtt.

An dowéinst hu mer jo och schonn annoncéiert, an do si mer amgaangen, drun ze schaffen am Kader vum PDIS, dass mer gär géingen d'Bëschklassen erweideren, andeems mer e méi grousst Gebai bauen, wou mer dann och nach méi Offer kéinte maachen. Do sinn d'Diskussiounen en cours.

Et ass e puermol ugeklongen, an dat war jo eppes, wann ee sech d'ëffentlech Diskussioun an de leschten Deeg a Wochen e bëssen ugekuckt huet, e groussen Theema war an dëser Rentrée, wierklech déi Penurie an de Betreiungsstrukturen.

Wann ech kucken, dass eng Stad Lëtzebuerg bal 700 Kanner op der Liste d'attente huet – et war leschte Weekend eng Emissioun um Radio, wou et just ëm déi Problematik gaangen ass, wou ganz vill Elteren hir Verzweiflung, hire Frust och op Antenn kloer manifestéiert hunn.

Do waren der aus alle méigleche Gemengen. Do ware keng Escherinnen an Escher dobäi, well, nach eng Kéier, d'Situatioun zu Esch grad am Verglach och mat anere Gemengen sech an de leschte Joren entspaant huet.

Mee ech bleiwen awer dobäi: Mir hu gutt geschafft, dat gëtt eis elo eng gewëss Rou, mee et bleift nach vill ze dinn. An och déi Prioritéiten hu mer ganz kloer ausbuschtawéiert. An déi wäerten eeben dozou féieren, dass mer der Rouder Lëns, wa mer do sinn, da wierklech op en Taux de couverture kommen, dee Richtung 80 % ass. Net 70 %, mee 78, 79 – bon, ech hunn d'Zuelen net méi genau am Kapp –, an déi Richtung geet.

An da gëtt, dat ass ugeschwat ginn – bon, eng national Virgab ass et nach net. Et gëtt eng Wëllenserklärung am Koalitiounsprogramm vun der Regierung, fir effektiv bis 2030 all Kand eng Plaz an enger Maison relais kënnen ze garantéieren.

Ob dee Besoin tatsächlech 2030 do wäert si fir all Kand an enger Maison relais, wëssend dass et jo och Eltere gëtt, déi ganz bewosst dee Choix net huelen, dat muss sech weisen.

An dat zweet, wat sech weise muss a wat eng Erwaardung ass – well et ass dat eent, dass een op nationalem Niveau Prioritéiten definéiert. Hei si mer ganz kloer an engem Beräich, wou d'Gemenge musse liwweren. An déi Investitiounen, déi mer maachen, déi mer weiderhin och gär wëlle maachen, ginn net, wann net och nach déi staatlech Ënnerstëtzung deementspriechen eropgeet.

Dee Subventionnement, dee mer vum Staat kréie fir de Bau vun eise Maison-relaisen, ass e Subventionnement, dee längst net méi der Realitéit entsprécht. En Taux, deen 2008 fixéiert ginn ass a säitdeem net méi ugepasst ginn ass.

Wann ee weess, wéi de Bauindex sech entwéckelt huet, wéi d'Käschte sech entwéckelt hunn am Bau vun deene Strukturen, dann ass dat eng Situatioun, déi net tenable ass. An dowéinst waarde mer och gespaant dorobber.

Do gouf et Annoncen, dass eigentlech de Subventiounsschlëssel fir d'Gemenge ganz dréngend no uewe muss korrigéiert ginn. An da mengen ech, dass mer awer an enger ganz gudder Perspektiv si bis 2030.

Mir hunn effektiv eng Situatioun an eise Maison-relaisen an och an de Schoulen, dass mer net kënne soen, dass d'Populatioun vun der Maison relais eent zu eent iwwereneestëmmt mat der Schoul, déi am jeeweilege Ressort ass.

Dat bréngt eng ganz Rei vu logisteschen Erausfuerderungen; den Här Baum huet et kloer benannt. Dat ass ganz kloer. Dee Schoultransport do ronderëm organiséiere mussen, all ass all Joer eng Erausfuerderung. Mir maachen eist Bescht a garantéieren deen Transport och ganz gutt.

Dat ass eng Situatioun, dat muss een awer och ganz kloer benennen, deen éischter aus der Nout – et ass net de Wonsch vun iergendengem. Dat ass eng Situatioun, déi

och aus der Nout eraus entstanen ass, dass mer ganz laang net genuch Plazen haten.

A fir vill Famillje weesentlech besser ass, dass d'Kand eng Plaz huet an enger Betreiungsstruktur, och wann dat bedeit, dass et muss mam Pedibus oder mam Bus op eng aner Plaz goen, wéi dass et guer keng Plaz huet. Mat all deene Problemer, déi dann am familiären Alldag vun deene Leit och entstinn.

Sou dass dat einfach aus der Nout gebuer ass. An och, jee méi mer Plazen hunn, desto manner ass dat eng Situatioun, déi mer wäerten erëmfannen.

Ech wëll zum Schluss ganz kuerz nach, well ech dat komplett vergiess hunn, ee Wuert verléieren och nach iwwer d'Konventioun Pedibus. De Punkt 2.3., dee mer jo hei am Block och dran hunn.

Dat ass eigentlech den Avenant vun der Konventioun, déi mer all Joer ënnerschreiwen. An déi finanziell Mëttele fir d'Pedibus ASBL – dat ass jo e Service, dee mer quasi an enger ASBL ubidden –, fir do eebe kënnen de Subventionnement vun der ASBL ze garantéieren, fir kënnen d'Salairen ze bezuele vun eisen Accompagnatricen an Accompagnateuren.

Dat kann ech elo vläicht rapportéiere vum Terrain. Wann Der lech erënnert un d'Diskussioun d'lescht Joer, wou mer jo d'Decisioun geholl hunn, d'Salairë substanziell ze erhéije vun den Accompagnateuren an Accompagnatricen op ronn 20 € d'Stonn. Dat hu mer gemaach aus engem Souci, dass mer gemierkt hunn, dass et einfach ëmmer méi schwéier gëtt, Leit ze fannen, fir deen dote Service ze assuréieren.

Déi substanziell Erhéijung vum Stonneloun huet effektiv dozou gefouert, dass mer méi Personal konnte rekrutéieren. Wat eis och erméiglech huet, an dësem Schouljoer punktuell op verschiddene Linnen, déi mer als prioritär ugesinn hunn, och en zweeten Accompagnateur oder eng zweet Accompagnatrice bei der Linn dobäi ze hunn.

Mee mir mussen dat weider am Bléck behalen a wäerten och weider Efforte maachen, fir och do gutt Aarbechtskonditiounen ze bidden. An op der anerer Säit och e gudde Service ze bidden, fir déi Kanner, déi de Pedibus an Usproch huelen.

Ech soe Merci an ech bieden dann awer ëm d'Ënnerstëtzung fir d'Konventioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Also als éischt maache mer elo mol de Vott fir Punkt 2.1. Da maache mer d'Diskussioun op, wann nach een eppes zum Pedibus wëll soen, an da stëmme mer duerno iwwer de Pedibus.

Als éischt elo den 2.1.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

2.3. Convention Pedibus ; avenant ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Och fir den Här Knaff war et déi 50. Kéier, dass eng Schoulorganisatioun gestëmmt gouf.

Elo komme mer bei de Pedibus. Bon, den Här Sehovic huet scho virgegraff. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Wéi ech déi Konventioun vum Pedibus do leien hat – Dir hutt elo eng kleng Explikatioun gemaach, wat mer eis jo konnten denken, wat mat deem Pedibus bezuelt gëtt.

Trotzdeem wëll ech hei drun erënneren, dass mer hei iwwer eng ASBL sinn, wou awer vill Sue vun der ëffentlecher Hand benotzt ginn, fir sécher eppes Wënscheswäertes ze bezuelen.

Also wéi gesot, d'Form stelle mer net a Fro, ech wär just frou gewiescht, wa mer hei de Bilan kritt hätten. Dee muss jo deposéiert ginn. Dat mécht der ganzer Saach dann awer e gewësse Seriö. An ech denken, fir eis ass et dann och méi einfach, fir verschidde Saachen nozevillzéien.

Notamment well mer 2025 jo just 100.000 € drophaten, wou mer 2022, 2023, 2024 – Dir korrigéiert mech – 170.000 € schonn haten. Dunn erofgaange sinn op 100.000, elo erëm op 170.000 €.

Ech hunn effektiv net fonnt – ech denken, dass Der d'lescht Joer eng Explikatioun dozou ginn hat, dass do d'Montanten e bësse geännert hunn. Oder vill geännert. An dat wär héchstwarscheinlech aus de Konten erauszeliesen.

Well ech hunn, wéi ech op Pedibus nogesicht hunn, do sinn ech op de Séchere Schoulwee gestouss. Do verspriecht Der zum Beispill – a, eng kleng Klammer. Dofir wär et och vläicht flott gewiescht, wa mer all déi Pedibussen, déi et ginn, sou op enger Kaart vläicht mol alleguer do leien hätten, fir dass mer gesinn, mir sinn dann awer en denset, urbaant Gebitt, wou mer dann iwwerall déi Kanner siche ginn.

Ech mengen, dat wär fir mech op alle Fall emol interessant gewiescht. Ech mengen, fir lech all och. Dat ass jo elo keng Rocket Science an et ass och, mengen ech, kee Geheimnis. Ech mengen, dat hätt ee jo kënne projezéieren. An ech mengen, dat hätt och gutt zu Gesiicht gestanen.

Well wéi ech scho virdru gesot hunn, sinn ech op de Séchere Schoulwee gestouss, an do sot Der, dass Der – an dat hutt Der 2022 an 2023 versprach – Bruch zwee, Lalleng dräi1, Neiduerf eent, Wobrécken eent bis véier, Nonnewisen zwee, Brill eent bis véier a Jean Jaurès eent bis zwee, also eelef Linne géift bäisetzen.

An deem Fall, wou e Plang hei géif dobäileien, wéisste mir och, wéi vill vun deene Pedibussen an deem Séchere Schoulwee, dee jo dann déi Ukënnegung war, déi et war, dann och wierklech dobäi komm sinn.

An dat hätt jo dann Impakt op d'Finanzen, well da géife mer och gesinn – well wann ech déi Finanzen elo gesinn, ass et fir mech net ersiichtlech, dass do iergend e Changement kënnt, notamment dass eebe just d'Präisser vun den Accompagnateuren an d'Luucht ginn.

Also ganz éierlech, mir sinn hei bereet, souguer nach méi Suen ze gi fir de Pedibus. Well fir mech ass et net nëmmen e gutt

Mobilitéitstool, mee et ass och e Léiertool fir d'Kanner. A mir sinn eis jo alleguer eens, dass mer hoffen, dass d'Kanner d'Elteren och e bëssen eduquéieren, wat d'Mobilitéit ubelaangt.

Also do soll eis kee Vag ze schued ze sinn.

Et kënnt awer trotzdeem, wéi ech de Séchere Schoulwee duerchgekuckt hunn nach eng Kéier op alleguer déi Saachen, déi do sollten ëmgesat ginn, hunn ech dann duerchgelies an ech, jo, et ass mer elo e bëssen – wéi gesot, ech sinn do nach eng Kéier richteg erféiert ginn. Well ech weess elo net, ob et an engem Gemengerot war oder an enger Mobilitéitskommissioun oder am Grouss. Do ass hei ugekënnegt ginn, de Séchere Schoulwee ass en place.

Also do ginn et elo zwou Saachen. Op der enger Säit sinn déi Moossnamen net ëmgesat ginn; dat si mer eis jo eens. Do sinn och Saachen dobäi, dass déi ganz Uelzechtstrooss misst neigemaach ginn, mat den Niewestroossen. Dat ass eng vun de Moossnamen, natierlech op laang Dauer. Bei lech warscheinlech illimitéiert, wann Dir an där doter Konstellatioun beieneebleift.

Mee fir mech ass et virun allem eng Ausso, déi net nëmme falsch ass, mee virun allem geféierlech. Well wann ee sech op de Réck klappt déi ganz Zäit a seet, dat do ass en place – gitt eng Kéier op Lalleng, gitt an de Gruef, gitt an d'Groussgaass an da kuckt Der lech dat un. An da sot Der mer, souguer wa sollt de Séchere Schoulwee en place sinn, da geet dat net duer. Well dat ass alles geféierlech.

Mir hunn elo déi ganz Zäit – d'Madamm Ragni huet gesot, mir géifen déi ganz Zäit dat Negatiivt weisen. Dat musse mer maachen, well – an elo gräifen ech vläicht op d'Ried vu virdru vum Här Sehovic nach eng Kéier zeréck – do ëmmer nëmme gemaach gëtt, wéi wann Esch e Paradis wier, wat d'Schoul ubelaangt.

Also mir setze guer net a Fro, datt déi Efforte – an Dir hutt alleguer drop higewisen – vun de Maison-relaisen, déi gemaach gi si vun där doter Konstellatioun. Déi setze mer guer net a Fro. An dee war konsiderabel an dofir sidd Der massiv ze luewen. An och dee ganze Programm setze mer absolutt net a Fro.

Mir setzen och net d'Enseignanten a Fro. Mee mir setzen a Fro, dass déi ganz Zäit, nach eng Kéier, dass déi Schoul dohinner gestallt gëtt, wéi wa mir eng Schoulpolitik géife maache wéi vun engem anere Stär.

Ech hunn et schonn an enger Ried virdru gesot, ech mengen, d'lescht Joer gesot no der Madamm Agovic hirer Ried. Déi Enseignanten an deene verschiddene Schoulen, an notamment an den Zentrumsschoulen, si Leit, déi eis als Elue wouerhuelen, eis Saache matginn a mir huelen eisen Optrag als Elue wouer, fir dee Message heihinner ze bréngen.

Well elo mat der Groussgaass-Schoul ass et jo net gedoen, mee dat war elo deen éischten, an dat ass dee flagrantsten.

Well et ass eeben net wouer, dass et just en Deel ass, wou d'Kanner sollen dréche vum Schoulhaff op d'Toilette kommen. Dee Preau gëtt genotzt fir Kanner mat Besoins spécifiques a Cours-d'appuien. An dat och nach parallell.

A wa mer eis do net a Fro stellen, genau wéi beim Séchere Schoulwee, dass d'Schoul net nëmme Lummerland ass, mee dass d'Schoul en Challenge ass – an ech fannen, dat soll ee vill méi bewosst hei projezéieren. An do ginn ech éischter mat der Expressioun vun der Madamm Scholl, éischter soen, mir sinn um richtege Wee.

Dat gëtt deem Ganzen de richtegen Dréi. Mir wëllen an de richtege Wee, mee mir sinn nach net do. An hei héieren ech awer just vun der Majoritéit: Et ass immens.

Eis Enseignantë gesinn et net esou an eis Enseignantë si gechallengt a si huelen deen Challenge un. An dofir sëtze mer, och wann hei ëmmer gesot gëtt, eis Enseignanten, eis Leit an déi aner, déi an e Maison-relaise schaffen. Jo, séi si gechallengt an ech bewonneren déi Aarbecht, wou se maachen. An och déi setze mer hei net a Fro.

Mee wéi sti mer als Politik do, wa mer enger Groussgaass-Schoul erklären, dass mer 75 Milliounen …

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Faltz, ech sinn e gedëllege Mënsch, mee Dir schwätzt grad iwwer d'Schoulorganisatioun.

Ech loossen Iech elo ofschléissen, wann-echgelift.

Ech mengen, dass mer kënne proposéieren, dass mer an Zukunft, wa mer iwwer d'Schoulorganisatioun schwätzen, entweeder am Juni oder am September, dass mer do och de Séchere Schoulwee zousätzlech mat op den Ordre du jour setzen. Dat dee Moment da mat uschwätzen.

Ech loossen Iech och elo ofschléissen. Wannechgelift kommt awer erëm à la base zeréck. D'Schoulorganisatioun war de Punkt virdrun.

M. Steve Faltz (LSAP)

Okee, da keng Schoulorganisatioun, mee dann nach eng Kéier de Pedibus.

An och do soen ech, den Challenge solle mer ugoen. A genau wéi mer dat an de Schoule sollen ugoen.

An dofir wär ech frou, wa mer déi Donnéeën an nächster Zukunft, d'Konten, an da schléissen ech esou of, d'Konten an de Pedibus, deen am Moment en place ass, souwéi déi, déi projezéiert sinn, dass mer déi beim Dossier leien hunn.

A wann et méiglech wär, Här Sehovic, dass mer déi och elo kéinten alleguer agesinn. Also ech géif et virun allem an eisem Interêt maachen. Dofir villmools merci an entschëllegt fir den Exkurs.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech ënnerstëtzen den Här Faltz a senger Fro, datt mer – well déi Diskussioun hate mer jo schonn e puermol. Wa mer ASBLe Konventioune ginn, datt mer vun deenen ASBLen, an déi meescht hunn dat jo och, e Rapport d'activité froen, respektiv e Budget estimatif. Datt mer och wierklech gesinn, wat mat deene Sue geschitt.

Dat ass, mengen ech, eng Fro vun Transparenz. An au vue vun all deene Geschichten, déi mat ASBLen an der Vergaangenheet ëmmer erëm zu Diskussioune gefouert hunn, wier dat eppes, wat eis net nëmme gutt zu Gesiicht géif stoen, mee wierklech och wou mer dann deemno wéi kéinten d'Kand beim Numm nennen.

Virdru si mer nämlech gewuer ginn, et kann een net méi soen, datt et an e Preau erareent, wann en Eemer do steet, fir d'Waasser opzefänken, mee dat gëtt da just nach benannt als Etanchitéitsproblem, wann et vill reent.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Schmit huet d'Wuert, fir bestëmmt och iwwer d'Konventioun Pedibus ze schwätzen an net iwwer architektural Problemer an eise Schoulen.

M. Bernard Schmit (ADR)

Jo, richteg. Dat maachen ech och esou. Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Wéi den Här Baum et och gesot huet, richteg. Anerer hunn et och scho gesot, datt een ëmmer déi néideg Dokumenter huet wéi e Budget, dat ass logesch. Dat musse mer leider ëmmer erëm hei widderhuelen.

Zemools bei deene Montanten, déi wou schnell an d'Luucht ginn. Also do wär dat wierklech ubruecht.

Awer anerersäits muss ech och soen, datt mer dat heiten trotzdeem gutt fannen an och déi ganz Efforten hei net a Fro stelle wëllen. An dofir sinn ech och domat d'accord.

Mee just nach eng Kéier fir ze soen, bei all gréissere Saachen, wou de Budget schnell an d'Dausender geet, wär et gutt, wa mer déi néideg Dokumenter dobäi hätten, fir einfach ze wëssen, wou genau ginn déi Suen hin a wat geschitt domadder.

A wéi gesot, bei Sue sinn ech ëmmer e bësse kriddeleg, dofir wollt ech dat trotzdeem nach eng Kéier hei ervirhiewen. Do muss awer dru geschafft ginn, datt mer dat kréien an Zukunft. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

An den Här Bermes huet d'Wuert.

M. Pascal Bermes (CSV)

Jo, fir iwwer de Pedibus ze schwätzen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Genau.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci, Här Buergermeeschter.

Ganz kuerz. Mir ënnerstëtzen natierlech déi Initiativ Pedibus, well et ass eng wichteg Saach, dass eis Kanner kënnen a Sécherheet an d'Schoul goen.

A mir sinn eis och bewosst, dass et ni eng honnertprozenteg Sécherheet ass. Et ass e lafende Prozess. An ech mengen, dass dës Majoritéit andauernd kuckt, fir Saachen ze änneren, ze verbesseren, dass eis Kanner, an dësem Fall mam Pedibus, an d'Schoul kommen.

Mir begréissen d'Initiativ. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci.

Da kucken ech nach eng Kéier an d'Ronn.

An den Här Sehovic huet d'Wuert, fir iwwer d'Konventioun Pedibus ze schwätzen.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Bon, ech wäert kuerz vläicht awer nach déi eng oder aner Äntwert wëlle ginn.

Also wat de Séchere Schoulwee u sech ugeet, wat elo net de Géigestand vun den Diskussiounen hei ass, wëll ech just eng Saach richtegstellen. Ech weess net, wou Der dat fonnt hutt, dass mer gesot hunn, mir wäre fäerdeg.

Well sou wäit ech mech erënnere kann, allkéiers wa mer hei doriwwer geschwat hunn, hunn ech ëmmer erëm betount, dass et e Prozess ass, deen eigentlech ni fäerdeg ass a wou mer, wa mer ëmmer hanne quasi nom leschte Schoulwee d'Mesuren ofgeschloss hunn, erëm ufänke kënne ganz vir, fir se ze analyséieren. Well jo och d'Mobilitéit zu Esch permanent ännert.

Wat dann elo de Pedibus ugeet, merci, Här Faltz. Dir hutt naiterlech Recht, do ass och näischt ze verstoppen a keng Geheimniskrämerei elo mol intentionéiert. Mir wäerten do dann och effektiv d'Konten an esou weider natierlech an den Dossier bäileeën. Dat ass eng Remark, déi ganz pertinent ass. Do wäerte mer versichen, besser ze sinn d'nächst Joer.

Mir hunn 13 Pedibuslinnen. Ech weess elo net genau, déi Zuelen, déi Der genannt hutt aus dem Séchere Schoulwee, wat d'Zil ass. Aktuell hu mer fir dëst Schoujoer 13 Pedibuslinnen: eng um Brill, eng op Dellhéicht, dräi um Bruch, véier zu Lalleng, zwou Wobrécken an zwou Nonnewisen.

D'Linne si quasi all voll besat. An de Prozess, fir eigentlech ze definéieren, wéi eng Linne gemaach ginn am Schoujoer, fänkt zum Schluss vum Joer virdrun ëmmer un, wou mer dann d'Formulairen un d'Elteren ausdeelen, fir de Besoin ze ermëttelen.

Sou dass et dann och ka sinn, dass mer eng gewëss Linn net fueren oder net goe loossen. Wa sech do zum Beispill just ee Kand mellt, dann ass dat net proportional zum Effort an da gëtt eng Linn net gemaach. Mee dat ass dëst Joer awer net de Fall gewiescht. Mir hu keng Linn mussen agoe loossen.

Jo, ech mengen, dat wär et mat den Erklärunge gewiescht. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann au vote, wannechgelift.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

3. Convention relative au financement et à l'organisation de l'exploitation des services de transports publics par le TICE; validation; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei den nächste Punkt. D'Konventioun, wou et ëm den TICE geet. Den Här Sehovic huet als Verkéiersschäffen d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hate schonn de 14. Mäerz hei an dësem Conseil communal eng laang an och eng konstruktiv Diskussioun iwwer d'Zukunft vu TICE. Bei där Geleegenheet hat ech lech zu deem Zäitpunkt och den Historique vun de Verhandlung a vum aktuelle Stand deemools vun den Verhandlunge gemaach.

An ech hat lech deemools schonn annoncéiert, dass mer fréier oder spéider nach eng Kéier wäerten op dee Sujet mussen zeréckkkommen, wann d'Verhandlungen ofgeschloss sinn an eng fäerdeg negociéiert Konventioun virläit. An haut ass deen Dag, wou mer eis dann nach eng Kéier mam TICE wäerte beschäftegen.

Ech wäert net nach eng Kéier de ganzen Historique maachen. Wéi gesot, deen hunn ech in extenso am Mäerz gemaach. Ech wäert vläicht op déi Saachen agoen, déi sech zënterdeems eigentlech gedoen hunn, an domadder och op den Inhalt an de Kader, deen déi virleiend Konventioun tëschent den néng TICE-konventionéierte Gemengen an dem Staat, déi haut eebe virläit.

Mir hunn eis als Bureau vum TICE mam Staat gëeenegt, fir eng Konventioun ze kréien, déi iwwer zéng Joer leeft. Dat war eng wichteg Prioritéit fir eis Stad Esch an och fir de Bureau vum TICE, well mer finanziell Previsibilitéit a Stabilitéit souwuel fir d'Gemenge wéi fir d'Personal vum TICE wollte garantéieren.

A mat der virleiender Konventioun hu mer dat wichtegt Zil kënnen erreechen. Mir kruten eng Konventioun proposéiert, déi vun 2027 bis 2036 lafe soll.

De Staat klëmmt eran an den TICE, an dowéinst gëtt d'Kreatioun vun engem Syndicat-mixte noutwendeg, déi iwwer e Spezialgesetz dann an der Chamber muss kreéiert ginn.

De Staat engagéiert sech an där Konventioun fir en Apport maximal vu 750 Milliounen Euro iwwer déi nächst zéng Joer. An den Apport financier vun den néng konventionéierte Gemengen ass plafonéiert op 150 Milliounen Euro op déi nächst zéng Joer.

Dës Opdeelung vum Apport a vum Effort, dee geleescht gëtt, bréngt och eng Veränneru ng an der Gouvernance vum TICE mat. De Kommitee wäert an Zukunft bestoen 18 Memberen, dovunner néng, déi vun de Gemenge genannt ginn, an néng, déi vum Staat genannt ginn.

An och de Bureau wäert anescht komposéiert sinn: dräi Vertriederinnen a Vertrieder vun de Gemengen, dräi Vertriederinnen a Vertrieder vum Staat, mat enger Presidence, déi dauerhaft vum Staat soll assuréiert ginn, an enger Vicepresidence, déi dauerhaft vun de Gemenge soll assuréiert ginn.

Mir hunn an der virleiender Konventioun eng Rei vu Garantien duerchgesat, déi eis dès le départ wichteg waren an déi ech lech och schonn am Mäerz beschriwwen hunn. Éischtens, den TICE bleift e wichtegen Acteur vum Transport public an de Staat erkennt un, dass den TICE e Service public leescht.

Zweetents, keng Aarbechtsplaz gëtt gestrach. Karriären a Statutter vum Personal bleiwen onverännert a ginn analog zum Prozess eigentlech vun der Gemengefusioun an den zukünftege Syndicat-mixte onverännert, ontouchéiert iwwerdroen.

A wichteg Zukunftsinvestitiounen, notamment an d'Dekarboniséierung, also an d'Klimaneutralitéit, vum TICE, ginn integral vum Staat iwwerholl.

Dës nei Kompositioun mécht natierlech och noutwendeg, dass een de Patrimoine, deen haut am TICE ass, och nach eng Kéier ënner d'Lupp hëlt. An do si mer eis gi mam Staat, dass den Terrain, oder d'Terrainen, also de Foncier, deen am Moment dem TICE-Syndikat gehéiert, opgedeelt gëtt op déi néng Gemengen an dann zur Verfügung gestallt gëtt dem TICE als Syndicat-mixte fir seng Besoinen.

D'Gebailechkeete ginn evaluéiert, wat hire Wäert ugeet, an da gi se transferéiert un den TICE. An de Staat wäert dann 83 % vun där Valeur vun deene Gebailechkeeten un d'Gemengen ausschëdden, quasi fir déi dann opzekafen am Syndicat-mixte.

De Plafonnement vun deenen 150 Milliounen Euro op déi nächst zéng Joer fir d'Gemenge bedeit fir d'Stad Esch ganz konkreet, dass den Apport previsibel iwwer déi nächst zéng Joer bei ronn 3,3 Millioune pro Joer wäert leien. Mir sinn hei selbstverständlech am Beräich vum ordinäre Budget.

Zum Verglach: Am ordinäre Budget 2023 bis elo dëst Joer hate mer en Apport an eisem ordinäre Budget, deen am Schnëtt ronn 5,5 Milliounen Euro héich war.

D'Konventioun liwwert all déi dote Garantien a buschtawéiert all déi doten Echangë ganz kloer aus. Ech wëll e spezielle Verweis maachen op den Artikel 6.5 vun der Konventioun, dee schwaarz op wäiss och déi Garantie festhält, dass den Acquis social vum Betrib, dass d'Personal mat hire Statutten, mat hire soziale Rechter integral bestoe bleiwen an iwwerholl gëtt am neie Syndikat. Dat ass, wéi gesot, en Artikel, dee grad eis als Büro vum TICE immens wichteg war.

Mir hunn, dovunner sinn ech iwwerzeegt, haut hei eng Konventioun virleien, déi Stabilitéit a Sécherheet fir d'Personal gëtt, déi d'Zukunftsfäegkeet vum TICE garantéiert an déi d'Grondlag ka sinn, fir e gudden, fir e bequeemen, fir e pünktlechen ëffentlechen Transport hei am Minett och an Zukunft ze garantéieren.

Ech wëll d'Geleegenheet notzen, fir vläicht e bëssen och iwwer déi aktuell Debatte ronderëm den TICE anzegoen, ouni an den Detail ze goen.

Ech hunn zur Kenntnis geholl an der Presseberichterstattung aus deene leschten Deeg, dass et Verschiddener gëtt, déi e bëssen der Nostalgie verfall sinn, bezéiungsweis och Verschiddener, déi den TICE scho sou hallef dout schreiwen. An do soen ech ganz kloer: Totgesagte leben länger.

Mir maachen haut en neit Kapitel op hoffentlech fir den TICE. Mir maachen e risegen Invest an eng modern a performant nei Busflott. Mir maachen e Riseninvest an en neien Atelier fir den Entretien vun deene Bussen an an en neit Refectoiresgebai fir d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter.

Soudass et wierklech net esou ass, wéi wann hei eng Geschicht zu Enn geet, mee eng nei Geschicht ugeet.

Ech hat am Mäerz scho kuerz skizzéiert, wéi ech perséinlech d'Zukunft vun deem Syndikat gesinn, a wëll do och nach eng Kéier d'Haaptelementer ervirsträichen.

Well d'Demande klëmmt, wäerte mer den TICE an Zukunft stäerke mussen. D'Etüde ginn dovunner aus, dass mer eleng hei am urbane Süden eng Verduebelung vun de Buspassagéier am nächste Joerzéngt wäerten hunn.

Fir deem Meeschter ze ginn, brauche mer eng Panoplie vu bequeemen, komfortabelen a proppere Léisungen. Zuch, Bus, Tram an Zukunft mussen an engem optimalen Zesummespill zesumme funktionéieren.

An deem multimodale Puzzle iwwerhëlt den TICE zënter Laangem a menger Meenung och an Zukunft de Rôle vum lokale Zoubrénger a vum Lückenschließer. Deen Destinatiounen ufiert, déi aus reng ekonomescher Siicht vläicht net attraktiv sinn oder aus der Siicht vu stättesche Mobilitéitsplaneren einfach net interessant sinn. An dësem Rôle muss den TICE sech och fannen an evoluéieren, mengen ech.

Ech wëll och dës ëffentlech Sëtzung notzen, fir ee Wuert un d'Personal vum TICE ze riichten an eppes ze soen, wat mer perséinlech um Häerz läit. Ech mengen, dass eng Entschëllegung ubruecht ass. Eng Entschëllegung vun der Politik un déi Honnerten an Honnerte Leit, déi beim TICE schaffen. An déi zënter bal véier Joer Onsécherheet verspiert hunn.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Très bien!

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

An all Betrib, wou iwwer dräi, véier Joer Onstabilitéit an Onsécherheet iwwer d'Zukunft steet, dat ass Gëft fir all Entreprise. An dat ass och Gëft fir en TICE.

An ech mengen, dass eng Rei vun deenen Diskussiounen, déi mer mam Personal hunn an haten an déi och ëffentlech thematiséiert gi sinn, d'Resultat si vun där Incertitude.

Meng Hoffnung ass et, dass mer haut mat dem Vott vun dëser Konventioun, déi natierlech awer och nach an deenen anere Gemengeréit muss gestëmmt ginn, en neit Kapitel kënnen opschloen a mat där Sécherheet a Stabilitéit, déi mer eis hei erausgehandelt hunn, no vir kënne kucken a méi doriwwer schwätzen, wat de strateegesche Rôle ass vum TICE hei an der Multimodalitéit am Süden. A wat mer mussen a kënne maachen, fir d'Qualitéit vun deem ëffentleche Service vum ëffentlechen Transport ze erhéijen.

Ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass den TICE eng gutt Zukunft huet. An ech wënsche mer, dass mer, Politik, Personal a Sozialpartner, zesummen un dëser Zukunft kënne schaffen, fir dass mer alleguerten houfreg sinn, wa mer gréng Bussen hei duerch d'Géigend fuere gesinn an dass d'Chaufeuren an d'Personal kann houfreg sinn, dass se den TICE-Logo op hirer Broscht droen.

Et ware schwéier Jore vun der Onsécherheet. Déi sinn hoffentlech geschwënn eriwwer, an dann ass et Zäit, sech déi strateegesch Froen ze stelle fir d'Zukunft. Dat ass mäin Appell souwuel un d'Personal wéi och un d'Politik, dass mer doranner zesumme schaffen.

Ech bieden ëm d'Ënnerstëtzung fir dës Konventioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Wie freet d'Wuert? Här Faltz, wëllt Dir ufänken?

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci fir d'Wuert. Merci, Här Sehovic, fir d'Presentatioun.

Ech si voll op Ärer Linn. Ech denken, dass dat, den TICE, mat deem mir alleguer als Schüler grouss gi sinn, deen net nëmme soll eng nostalgesch Funktioun erfëllen. Mee ech denken, dass an der Zukunft mat der Reorganisatioun vum ëffentlechen Transport, dass den TICE genau déi Roll bäikënnt, déi, denken ech, souguer nach méi wichteg ass wéi de Fait, fir schnell vun A op B, besonnesch iwwer deen CHNS, ze kommen.

Mee Dir hutt d'Wuert gebraucht, de Lücken-füller. An dofir mengen ech, begréissen ech – Dir hutt et zwar net gesot, mee wann ech et richteg verstinn, huet d'Allgemengheet awer trotzdeem eng konsiderbal Autonomie communale an där doter Fro. An dat muss och esou sinn.

Et kann net sinn, dass an der Stad se decidéieren, duerch wat fir eng Strooss den Escher Bus soll fueren. Ech mengen, dat wësse mir hei besser. A mir wëssen, wou d'Besoine leien. An ech denken, dass dat absolutt de richtege Wee ass. An ech denken, dat do ass jo just eng Iwwergangskonventioun, fir dat Ganzt herno a Steen ze meesselen.

An ech denken, dat ass absolutt de richtege Wee. An ech sinn och elo frou, dass Der dorop agaange sidd, dass am Fong déi Mëssstänn oder wéi een dat och ëmmer wëll nennen an dat heiten zwee Puer Schong sinn. Dat däerf een och elo net vergiessen.

Ech mengen, hei schwätze mer dovunner, fir den TICE an d'Zukunft ze bréngen. An ech si scho bal sécher, dass dat doten de richtege Wee ass.

Ech wëll awer just zwou Remarke maachen, an dat ass awer elo eng Formsaach. Mir schwätze vu ganz ville Suen – de Staat 750 Milliounen, d'Gemengen 150 Milliounen. Iwwer zéng Joer; dat gëtt natierlech dann e richtege Pak. Gedeckelt no uewen.

Et sollt ee vläicht dora setzen, dass de Facteur ëmmer soll 1:5 sinn. Well wa si soen, gedeckelt no uewen. An elo stelle mer eis vir, et gëtt méi bëlleg, dann huele si sech déi méi bëlleg all op hir Schëlleren an da so mer, et kascht just 600 Milliounen. An d'Gemenge bezuelen awer 150.

Ech mengen, dass een do vläicht soll e Ratio asetzen, dass de Staat eis do net an Zukunft iwwer d'Ouer heet.

An dat anert war mat den Terrainen. Do ass et jo elo sou, den Terrain vum TICE gehéiert jo an der Communautéit dem Syndicat, wéi en et elo gehéiert. E gëtt awer herno vun deem zukünftege Syndicat genotzt, wou de Staat awer prioritär ass, oder majoritär ass.

Ech géif do vläicht och e klenge Passus dramaachen, net dass eng Gemeng ausbéchst an herno seet, ech hätt gär en Deel vu mengem Terrain eraus. Oder iergendwéi esou eppes. Dass ee sech vläicht do eng Sécherheet gëtt, wien elo mat ënnerschreift, dee bleift och déi Zäit vum Déngen dran. Deen huet keen Urecht, fir op eemol do le petit malin ze maache mam Terrain.

Mee fir de Rescht denken ech, dass et de richtege Wee ass. Dir hutt et och gesot, ech denken, dass et de richtege Wee ass, fir d'Leit vum TICE an eng Sécherheet elo ze bréngen, dass se eeben net privatiséiert ginn oder iergendwann op der Strooss sinn oder wat och ëmmer. Dat ass, denken ech, och e wichtegt Signal.

Dass do héchstwarscheinlech nach Diskussiounen usti mat der Delegatioun – dat denken ech, dass dat kënnt. Mee ech mengen, dat

gëtt dann op engem aneren Dësch gekläert, an net hei.

Mir stëmmen dat do natierlech mat. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Weyrich an duerno den Här Baum.

Mme Joy Weyrich (CSV)

Merci fir d'Wuert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech schléisse mech de Virriedner un. Mir stinn am Moment op engem wichtege Wendepunkt fir d'Mobilitéit an eiser Regioun. Well den interkommunale Service TICE ass zënter elo schonn 120 Joer am Fong fir d'Liewensoder vun eiser Gemeng a vum Minett zoustänneg.

Mat der aler Konventioun, déi elo den 31. Dezember ausgelaf ass, stoung dann d'Gestioun a virun allem d'Finanzéierung op enger onsécherer Basis. An dofir war déi Konventioun esou essenziell, fir d'Zukunft vum TICE ze garantéieren an och Rou an déi Saach ze bréngen.

A genau wéi aus dem interkommunale Syndikat ab 2027 dann e Syndicat-mixte Etat-Gemenge ginn, a sou bleift gottseidank d'kommunal Autonomie erhalen an de Staat an d'Gemenge si mat decisiounsbefuugt.

No der geplangter Konventioun, wéi virdru scho gesot, wäert de Staat iwwer 700 Milliounen Euro iwwer zéng Joer investéieren an d'Bäiträg vun der Gemeng gëtt op 150 Millioune limitéiert. Dëst entlaascht virun allem déi grouss Gemenge wéi Esch als grousse Käschtenträger.

D'Käschte vum TICE klammen nämlech wuessend duerch d'Personalkäschten an d'Noutwendegkeet vun enger Elektro-mobiliséierung. Sou séier, dass eng konventionell Finanzéierung vun der Gemeng net méi drobar gewiescht wier.

Mat den neien Ausbaupläng vum ëffentlechen Transport an déi geplangt Ubannung vum TICE un den nationale Mobilitéitsplang, déi een net däerf vergiessen, gëtt net nëmmen eng Elektrifizéierung vun der Busflott unabdingbar, mee och déi nei Luedbornen an déi ugepasst Infrastrukture sinn néideg.

Insgesamt soll d'Kapazitéit vum ëffentlech Transport am Süden nämlech verduebelt ginn. Vun 73.000 Faarten am Joer 2017 op 160.000 Faarten am Joer 2035. Domadder ass de kompletten Transport gemengt; also och mam Tram, mam RGTR a mam TICE.

Déi nei Organisatiounsform, de gemeinsame Syndikat vu Staat a Gemengen, bitt eis d'Chance, d'Verantwortung an d'Laascht op méi Schëlleren ze verdeelen. Fir d'Escher Gemeng bedeit dat am Detail, wéi den Här Sehovic dat elo grad scho gesot huet, dass et zu enger Käschtesenkung fir eis kënnt vu 5,5 Milliounen Euro am Duerchschnëtt pro Joer op 3,3 Milliounen.

De finanzielle Kader, an deem de Staat an Zukunft d'Haaptlaascht dréit, gëtt eise Gemengen déi sou dréngend néideg laangfristeg Planungssécherheet an domat schafe mir eng zolidd Basis, fir an d'Zukunft vun eiser Mobilitéit ze investéieren.

Natierlech ginn et och Froen a kritesch Punkten, déi mir am A behale mussen. Sou ass zum Beispill och d'Reduzéierung vun der Buszuel an d'Iwwerdroe vu bestëmmte Linnen

un den RGTR däerf net dozou féieren, dass d'Offer fir eis Bierger méi schwaach gëtt.

Mir mussen drop oppassen, dass d'Matbestëmmung vun de Gemengen an der neier Struktur erhale bleift an net komplett Richtung Staat verréckelt. An et ass wichteg, dass d'Rechter vun den Aarbechtskonditioune fir d'Chaufeuren an d'Chaufeusë voll respektéiert ginn. Hei däerf et keng Kompromësser ginn. A genau dat war jo och bei de Verhandlunge ee vun de wichtege Punkten.

Trotz dëse Bedenke si mir iwwerzeegt, déi nei Konventioun ass e richtegen an noutwendege Schrëtt. Eleng de Bléck op d'Finanze geet dofir duer. Si mécht et awer och méiglech, eisen Awunner och an Zukunft en zouverlässegen, modernen an ekologeschen ëffentlechen Transport unzebidden.

Villmools merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Weyrich.

Den Här Baum an duerno den Här Schmit.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ech hunn elo nogelauschtert, an ech muss awer soen, Dir maacht et lech ze einfach. Sou einfach geet dat net.

Hei gëtt awer schonn – an dat ass net aus Nostalgie – 110 Joer Geschicht vum ëffentlechen Transport quasi sou als Resultat vun Negociatiounen, wou Esch an der Vergaangenheet ëmmer eng wichteg Roll ze droen hat, wou en Acteur, deen d'Réckgrat vum ëffentlechen Transport am Süde war, gëtt zu engem Lückenschließer gemaach.

An dat mat Kollateralschied, déi enorm sinn. Déi Kollateralschied heesche Privatiséierung vu Linnen, vu Servicer. Déi Kollateralschied droe sech och op d'Personal aus.

Ech begréissen ausdrécklech, Här Sehovic, datt mol endlech e Politiker sech beim Personal entschëllegt huet fir dat, wat an de leschte véier Joer geschitt ass. Mee et geet vill méi wäit wéi dat, déi Onsécherheet, déi entstanen ass. Ech wäert herno nach eng Kéier drop agoen.

A virun allem wann een et och als alternativlos am Moment duerstellt, mengen ech awer, datt een och politesch Responsabilitéite muss schwätzen. Vun deem, wat an de leschten zéng Joer schifgelaf ass beim TICE.

Investissementer, déi net gemaach gi sinn. Investissementer notamment an d'Elektromobilitéit. Strategielosegkeet oder Konzeptlosegkeet, déi den TICE an déi Situatioun bruecht huet, wou en elo ass. De Mangel un Terrain, dee laang als Argument dofir benotzt ginn ass, fir ze soen, mir kënnen net ausbauen.

Op där Plaz, wou den TICE am Moment ass, do ronderëm ginn et Terrainen, déi an ëffentlecher Hand sinn. An et ass eng politesch Verantwortung vun deenen, déi an de leschten zéng Joer d'politesch Verantwortung haten, datt dat net virugedriwwen ass. Well soss kéinte mer d'Diskussioun op engem ganz aneren Niveau féieren, wéi mer se elo féiere mussen.

Et ass awer schonn erstaunlech, wa mer feststellen, datt den Transportsecteur deen ass, dee sécherlech aus enger Mobilitéitsvue ëmmer erëm gesot gëtt, mir mussen den ëffentlechen Transport ausbauen a stäerken. Aus Ëmweltperspektiv, well den

Transportsecteur deen ass, wou den CO2-Ausstouss zu Lëtzebuerg nach ëmmer enorm héich ass a wou et och keng Verbesserunge gëtt.

An da gi mer quasi do, wou mir als Gemeng d'Handhab driwwer hunn, d'Souveränitéit driwwer hunn, gi mer aus selbstverschuldeter Unmündigkeit op. Mir ginn Autonomie op, andeem mer an e Syndicat-mixte ginn, andeem mer d'Zukunft – an dat stëmmt, mengen ech, dofir net, wat den Här Faltz gesot huet – all Linneféierung nëmmen nach ka mam Accord vum Ministère gemaach ginn.

Dat heescht, mir verléieren en Deel Souveränitéit. Souveränitéit iwwer d'Ausriichtung vun der Mobilitéitspolitik am Süden. A mir sollten dach gewarnt sinn. Mir wëssen all déi Argumenter, déi ëmmer erëm an der Stad evoquéiert gi sinn, firwat verschidden Elementer net méiglech waren.

Firwat de Südtram, wou mer eis als Gemengen ëmmer eens waren, dat ass dat, wat mer brauchen. D'Verbindung vum ëffentlechen Transport och am Süden, tëschent de Südgemengen. A wou an der Stad ëmmer nëmme Reflexioune gefouert gi sinn, wéi kréie mer ëmmer méi Leit an d'Stad.

A sou ass de ganzen ëffentlechen Transport leider Gottes joerzéngtelaang zu Lëtzebuerg geduecht ginn.

Et ass wichteg an et wier wichteg – a mam TICE hätte mer an de leschten zéng Joer e ganz wichtegen Acteur gehat, deen do hätt missen eng Roll huelen. An et ass politescht Versoe – an do kommt Der awer net derlaanscht –vun deenen Acteuren am TICE an de leschten zéng Joer, déi eis an déi Situatioun bruecht huet, wou mer elo sinn.

Stéchwuert Privatiséierung. Et gëtt gesot, an dat ass richteg, et verléiert kee seng Aarbechtsplaz, keen ëffentleche Poste gëtt privatiséiert. Dat ass richteg. Nawell ass dee Service, deen ugebuede gëtt, notamment de Schülertransport gëtt privatiséiert, well dee gëtt ausgeschriwwen an et sinn da Privatacteuren, déi deen iwwerhuelen.

Eenzel Linne ginn ausgeschriwwen. An dat betrëfft direkt Esch. D'Linn 12 gëtt ausgeschriwwen, ass ausgeschriwwe ginn d'ailleurs, wann ech dat um Portail vum Marché public gesinn, de 6. August. Also laang éier mir elo hei kënnen driwwer schwätzen, sinn do schonn Neel mat Käpp gemaach ginn.

D'Linn 17, wann ech richteg informéiert sinn, gëtt elo vum RGTR iwwerholl, wat och e privaten Acteur ass. Dat heescht, et fënnt eng Privatiséierung statt.

Net am Sënn, datt déi Leit, déi elo do schaffen, hir Aarbecht verléieren, mee am Sënn, datt déi Servicer, déi bis elo vun der ëffentlecher Hand ugebuede gi sinn, net méi vun der ëffentlecher Hand ugebuede ginn, mee vu privaten Acteuren. Mat all deem ronderëm, wat dat fir déi Leit bedeit.

D'Aarbechtskonditioune sinn am Kollektivvertrag vun de Busfuerer ganz anerer wéi déi beim TICE oder beim AVL oder bei der CFL. Déi si ganz anescht. D'Aarbechtskonditiounen, d'Salairen. Dat heescht, hei dreiwe mer awer eng Form vu Privatiséierung virun.

Den Nuetsbus, e Service – a mir hate schonn d'lescht Kéier driwwer geschwat –, deen en Ugebuet war fir d'Leit, virun allem fir Jonker. Well et muss ee soen, et ass jo de Weekend, wou en zirkuléiert huet. Fir d'Attraktivitéit vun de Gemengen am Süden ënnertenee méi grouss ze maachen. Deen ass einfach verschwonnen.

Do ass gesot ginn, jo mee et sinn awer net vill Leit, déi e benotzt hunn. Mee gréng Politik

war awer an der Vergaangenheet ëmmer eng Angebotspolitik. An et ass ëmmer sou argumentéiert ginn, datt ee fir d'éischt en Ugebuet muss schafen. Et muss een dat bewerben an et muss een natierlech kucken, dat jeeweils unzepassen.

Ech weess, datt vun de Gewerkschaften aus, wat d'Linneféierung ugaangen ass vun deem Nuetsbus aus, Propose gemaach gi sinn, wéi een dee kéint verbesseren, wéi ee se kéint méi attraktiv maachen.

Och dat ass alles an der Vergaangenheet ignoréiert ginn an aus Käschtegrënn, op Demande vun de Südgemengen, net vum Ministère, op Demande vun de Südgemengen ofgeschaaft ginn.

Et gereecht dem Här Sehovic zur Éier, datt hie sech bei deem Vott enthalen huet. Et war deen Eenzegen, dee sech enthalen huet. Hien hat eis dat am Mäerz méi oder manner direkt oder ondirekt duerch d'Blumm gesot.

Dat gereecht him zur Éier, mee bon, en Held vum Widderstand ass bei der Enthalung sécherlech och net dran ze gesinn. Mee zumindest, mengen ech, huet hien eng Sensibilitéit fir d'Problematik a fir dat, wat do geschitt ass.

Dann d'Fro vum Personal. Do gëtt et zwou Dimensiounen. Fir déi eng huet sech den Här Sehovic elo entschëllegt, nämlech datt wärend véier Joer laang eng Onsécherheet iwwer d'Zukunft vun deem Betrib geherrscht huet. Dat ass elo besser ginn an dat gëtt och effektiv déi Leit, déi aktuell do schaffen, mat dëser Konventioun besser. Et ass eng Perspektiv geschafe ginn. An et gesäit aus, wéi wann et an dréchenen Dicher wier.

Mee wësst Der, ech war awer och op deem Protestpiquet, deen d'FGFC virun zwou, dräi Wochen organiséiert huet. A si hunn Doleancen opgelëscht. An dat waren net einfach Doleancen, wou ee seet, do hate mer keen Accord fonnt. Et gëtt grav Manquementer, wat d'Verwaltung vun de Congéen ugeet.

Dat huet elo näischt direkt mat der Zukunft vum TICE ze dinn, mee dat huet eppes domadder ze dinn, wéi e Betrib gefouert gëtt. An och do gëtt et eng Responsabilitéit vun der Politik fir déi Direktioun, déi do dra sëtzt an déi verschidde Saachen, déi, mengen ech, um Ursprong ass vu verschiddene Problemer.

Chasse aux malades, Stéchwuert, ass genannt ginn. Mat Beispiller, mat ganz konkreete Beispiller, déi fir mech wierklech novollzéibar waren.

Wou ech awer geduecht hunn, dat do schléit jo wierklech dem Faass de Buedem aus, dat ass, wou ech gewuer gi sinn, wéi d'Gewerkschaftler vun der FGFC bericht hunn, datt eng Nott erausgaangen ass, datt d'Buschaufferen hir Tattooe verstoppe mussen an, meeschtens Fraen, keng faarweg Hoer méi däerfen hunn.

Mee ech denken, wou si mer dann. Souguer d'Police leeft dach mat Tattooen duerch d'Géigend. A wisou Note-de-servicen erausginn? Deen, mengen ech, huet awer net wierklech Respekt virun deem Personal.

An dat, déi Kombinatioun vun deenen zwou Saachen, eng Féierung vum TICE, déi, mengen ech, och opgrond vun deem, wat ech do héieren hunn, awer wierklech grav Manquementer huet.

Mat enger Zukunftsonsécherheet gemëscht, ass dat, wat en Inbrodio mécht vun Onzefriddenheet, wou dann och bei rezenten Ëmfroen, déi vun de Gewerkschaften organiséiert gi sinn, erauskomm ass, datt 70 % vum Personal onzefridden ass. 70 % vum Personal ass onzefridden, wat – och déi

Zuele si genannt ginn um Protestpiquet – dozou féiert, datt ëmmer méi Leit den TICE verloossen.

A si hunn Zuele genannt, wéi et war bis – leet mech elo net op e Joer fest – 2021, 2022. Wou et natierlech ëmmer Ofgäng gi si vu Leit. Mee deen ass dramatesch an d'Luucht gaangen. D'Leit verloossen den TICE, well et grav Manquementer ginn an der Gestioun vum TICE. An ech schwätzen hei alt och erëm eng Kéier vun der Dimensioun vun der politescher Verantwortung, wat dat ugeet.

Här Buergermeeschter, Här Sehovic, elo si mer an enger Situatioun, wou mer quasi gesot kréien, wa mer dat do elo net ënnerschreiwen, wéi soll et da virugoen. Wat wieren dann d'Alternativen, déi um Dësch leien?

Mer spuere mat deem heite Modell en plus Suen. Iwwer 2 Milliounen d'Joer. Dem Gemengebudget deet dat sécherlech gutt. Ech mengen awer, datt déi 2 Milliounen elo net den Haaptausléiser sollte sinn.

Och wann ee mat Leit, déi am TICE schaffen, schwätzt, fënnt ee séier eraus, datt am Moment d'Situatioun esou verfuer ass, datt Leit, déi do schaffen, frou sinn, datt elo mol an Zukunft iergendeppes geséchert ass.

Ech wäert nawell bei dësem Vott dogéint stëmmen, well ech mengen, datt een awer och en Zeeche setze muss. En Zeeche setze muss fir déi Selbstverscholdheet vun där Situatioun, an där mer elo sinn, déi dozou féiert, datt mer e wichtegen Deel vun eiser Mobilitéitspolitik aus den Hänn ginn.

Datt mer e wichtegen Deel vun deem, wat d'Souveränitéit vun der Stad Esch a vun de Südgemengen ausgemaach huet, einfach esou iwwer de Koup geheien, just aus politesche Feeler, déi an der Vergaangenheet geschitt sinn. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Här Schmit, géingt Dir erlaben, dass den Här Bermes virkënnt? Dann hätte mer ofwiesselnd Oppositioun-Majoritéit.

Här Bermes, Dir hutt d'Wuert.

M. Pascal Bermes (CSV)

Villmools merci, Här Buergermeeschter.

Ech wollt just eng kuerz Saach maachen. Ech ginn engersäits dem Här Baum Recht, awer just an enger Saach. Zum Beispill d'Ofschafung vum Nuetsbus. Well den Nuetsbus war just opkomm. Effektiv, dat gouf och gesot, do sinn e puer Leit, déi dat bedaueren.

Mee zu mengem Wësse muss ech awer elo hei soen, datt de Schäfferot amgaangen ass, eng Initiativ ze starten, eeben justement well deen Nuetsbus net gutt gelaf ass. Fir eng Etüd ze maachen, fir mat verschiddenen oder alleguerte Südgemengen erunzetrieden a fir do eeben en neit Konzept auszeschaffen, eng Etüd lafen ze loossen, fir datt dat klappt.

Zu der Linn 12 wollt ech och eppes soen. D'Linn 12 war e Bus vum TICE, deen am Fong ze grouss war, ze schwéier fir déi Stroosseninfrastrukturen. An dofir war d'Escher Gemeng och averstanen, fir déi Linn auszeschreiwen a fir kënnen – Vir- oder Nodeel vun där, wéi Dir sot, Privatiséierung. Mee fir kënnen adaptéiert Bussen op eise Stroossen ze maachen. Well ech mengen, d'Rue Bausch, wann ech dat richteg erënneren, déi geet an den Ellergronn. Dat heescht, et muss adaptéiert Bussen hunn.

Ech weess selwer, datt laang Onsécherheet am TICE war. Laang Verhandlungen, schwéier

Verhandlungen, vill Ängschten. Mee ech fannen awer och, et ass eng Chance.

Mir sinn hei zu Lëtzebuerg. Mir sinn eent mat den eenzege Länner, wann net dat eenzegt, wou den ëffentlechen Transport gratis ass. Mee ech fannen, dat ass eppes Enormes. D'Leit hunn am Ufank vill driwwer diskutéiert, mee ech fannen dat haut esou flott. Et ass esou flott fir den ëffentlechen Transport.

Ech selwer muss de Bus huelen, well ech net däerf Auto fueren, mee dat ass einfach eng Chance, déi mir hunn. A fir dat ze maachen, muss een awer och emol ëmgedréint kucken. Et muss een e Konzept maachen, an et soll een ëmmer e Gesamtkonzept maachen. Net e lokaalt, mee e Gesamtkonzept.

An ech mengen, dat hei ass – ech wëll net soen, datt et gutt ass. Mee et ass eng Chance, fir datt hei zu Lëtzebuerg mam Tram, mam ëffentlechen Transport, mam Zuch, datt mer hei e Gesamtkonzept kréien. Mam Staat, fir de Süde mat dem Rescht vum Land ze verbannen.

Ech sinn och frou, datt Sécherheet fir d'Personal ass. Well hir Statutter gi behalen. An och déi nei Zukünfteg, wou den TICE ëmmer soll bäibehalen a wéi eng Statutten e maachen.

Wat d'Invester ufänkt, ech mengen, do gëtt et och en Zéng-Jores-Plang. An ech mengen, do steet jo ongeféier dran, oder kënnt drastoen, wat erakënnt. Sou datt och d'Sécherheet tëschent Depensë vun dem Staat an de Gemengen dran ass. An dat meescht gëtt, wéi gesot, an Elektrobussen an Infrastrukture gesat.

Also ech mengen, et ass vläicht net alles gutt, mee dat hei ass awer eng gutt Konventioun. Ech mengen, datt et eng Chance ass. Mir sollen net ëmmer d'Ängschten, mee mir sollen et gesinn als Chance fir den ëffentlechen Transport a fir de Süden.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Villmools merci, Här Buergermeeschter.

Jo, dat hei ass nees wierklech e ganz schwieregen Dossier. Zemools déi lescht Zäit ware mer jo alleguer bestëmmt vill domadder beschäftegt, fir mat de Leit ze diskutéieren, déi wou do, solle mer soen, ganz direkt involvéiert sinn. An zemools mat deene Leit, déi wou do beschäftegt sinn.

Ouni ze schwätze vun de Clienten, déi wou sech och jo Suerge maachen, fir ze wëssen, wéi déi Offer elo weidergeet, déi wou den TICE ëmmer super, propper an anstänneg quasi ëmmer geliwwert huet an de leschte Joerzéngten.

Déi schwiereg Situatioun, déi wou mer elo hunn, déi dauert, jo +/- véier Joer un, dat ass wouer, wou déi Beschäftegt sech wierklech enorm vill Gedanke gemaach hunn. An dat ass och dann unzeerkennen, datt een dat, solle mer soen, bedauert an dee Stress, dee wou do natierlech bei deene Leit, an déi Suergen, datt ee sech do entschëllegt, dat ass e ganz schéine Gest trotzdeem, dee wou net esou oft gemaach gëtt. An dat wëll ech hei emol awer trotzdeem ervirhiewen.

Fréier – dat heescht virun där Zäit – war den TICE fir déi meescht, solle mer soen, e super

Arbeitsgeber, kann ee bal soen, vu que datt trotzdeem ganz anescht do bezuelt ginn ass wéi bei de Privaten. Dat soll da jo esou weidergoen, wat dat ubelaangt. Dat ass ze begréissen.

Ech hoffen, datt do och wierklech gutt gekuckt gëtt, datt déi Situatioun sech trotzdeem net iergendwéi verschlechtert. Normalerweis misst dat jo stabill sinn. Et vertraut een alt dorobber, mee wéi gesot trotzdeem wär et wichteg, fir dat am A ze behalen.

A mir wäerten och versichen, dat am A ze behalen, fir déi klengst, solle mer soen, negativ Ännerungen, fir déi kënnen ervirzehiewen a fir direkt kënnen dogéint virzegoen, datt dat soll net geschéien.

Well opschonn datt mer déi Konventioun jo elo haut wuel wäerte global stëmmen an datt déi wäert duerchkommen, sinn d'Leit natierlech, solle mer soen, fir de gréissten Deel berouegt, mee trotzdeem bleiwen do nach Detailfroen a Suergen latent. An do muss een dann och versichen, fir deenen entgéintzewierken, a soubal eppes géing opkommen, fir dat net goen ze loossen a fir do wierklech opzepassen.

Wéi gesot, dat sinn also – wann een d'Zuelen erëm eng Kéier kuckt – fir d'Gemengen op zéng Joer 150 Milliounen. Dat kléngt natierlech ganz vill. Esch huet zwar hei Suen – wann een am Detail kuckt, dat ass am Fong geholl jo eppes, wat ech éischter ëmmer begréissen. Mee wat ech net esou direkt begréissen, ass trotzdeem e Verloscht vun Afloss, dee wou ganz konkreet ass. An dat muss een hei unerkennen.

Ech mengen, dat ass och scho virdru gesot ginn. An dat ee wichtegen Deel vun deem heiten Aspekt. Dat heescht, mir si frou, datt et déi Konventioun elo gëtt, well trotzdeem e Stee vum Häerz warscheinlech vu ville Leit gefall ass.

Anersäits ass domat net alles geléist an anersäits ass do och net alles vergiess. An all déi, solle mer soen, Feelentscheedungen, déi wou an der Vergaangenheet getraff gi sinn, sinn domat net vum Dësch.

Mee bon, global gesi däerf een och net ëmmer alles schlecht gesinn. Et ass eng Konventioun do. Déi bedeit fir déi Leit, an dat ass dat allerwichtegst, d'Sécherheet vun der Aarbecht.

Mir mussen och drun denken, datt mer a ganz schwieregen Zäite liewen. A vu que datt ech jo och laang Zäit an deem Beräich Gewerkschaft ënnerwee war, ass dat wierklech hei ee Punkt, wou ee muss wierklech ervirhiewen. Dat ass extreem wichteg, datt déi Sécherheet do awer weiderhi wäert bestoen. An dat begréisse mer hei och ausseruerdentlech.

Eng Saach, wou mech do zwar nach e bësse beonrouegt – an där heiter Situatioun ass bal fir jiddweree gesuergt, dee wou do schafft, awer am TICE, déi Schwächst, déi Allerschwächst, dat sinn déi Leit mat de CDDen. An déi Situatioun, do hunn ech absolutt guer näischt doriwwer héieren.

An et ass wouer, datt e CDD jo net ab aeternum, solle mer soen, erneiert gëtt. Verschiddener ginn iwwerholl, anerer net. Mee ech wéilt am Fong geholl gär wëssen, ob mer hei e prozentuale Wäert hunn, wou mer kënne soen, vun deenen, déi elo am CDD waren, sinn der sou vill am éischte Joer, vläicht sou vill am zweete Joer iwwerholl. Wéi am Fong geholl do de Schlëssel ass.

Well ech hunn nämlech vläicht eng Suerg, datt déi Leit, déi wou am Fong déi schwächst sinn, vläicht kéinten dann do mussen, solle mer soen, datt déi géife geopfert ginn. An dat wär jo eppes, wat trotzdeem och net an der Rei wär.

Dat heescht, wann een dat kéint kucken – an och en Augenmerk op déi Allerschwächst am Fong geholl am TICE werfen, dat wär wierklech néideg. Well heiansdo ass et do, wou een net hikuckt, wou et am wéisten deet. An dat ass eng Saach, wou ech mengen, wou ee muss am A hunn, wann ee global vun esou enger Firma, vun esou engem Konsortium, wéi dem TICE, schwätzt.

Déi Suergen, wéi gesot, si bei mir nach net verschwonnen, well do sinn am Fong geholl méi Froen do wéi Äntwerten nach.

Wat mer elo hei maachen, dat heescht – et kann een ... fir mech perséinlech soen ech do Jo, ginn ech do mat op de Wee. Ech hoffen, datt, wéi gesot, déi Detailfroen an déi Suergen, déi wou ech hunn, datt ech do ka berouegt ginn an och datt déi Leit kënne berouegt ginn, déi wou concernéiert sinn. E bëssen Optimismus muss ee mat erabréngen.

An dat war meng Interventioun zu deem Sujet. Wéi gesot, mir wäerten trotzdeem nach virsiichteg sinn an dat am A behalen. Awer hei, vu que datt et Sécherheet bedeit fir esou vill Leit, droe mer dat dote mat an hoffen dat Bescht, oder datt Der eng gutt Händchen hutt.

An, wéi gesot, datt Esch och, sou wéi et um Pabeier ausgesäit, net méi sou optimal d'Kontroll huet wéi an der Vergaangenheet. Dat ass leider esou, wéi ech dat hei aus den Dokumenter kann erausgesinn.

Hoffe mer, datt et trotzdeem net esou ass, datt mer guer näischt méi do ze soen hunn. Ech soe Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Soss gëtt et keng Wuertmeldungen. Här Sehovic, Dir kënnt nach drop äntweren.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci fir d'Diskussioun an och déi breet Ënnerstëtzung.

Ech wëll ufänke vläicht mat deene puer ganz konkreete Froen. Ech fänken hannen un, well do d'Situatioun vun dem Personal, wat am CDD ass.

Vläicht virewech, dat ass eng ganz kleng Unzuel eigentlech vum Personal. Dat ass Personal, wat agestallt ginn ass aus verschiddene Problematiken, déi sech erginn hunn.

Mir haten eng Rei vu Chantieren, déi de Personalbedarf, fir de Reseau ze deservéieren, net méi konnt decken. Dat heescht, mir hunn do punktuell e Besoin gehat wéinst verschiddene Chantieren. Awer och wéinst Krankeschäiner a Congéen, wou mer einfach, fir eisem Personal entgéintzekommen, gesot hunn, mir rekrutéieren temporär CDDen.

Woubäi ech awer och muss soen, datt wärend deem Rekrutement mer ganz kloer waren a gesot hunn, et ass elo e CDD, et gëtt keng Perspektiv op eng Iwwernam an e CDI. Dat war en connaissance de cause fir jiddereen. A mir haten eng ganz Rei vu Leit, déi och gesot hunn duerno, mir sinn eis däers ganz bewosst, mee een oder zwee Joer beim TICE ze schaffen, ass awer e gutt Sprangbriet.

Et ass e Secteur, wou och eng Penurie um Marché ass. Dat heescht, all déi Leit hunn dat iergendwou och genotzt, fir duerno iergendwou anescht ënner Daach ze kommen. An dowéinst si mer op de Wee gaangen eigentlech vun deene Contrats à durée déterminée.

Et ass kengeswegs esou, dass mer hei an iergendenger Form beim Personal spueren oder ofbauen. Wéi mer hei haut schwätzen, gëtt et Annoncë vu Rekrutéierungsprozedure vum TICE.

D'ailleurs och an de Statutter vum Fonctionnaire oder vum Employé communal. Fir och do vläicht e bëssen deem virzegräifen, där Angscht, dass mer elo an Zukunft géifen eppes weesentlech anescht maache wéi dat, wat mer 111 Joer laang an deem dote Syndikat gemaach hunn.

Wat d'Deckelung vun de Präisser ugeet, Här Faltz, hu mer effektiv eigentlech verschidden Dispositiounen an der Konventioun. Déi assuréieren eigentlech, dass et zwar e Plafonnement gëtt vun deene 750 Milliounе beim Staat, mee ganz kloer an der Konventioun awer och gesot ass, dëse Montant gëtt indexéiert souwuel um Indice des salaires, um Indice des prêts à la consommation an dem Indice des prix de la construction.

Dat heescht, allkéiers wann den Index eropgeet, da wäert och dee Montant no uewe revidéiert ginn.

An et ass och explizitt an der Konventioun gereegelt, dass all zukünftege Gehälteraccord beim Staat, dee jo e groussen Impakt och op de Syndikat huet, och dee wäert da quasi nach eng Kéier dropgerechent ginn.

An da wat d'Fro vun den Terrainen ugeet, ass et esou, dass dee sollt zeréckgoen un d'Gemenge selon hirer Quote-part am Syndikat. Dat heescht, de Moment, wou eng Gemeng – ech hoffen net, dass et dozou kënnt – gär géing erausklammen, da géing se eigentlech déi Quote-part Wäert vum Terrain quasi dann ausbezuelt kréien.

Dat ass eppes, wat grondsätzlech an der Konventioun gereegelt ass, mee awer och dann duerno nach eng Kéier muss richteg ausbuschtawéiert ginn am Kader vun den neie Statutten da vun deem Syndicat-mixte. An do wäerte mer dann och en A drop behalen, an och Är Suggestioune gär mat eranhuelen.

Ech hunn am Mäerz an och haut nach eng Kéier vum Rôle vum TICE als lokalen Zoubrénger an als Lückenfüller gesot. Dat ass elo och schlecht ausgeluecht ginn, an ech muss soen, dass dat awer guer net schlecht gemengt ass. Well dat menger Meenung no eng ganz éierbar a wichteg Aufgab ass.

Wéi gesot, fir grad och do ze assuréieren, wou och an Zukunft keen Tram wäert fueren, wou och an Zukunft keen Zuch wäert fueren, an op Plazen, wou mer vläicht net am ganz urbanen, densë Raum sinn, wéi hei elo zu Esch, dass och do an Zukunft eng Offer vum ëffentlechen Transport ka sinn.

Dat ass och eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet, well et Leit gëtt, déi op de Bus ugewise sinn. Sou dass ech dat doten, muss ech soen, als eng ganz éierbar Aufgab empfannen. A wa mer an déi Richtung eis géinge strateegesch positionéieren, da mengen ech, da géinge de reelle Besoin couvréiere vun de Leit.

Et ass monéiert ginn, dass mer an Zukunft net méi wäerte Linne selwer definéieren. Dat ass éierlech gesot ni d'Praxis gewiescht beim TICE. Och an der Vergaangenheet an och elo zum Beispill gëtt all Changement um Fuerplang, un der Linneféierung zesumme mam Staat gemaach.

Mir hunn eng Fuerplangännerung, déi usteet. An ech muss soen, aus menger bescheidener Erfarung elo aus deene leschte 2,5 Joer, wou ech dierf am Bureau sëtzen, do schonn de Staat e grousse

Rôle spillt an ouni de Staat souwisou keng Decisioun geholl gëtt.

An notamment och Decisioune vum Staat – mat där Fuerplangännerung, déi soll kommen, dozou gefouert hunn, dass mer hätten, fir de selwechte Service ze deservéieren, 80 zousätzlech Chaufferen hätte missen astellen an eng Dosen nei Bussen hätte missen akafen.

An dat an enger Situatioun – an Dir hutt se jo selwer beschriwwen –, wou mer um besteeënde Site wierklech keng Méiglechkeeten hunn, fir zousätzlechen Espace fir nei Bussen, voir neit Personal ze assuréieren.

Wat d'Linn 12 ugeet, hunn ech e Courier un den TICE geriicht a gefrot, ob et méiglech wär, déi dote Linn an Zukunft mat méi klenge Bussen ze deservéieren. An der Hoffnung, dass eis dat eng Rei vun zousätzleche Flexibilitéiten am Urbanismus vum Quartier Hiehl kéint ginn.

An den TICE huet eis geäntwert, dass en net wëlles hat, a méi kleng Bussen ze investéieren, do och historesch eigentlech net gemaach huet, och net wëlles hat, dat an Zukunft ze maachen an dowéinst si net géingen a Fro kommen eigentlech fir déi dote Linn ze fueren.

Do ass d'Ausschreiwung gemaach, effektiv. An do sinn ech awer confiant, dass mer iwwer dat heiten eng Verbeserung vum Service wäerte kréien a jee nodeem wéi gesot och eng zousätzlech Flexibilitéit am Urbanismus vum Quartier.

Wat de Schülertransport ugeet an den Nuetsbus. Wéi gesot, dat ass do, wou mer gesot hunn, wa mer den neie Fuerplang solle fueren an den Nuetsbus an de Schülertransport, da kréie mer d'Enner net méi beieneen, well mer do deen zousätzleche Personalbesoin an den zousätzleche Besoin u Bussen hunn, dee mer einfach net kënnen assuréieren.

An dowéinst ass gesot ginn, dass mer beim Schülertransport – wou ech muss soen, wou mer als néng Gemengen eigentlech eppes maachen, wat 91 aner Gemengen net maachen. Nämlech dass mer dee selwer bezuelt hunn. All déi aner Gemengen am Land kréien dee Service gratis.

A wat den Nuetsbus ugeet, ass de Raisonnement gewiescht, dass et einfach wierklech net vill Demande gëtt. An ech mengen, ech hat et d'lescht Kéier virgerechent. Déi Rechnung, déi mer presentéiert kritt hunn, fir déi Demande hätte mer kënne fir all individuellen Notzer vum Nuetsbus en Taxi zu engem méi bëllegen Tariff eigentlech kënne buchen.

Bon, fir mech ass et och eng Fro vun engem Service public. An ech si perséinlech der Meenung, dass dee Service public och an der Nuecht wichteg ass. Dat hunn ech och d'lescht Kéier am Mäerz schonn esou gesot. Dat ass och de Grond vu mengem Positionnement, deen och ëmmer kloer gemaach hu bei menge Kolleeginnen a Kolleegen am Bureau an am Kommitee.

An dowéinst wäerte mer do – ech mengen, dass do dat lescht Wuert nach net gesprach ass. Mir wäerten do – dat Wuert hu mer eis och ginn am Büro – nach eng Kéier kucken, fir emol eng Etüd ze maachen.

Well nach eng Kéier, de Reseau elo einfach nei erëm anzeféiere sou, wéi e war, mengen ech, gëtt deem awer net gerecht, dass d'Demande immens niddreg war.

Dat heescht, déi Etapp, déi mer proposéieren, ass, dass mer elo mol eng Etüd maachen – an do wäerten d'Kolleeginnen a Kolleege Mobilitéitsschäffen aus deenen aneren aacht Gemenge geschwënn e Courier vun eis kréien

– fir de Besoin nach eng Kéier ze evaluéieren an op Basis dovunner dann eventuell eng nei Offer kënnen ze formuléieren.

Wat d'Personal ugeet, an do wëll ech nieft deem, wat ech scho gesot hunn, hei haut net an den Detail goen, well ech der Meenung sinn, dass deen doten Dialog net heihinner gehéiert forcement, mee an de Sozialdialog gehéiert. Op en Dësch mat der Personsaldelegatioun a mat de Gewerkschaften.

Ech huelen zur Kenntnis, wat d'Kriticke si vun enger Gewerkschaft. An ech huelen dat alles ganz seriö. A mir alleguer am Bureau huelen dat ganz seriö. Mir sinn awer och net mat allem d'accord.

An ech wëll och drop hiweisen, dass och déi zweet Gewerkschaft, déi mer am Syndikat hunn, den OGBL, och net mat allem d'accord ass, wat vun der anerer Gewerkschaft monéiert gëtt.

An do ass awer mäi Message, amplaz dass mer dat elo op der Place publique ausdroen, elo wou mer Stabilitéit a Sécherheet hunn, mengen ech, sinn dat do Saachen, déi mer sollte ronderëm den Dësch zesummen diskutéieren.

An do sinn ech awer och hoffnungsvoll, dass mer deen Echange zäitno wäerten hikréien an dann och zu konstruktive Léisungen am Sënn vum Personal wäerte kommen.

An da muss ech awer konstatéieren, Här Baum, dass Der zimmlech eleng sidd ...

M. Marc Baum (déi Lénk)

Ech sinn dat gewinnt.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

... an Ärem negative Vott.

Well jo eigentlech souguer d'Gewerkschaften, an do si sech d'Gewerkschaften alleguer eens, déi heite Konventioun, iwwer déi mer haut ofstëmmen, ausdrécklech ënnerstëtzen. Sou wéi och déi allermeescht Parteien dat haut hei gesot hunn. Och an de vergaangenen Deeg an anere Gemengeréit. An ech ginn och dovunner aus, an deenen nächsten Deeg a weidere Gemengeréit.

Ech soe Merci fir déi breet Ënnerstëtzung. Ech mengen, dass mer – an dat gesäit d'Prozedur souwisou vir – nach e puermol wäerten iwwer den TICE hei schwätzen. Mir wäerte musse geschwënn eng Ännerung maachen un den TICE-Statutten, fir deen Transfert an de Syndicat-mixte ze facilitéieren. Dat muss och nach eng Kéier duerch de Gemengerot.

Da wäerte sech verschiddener vun eis an der Chamber nach zweemol mam TICE beschäftegen am Kader vun engem Finanzéierungsgesetz, wat wäert musse gestëmmt ginn, fir déi 750 Milliounen Euro vum Staat dann ze legiferéieren.

An dann awer och am Kader vun engem Spezialgesetz fir d'Consitutioun vum Syndicat-mixte. An dann zulescht awer nach eng Kéier hei am Gemengerot fir de Vott vun dann deenen zukünftege Statutte vun deem Syndicat-mixte.

Also et ass haut keen Endpunkt, mee den Ufank vun, hoffentlech, engem Prozess, dee Stabilitéit, Qualitéit a Prosperitéit fir den TICE wäert bedeiten. Ech soe Merci fir d'Diskussioun a fir d'Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

4.1. Convention avec le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, da komme mer elo bei e Punkt a bei eng Konventioun, wann een do den Historique géing maachen, da geet dat elo intern hei am Haus op Abrëll 2019 zeréck, dass heiru geschafft gëtt.

A wann ee wierklech géing den Historique vun allen Dokumenter, vun alle Recherchë maachen, da komme mer iergendwou eraus bei Situatiounen, déi ze kläre sinn, déi op de Buergermeeschter Antoine Krier zeréckginn. Deen Här war Buergermeeschter bis 1965. Fir da just de Kader ze setzen, wat alles hei mat um Dësch läit.

2019 gouf et éischt Versammlungen, déi vu verschiddene Vertrieder vum kathoulesche Culte, entweeder dem Kierchefong oder den Oeuvres paroissiales, ugefrot goufen. Dat mam Zil, fir am Kader vun der Trennung vu Kierch a Staat verschidde Froe betreffend verschidde Besëtzverhältnisser tëschent der Stad Esch an den Entitéiten drop hinzeweisen an op déi Froen eventuell och Äntwerten ze fannen.

Dat gouf et fir alleguer déi Escher Paren, sou wéi et se fréier gouf. An dat gouf et och fir all Decennien, iergendwellech Decisiounen, wou net kloer formuléiert waren.

Ech probéieren, et einfach mat zwee Beispiller, déi net ze wäit zeréckleien an déi awer och wierklech hei d'Aktualitéit vun der Konventioun ausmaachen, fir et domadder e bësse besser ze erklären.

Ee Beispill de Jardin des Nations an der Rue de l'Eglise, hannert der fréierer Krankekeess. Hei huet de Kierchefong d'Fro opgeworf, ob dësen amenagéierte Gaart dann elo entweeder zum Paschtoueschhaus vis-à-vis géing gehéieren oder zum Koschterhaus niewendrun.

An deem enge Fall wier en d'Proprietéit gewiescht vun der Stad Esch, an deem anere Fall wier et d'Proprietéit gewiescht vum Kierchefong.

An du si mer higaangen a mer hunn d'Kadasterpläng gekuckt. An do gouf et Kadasterpläng an deene verschiddene Joren, aus deene verschiddene Joerzéngten, wou tatsächlech d'Proprietéitsverhältnisser gewiesselt hunn. Wou et awer keng Akte gouf, wou et Onkloerheete gouf, wiem dann elo tatsächlech dee Gaart gehéiert.

Am leschte Kadasterplang, deen do loung, do ass de Jardin des Nations zougezielt ginn zum Paschtoueschhaus, also zu der Proprietéit vun der Stad Esch.

En anert Beispill, ëm dat et haut och wäert goen, dat ass d'Porte Ouverte. D'Porte Ouverte, dat ass d'Haus op 17 an der Bielesser Strooss. An dat ass eng Schenkung gewiescht vun der ARBED un d'Stad Esch, awer mat der Konditioun, dass se Organisatiounen an Associatiounen, déi e Lien mam Culte catholique hunn, zur Verfügung gestallt géing ginn.

E Gebai, dat zënter 1963 vun der Kierch an duerno vun den Oeuvres paroissiales also geréiert an komplett ënnerhale gouf, obwuel d'Stad Esch awer de Proprietär dovu war.

An esouguer obwuel mir de Proprietär dovu waren, hu mir awer un d'Oeuvres paroissiales e Loyer bezuelt, wa mir zum Beispill se gebraucht hunn, fir Conservatoirescoursen oder fir aner Aktivitéite vun der Gemeng.

Als Ausglach, well mir als Gemeng eigentlech ni, obwuel mer dann awer och Proprietär waren, iergend e Frang oder iergend en Euro an d'Renovatioun, Mise-en-conformitéen a sou weider an dat Gebai gestach hunn. Dat hunn nämlech dunn alles d'Oeuvres paroissiales erëm gemaach, déi eeben net Proprietär waren.

An hei ass dann d'Fro opkomm, jo, wien huet dann do elo wat fir eng Responsabilitéit. Et ass och d'Fro opkomm, wiem gehéiert elo wat vun deem, wat do elo amenagéiert gouf an deem Gebai.

An dann ass awer och eng Fro, déi einfach rechtlech ze kläre war par rapport zum Gesetz vun der Trennung vu Kierch a Staat. Kann een hei net och vun enger indirekter Subsidiéierung schwätzen, wann eigentlech dann eng Organisatioun ka Souslocatioune maachen an engem Gebai, wat eigentlech der Stad Esch gehéiert? Dat heescht, engem ëffentlechen Acteur.

An esou Beispiller gouf et eng ganz Rëtsch. Ech kéint elo nach d'Paschtoueschhaus op der Grenz opzielen, ech kéint nach kleng Terrainen iergendwou opzielen, wou och dann iergendwa Schenkunge waren oder lerfschafte gemaach goufen.

Wou mer déi Beispiller haten, ass fir d'éischt emol zënter 2019 eng ganz Rechercheaarbecht gemaach ginn an deene verschiddenen Archiven, souwuel bei eis wéi dann och beim Kierchefong wéi och an deenen eenzele Paschtoueschhaiser hei. Fir da wierklech emol en Tri ze maachen, wat nach à discuter ass a wat net ze diskutéieren ass. An eigentlech konnt déi grouss Majoritéit vun de Froen heiduerch beisäit geluecht ginn.

Et sinn awer e puer Froen opbliwwen an dann hat souwuel de Kierchefong wéi natierlech och d'Stad Esch verschidden Interêten. Wéi ech elo scho gesot hunn, een Interête vun eis war et, fir eng kloer Konformitéit an eng kloer Reeglung vun de Responsabilitéiten ze hunn.

An an deenen Diskussioune si mir – wa mer iwwer ganz spezifesch Plaze schwätzen – eragaange mat véier Punkten, déi eis wichteg waren. Éischtens, dass de Kierchefong op den Droit d'usage vum Gebai 17A an der Rue de Belvaux, also der Porte Ouverte, géing verzichten.

Dat ass e Gebai mat engem grousse Festsall a mat enger Bün, et ass e klenge Festsall dran. Et si véier Versammlungsraim an eng Kichen dran. Vum Interieur hier sinn déi zwar e bëssen an d'Jore komm, mee d'Stad Esch brauch awer esou Raim. Mir ginn ëmmer erëm vu Veräiner gefrot a vu lokalen Initiativen, fir déi ze notzen. Mir brauche se och selwer fir kulturell Aktivitéiten, zum Beispill fir de Conservatoire.

Et kéint ee sech do eng Form vun engem Biergerhaus virstellen, et kéint ee sech eng Form vun engem Centre culturel virstellen, engem Veräinshaus virstellen. All dat sinn Diskussiounen, déi een do an deem Haus kéint maachen. Mee wa mer keen Notzungsrecht hunn, ass dat dann eng Fro, wou mer dann an enger Onméiglechkeet sinn.

Dunn ass eng Evaluatioun gemaach gi vun engem agreéierten Expert. Deen huet d'Haus an den Terrain op 3,4 Milliounen Euro geschat an hien huet d'Notzungsrecht op zwielef Joer – wann een dat géing chiffréieren – op 2,1 Milliounen Euro evaluéiert.

Zweete Punkt, deen eis wichteg war, dat ass dann dee Jardin des Nations, deen ech ugeschwat hunn, hei an der Rue de l'Église. Dat ass en Heritage vum verstuerwenen Escher Dechen a Gewerkschaftsmann Raymond Streveler, wou d'Par St. Joseph eng grouss Ierfschaft gemaach huet, decidéiert huet, net an d'Kierchegebaier ze investéieren, mee eigentlech d'Iddi hat, e klenge Park ze amenagéieren, deen allen Escherinnen an Escher soll zeguttkommen.

Et si Statuen do opgestallt ginn, Konschtwierker vum bekannte Kënschtler a mat Esch verbonnene Kënschtler Abt Deville. Nach e Charakterzuch vum Gaart – dofir heescht e Jardin des Nations – ass, dass Buedem verschafft ginn ass aus fënnef verschiddene Kontinenter, déi dann an dee Gaart komm sinn.

An dat alles huet ëm déi 380.000 € kascht, wann een d'Rechnunge vun deemools hélt. Dat heescht, eng Plus-value, déi dann eigentlech op engem Terrain vun der Stad Esch gemaach gouf.

An der Lescht gouf de Park net richteg ënnerhalen, wéinst dem Chantier ronderëm waren och déi Konschtwierker zougestallt. An elo ass et och esou, dass meeschtens d'Dier vun deem Park zougespaart ass.

Eis Iwwerleeung ass et awer, fir den Escherinnen an Escher dee klenge Park erëm zur Verfügung ze stellen, deen erëm accessibel ze maachen an deen da mat an eis Gréngflächen ze iwwerhuelen.

En drëtte Punkt, deen eis wichteg war, dat war de Parvis mat dem Trottoir virun der Lallenger Kierch, deen dem Kierchefong gehéiert. Mir wollten deen onbedéngt an de Besëtz vun der Stad Esch kréien.

Dat wëssen d'Leit net onbedéngt, mee tatsächlech ass d'Lallenger Kierch, an och déi Alentouren do, net vun der Stad Esch gebaut ginn, mee dat ass mat deelweis mat Privatfongen an deelweis vun der ARBED gebaut ginn.

Sou dass, wéi mer deemools hei iwwer d'Besëtzverhältnisser vun de Kierchen an der Stad Esch geschwat hunn, dat zum Beispill eng Kierch war, wou mer hu missen driwwer diskutéieren. Well et kloer war vun Ufank un, dass dat ni eng Kierch war, déi der Stad Esch gehéiert huet, mee ëmmer dem Kierchefong.

Dee Parvis ass an deem Sënn immens wichteg, well all Iwwerleeung, déi mer féieren iwwer d'Amenagment vun där Kräizung Rue de Luxembourg / Boulevard Charlotte / Boulevard Aloyse Meyer, alles wat een do denkt, all Projet, deen een do wéilt realiséieren, geet eigentlech iwwer deen dote Parvis.

An dowéinst sinn et schonn zënter 2010 Beméiunge ginn, fir dee Parvis ze kréien, wou et awer net dozou komm ass. Ech hunn nach mat Leit geschwat, déi dobäi souzen, déi gesot hunn, d'Verhandlunge sinn do ofgebrach ginn, well et wierklech um Präis geleeën huet, wou ee sech net eens ginn ass.

An da véiertens d'Paschtoueschhaus op 12, Rue de l'Église, direkt hei nieft der Juppekierch. Zënter engem Gesetz iwwer Trennung vu Kierch a Staat ass et kloer, dass de Kierchefong e Loyer un d'Stad bezuele muss fir d'Notzung vun de Paschtoueschhaiser.

Dat ass hei zu Esch awer ni applizéiert ginn, wat dann och dozou geféiert huet, dass mir eebe Remarke vum Ministère de l'Interieur kruten. Dat ass eng Situatioun, déi mer esou net wollte stoe loossen an dowéinst hu mer – well et ass wichteg, dass mer da réckwierkend kéinten e Loyer anzéien.

Deen hu mer elo berechent a chiffréiert op 496.000 €, déi mer do vum Kierchefong zegutt hätten. Dat mécht e Loyer opgeronnt, wann een op fënnef Joer géing zeréckrechnen, 8.263 € de Mount, wou mer dann do froen.

Dee chiffréiere mer op déi lescht fënnef Joer, mee eigentlech ass et scho méi laang, dass mer en hätte missen afuerderen, sou dass een dat natierlech kann op déi aner Jore berechnen. Da gëtt et manner, mee trotzdeem ass dat do en zolitte Montant.

An da war et d'Uleies vun dem Kierchefong, dass si awer och kéinten hirersäits d'Paschtoueschhaus kréien. Dass si et kéinte kafen oder kréien. Och dat hu mer schätze mer gelooss an do hu mer eng Valeur vun Experte genannt kritt iwwer 1,98 Milliounen Euro.

Mir hate prinzipiell ni e Problem domat, dass eeben de Kierchefong d'Paschtoueschhaus kéint kréien, kafen oder an en Tosch kéint afléissen. Awer mat engem ganz wichtege Krittär, dass natierlech am Fall, wou dat geschitt, d'Stad Esch den Droit de préemption huet an dass mer et zu dem selwechte Montant géingen zeréckkréien, wéi mer et och elo da géingen ofginn.

An du goufen, nodeems déi ganz Expertisen erstallt goufen, nodeems eise Service Biens fonciers Berechnungen opgestallt huen, nodeems de Staat seng Aschätzunge ginn huet, nodeems eis Chefjuristin mat Nottäre Méiglechkeete gekläert huet, wéi een dat alles hei an en Akt brénge kéint, deen eng richteg Form huet, a wat ass gesetzlech de Kader – wat däerfe mer, wat däerfe mer net –, hu mer da schlussendlech déi Konventioun hei hikritt, déi um Dësch läit.

An der Konventioun steet dran, wann een déi ganz Echangen, oder déi ganz Valeuren elo chiffréiert an op déi zwou Säite vun der Balance setzt, dann ass herno nach ënnert dem Strëch eng kleng Soulpe iwwreg bliwwen, ech mengen, vun ëm déi 9.000 €, déi mir hätte misse bezuelen, mee déi awer net wäert berechent ginn.

Wat elo vun der Form hier geschitt. Wa mir déi Konventioun haut géinge stëmmen, da kritt en Nottär d'Missioun, fir déi ganz Akten opzestellen. An déi kommen nach eng Kéier an de Gemengerot, an dat innerhalb vun deenen nächste sechs Méint.

Wat d'Porte Ouverte an der Bielesser Strooss betrëfft, hunn ech gesot, dass do de Moment scho Veräiner dra sinn. Verschidde Veräiner eebe Souslocatiounen hu mat den Oeuvres paroissiales.

Mir haten eng Versammlung dësen Dënschdeg mat de Presidente vun den Oeuvres paroissiales, wou mer kloergestallt hunn, wann déi Konventioun haut hei gestëmmt gëtt, dass keng nei Kontrakter däerfen erstallt ginn an dass och keng Kontrakter, déi am Moment bestinn, dierfe vun hinne verlängert ginn.

Deen eenzege Kontrakt, deen dann nach erstallt gëtt, dat ass de Kontrakt tëschent der Stad Esch an hinne fir d'Notzung vum Conservatoire. A just bis déi Durée, wou

dann och den Akt hei wäert am Gemengerot ënnerschriwwe ginn.

Am Moment sinn eng Rëtsch Veräiner dran, zum Beispill d'Anonymm Alkoholiker, d'Escher Vëlosunioun, d'Escher Sängerfrënn a sou weider. Mir wäerten een nom anere vun deene Veräiner begéinen, mat deene schwätzen, kucken, ob déi nach eng Plaz an der Porte Ouverte hunn oder ob mir eventuell aner Raimlechkeeten hunn, wou si kënnen notzen. Dat gëtt da mat all Eenzelem gekläert.

Dat hänkt awer och net vun der Loscht vun eis of an och net vun der Loscht vun deenen eenzele Veräiner, mee dat hänkt och dovun of, dass ab deem Moment, wou et da ganz kloer eis Responsabilitéit ass, mer natierlech mussen eng gewëss Mise en conformité garantéieren. Da schwätze mer vun engem ëffentleche Gebai, an dat muss investéiert ginn, souwuel ganz einfach Sécherheetsnormen, déi do mussen en place gesat ginn.

An dann nieft der Form nach e leschte klenge politesche Message. Et ass kloer ausgeschwat gi vis-à-vis vum Kierchefong, dass mat dëser Konventioun all praktesch Froen tëschent der Trennung vun der Kierch an der Stad Esch elo gekläert sinn. Gereegelt sinn. An dass si net brauchen erëmzekommen an deenen nächste Wochen a Méint mat iergendwellechen aneren Dokumenter oder Akten, déi si nach erëmfonnt hätten.

Wa mir dat hei ënnerschriwwen hunn, dann ass dat do deen Akt, un deem mer festhalen.

Mir wëlle keng nei Diskussiounen op jidde Fall do féieren. Dat wësse si, domat sinn si natierlech d'accord.

Mir schléissen haut mat dëser Konventioun e Prozess of, deen eigentlech och schonn hätt kënnen ofgeschloss ginn zu engem anere Moment. Nämlech am Dezember 2016, wou deemools de Gemengerot hei iwwert d'Besëtzverhältnis vun de Kierchen hei an Esch ofgestëmmt huet.

Well dat heiten ass eigentlech en Deel, deen dozougehéiert hätt, wou hätt kënne matdiskutéiert ginn a wou hätt kënne kloer gereegelt ginn a wou och dee Moment hätt kënnen hei um Dësch leie fir ofzestëmmen. Mee dat ass net de Fall, mee déi Aarbecht ass dann elo opgeschafft an nogeholl ginn.

An ech wëll stellvertriedend fir all Bedeelegt eiser Chefjuristin, dem Laetitia La Vecchia, Merci soen. Se souz gëschter bei mir am Büro an do huet se mer gesot, dat do ass elo en Dossier, do schaffen ech zënter 6, 7 Joer drun an ech si frou, wa mer déi do Saach gekläert kréien. Well dat war och nach eng ganz Diskussioun mam Inneministère. Och do mat Juristen, fir eeben ze kucken, ënnert wat fir enger Form gëtt dat do festgehalen.

Et ass net nëmmen eng redaktionell Aarbecht, mee och an den Negociatiounen, virun allem wat d'Detailer ugeet, waren et deelweis Juristen, déi zesummesouzen an déi richteg Formen do op Pabeier bruecht hunn. Dofir soen ech dann och Merci.

An da géing ech den Debat opmaachen, oder wa Froe sinn. Wie wëll eppes dozou soen? Den Här Avdic.

M. Aldin Avdic (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och fir all déi Explikatiounen. Mir fannen de Contenu vun dësem Accord am Fong ganz gutt a wäerten dësen dann och mat ënnerstëtzen.

Et ass awer och wichteg, ze soen, genau wéi Dir och scho virdrun erwäänt hutt, dass et do eng Partie Veräiner ginn, am Sport, Kultur,

Gesellschaft, déi e wichtege Bestandeel vun der Escher Identitéit sinn an déi aktuell dës Plaz am Fong als hiert Doheem och benotzen.

Et ass awer och gewosst, dass dës Gebailechkeeten an d'Jore komm sinn an dass do wäerten Aarbechte musse gemaach ginn, notamment fir d'Mise en conformité duerchzeféieren.

Mir hunn eis dann awer och e puer Froe gestallt diesbezüglech, notamment wat geschitt mat deene Veräiner, déi aktuell dës Raimlechkeete benotzen, well déi awer gréisstendeels vun dëse Raimlechkeeten ofhänken, fir hir Aktivitéiten oprechtzeerhalen.

Wat huet d'Gemenge mat dëse Gebailechkeete kuerzfristeg a laangfristeg vir? Ginn et do scho konkreet Projeten?

Dann hu mer eis och gefrot, wéi vill Käschten nach on top op eis duerkommen, fir all déi Aarbechten ze realiséieren. Ginn et do schonn Estimatiounen?

An eng kleng Remark, déi een da muss maachen, ass notamment den Artikel 3 betreffend de Jardin des Nations. Do fannen ech awer perséinlech de Montant vun 380.000 €, dee baséiert ass op eng Facture aus dem Joer 2008, e bëssen iwwerdriwwen. An ech froe mech, ob dat an der Tëschenzäit net awer verjäert ass.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Avdic.

Den Här Ramdedovic huet d'Wuert.

M. Dejvid Ramdedovic (CSV)

Merci fir de Wuert.

De Fro vun Trennung tëschent de Kierch a Staat ass an eisem Land net nei, mee se huet ëmmer erëm Diskussiounen iwwer Reegelen, an heiansdo och Mëssverständnisser. Hei zu Stad Esch, genee esou wéi soss am Land, mir musse Léisung fannen, fir eisen historeschen Heritage ze verwalten. Nämlech de Relatiounen tëschent eiser Gemeng an de reliéisen Entitéiten.

Duerch dës Konventioun brénge mir Kloerheet, Transparenz a Gerechtegkeet an de Gestioun vun eisen ëffentleche Gidder. Ze laang goufe Gebaier, bei dës Stad gehéieren, vun der Kierch benotzen an ënnerhalen. Terrainen a Plazen hu Froen iwwer de Proprietär ausgeléist. An dat alles an engem Kontext, wou de Gesetz iwwer den Trennung kloer ass. Kommunale Besëtz muss vun der Gemeng am Interesse vun allgemeng verwalt ginn an net no ale Kompromiss aus dem Vergaangenheet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass en Akt vu gudder Gouvernance, déi Decisioun fir Transparenz a Gläichheet. D'Trennung tëschent Kierch a Staat ass kee Spléck, si garantéiert jidderengem seng Plaz, seng Rechter a seng Verantwortung. Si erméiglecht et der Stad, hir Missiounen am Déngscht vum Gemengenzuel voll a ganz ze erfëllen a gläichzäiteg d'Fräiheet vu Glawen an dem Räichtum vun eisen Traditiounen ze respektéieren.

Haut maache mir e Kapitel zou, wat heiansdo komplizéiert war, fir eng nei Ära, fir Kloerheit a géigesäitege Respekt opzeschloen. Um Schluss, ech wëll och all de Servicer vun der Gemeng Merci soen an och eiser Diskussiounspartner, dem Kierchefong.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Ramdedovic.

Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Mir begréissen déi heite Konventioun éischter. Wéi gesot, Dir hutt gesot, déi Saach hätt scho kënnen 2016 am Fong geholl gereegelt ginn. Do wëlle mer just awer soen, et ass awer elo e laangen Dag vergaangen, bis mer dann hei zu dëser Konventioun konnte kommen.

Ech hoffen och, wéi Der gesot hutt, datt net an Zukunft trotzdeem do nach verschidden, solle mer soen, Problemer oder wéi ee seet Läichen am Keller wäerten optauchen. An datt mer dann dës Kéier de Vollzuch hikréien. E proppere Vollzuch hikréien zwëschent der Trennung vu Kierch a Staat.

Dat ass noutwendeg an eiser moderner Gesellschaft, datt jiddweree genau weess, wou e steet a wellech seng Flichte sinn, déi en ze erfëllen huet, an och déi Responsabilitéiten, déi en ze huelen huet.

Dofir géife mir dat hei dann och matdroen, wierklech an der Hoffnung, datt dat dann esou gereegelt ass fir hoffentlech laang Zäit. An och an der Hoffnung, datt jiddwereen am Fong geholl, an och déi Clibb, déi wou do concernéiert sinn, zefridden ass mat deem Endresultat an datt jiddwereen am Fong domat liewe kann.

Ech wëll awer trotzdeem nach eng Kéier deene Leit Merci soen, déi wou an dësem Dossier geschafft hunn. Ech hunn héieren, dat wier extreem komplizéiert gewiescht. Eng Léisung ass fonnt ginn; hoffentlech eng bestänneg. An domat ass meng Interventioun zu dësem Theema eriwwer.

Merci villmools.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Och mir schléissen eis hei de Felicitatiounen un un de Schäfferot, fir hei dat Kapitel ofzeschléissen. Ech mengen, datt deen Deal, wann een dat esou soe kann, deen Tosch oder déi Toschmechanismen, déi do fonnt gi sinn, sënnvoll sinn, am Interêt vu jiddwerengem.

An dofir sinn ech och frou, datt d'Diskussioun elo haut hei iwwer quasi de leschte kommunalen Akt vun der Trennung vu Kierch a Staat och an enger Onopgereegtheet ka gefouert ginn, déi och vläicht virun zéng Joer nach net grad sou gi war.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Par rapport zu de Froen. Bon, et si sechs Veräiner am Moment nach an der Porte Ouverte. Bei verschiddene leeft de Kontrakt aus elo Enn des Joers. Dat heescht, dat muss een da kucken, ob déi dann iwwerhaapt nach eng Demande hunn.

Da gëtt et Veräiner, wou ee sech muss d'Fro stellen, ob déi eventuell op enger anerer Plaz besser opgehuewe wieren oder wa se

déi Méiglechkeet kritt hätten, zum Beispill e Sall an der Maison des Citoyens ze kréien, ob dat net och fir si okee gewiescht wier, amplaz eeben an d'Porte Ouverte ze goen.

Mee wéi gesot, dat gëtt gekuckt mat deene verschiddenen Acteuren, déi nach sur place sinn.

Wat elo Käschte sinn a wat Ëmbauaarbechte sinn, dat hu mer nach net chiffréiert. Dat soll awer kee Prunkbau ginn, kee komplett neien, schicke Centre culturel zum Beispill.

D'Iddi ass, fir ze soen, mir maachen eng Mise en conformité, well et jo awer – dat muss een dann awer och der Situatioun urechnen – eng Plaz ass, wou Leit eppes domat verbannen an een e bëssen digne mat deem Lieu soll ëmgoen.

A mat deem Gaart, deen eigentlech do ronderëm gestalt – et ass jo eigentlech e schéinen Eck, dee mer do hunn: d'Kierch, déi zwee Parken an dat Gebai, wat dran ass. Dass dat soll do ugepasst sinn, dass deem Rechnung gedroe gëtt.

Ech mengen, dass wierklech elo mol d'Mise en conformité, den Accès, d'PMR-Gerechtegkeet, d'Froe vun Toiletten op en aneren Niveau bréngen, dass dat déi éischt Froe sinn, déi mer do hunn.

Bon, iwwer déi Montante kann een diskutéieren. Mir hunn eis do ganz einfach baséiert op déi Rechnungen, déi tatsächlech virloungen. Déi sinn aus dem Joer 2008. Wann déi hei Diskussiounen zu engem anere Moment diskutéiert gi wieren, da wiere se vläicht méi aktuell gewiescht.

Mee hei ass et dann einfach de Fakt, wann een an Diskussiounen ass a wann ee matenee verhandelt, dass ee sech dann op dat objektiivt soll baséieren, wat een nëmme kann hunn. An da do sinn déi Dokumenter, déi virloungen.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

4.2. Nonnewisen ; Convention de coopération avec le Fonds du Logement ; avenant ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei eng Konventioun mam Fonds du Logement. Et geet hei ëm en Avenant par rapport zu der Konventioun, déi mer am Abrëll 2023 unanime hei gestëmmt hunn.

Et ass esou, dass eeben an der ursprénglecher Konventioun et ëm d'Vente vun den Haiser am 7N an dann den Triplex an d'Appartementer am 6N geet, wou déi sollen iwwer de Fonds du Logement verkaf ginn.

Well mer awer elo hei am Gemengerot vum 23. Mee decidéiert hunn, dass mer jo Aarbechten an den Triplexe vum 6N

maachen, dass mir do selwer Kichen a Buedzëmmeren abauen, hale mer eeben an dësem Avenant fest, dass dann dee Moment d'Vente vun deenen Triplexen an d'éischt Trimester 2026 geluecht gëtt.

Et gëtt keng Ännerunge bei de Modalitéite vum Bezuele vum Fong. Wat mir un de Fong bezuelen, dat hänkt dovun of, wéi vill Biene si dann tatsächlech herno verkafen.

Et ass awer och esou, dass een nach ëmmer kann en Triplex an dem aktuellen Zoustand kafen. Dat gëtt och elo nach eng Kéier relancéiert.

Am Kader vun der Semaine du Logement wäert eng Campagne lancéiert ginn, wou nach eng Kéier speziell op de 7N an op de 6N higewise gëtt. Et wäerte Publikatiounen a Magasinner sinn, et wäerte Popup-Reklammen op Internetsitte sinn, et wäerte Radioreklamme sinn.

Mir wäerten och selwer op der Foire du Logement present sinn. An dat huet dann och nach eng Kéier e Coût vun ëm déi 28.000 €, wou mer investéieren. Wat awer keen Deel ass vun der Konventioun hei.

Herno komme mer nach eng Kéier op d'Venten. Wat de 7N betrëfft, do si mer gutt an de Venten ënnerwee, mee dorop kommen ech herno nach eng Kéier drop zeréck, wa mer d'Venten, déi mer hei stëmmen, beschwätzen.

Gëtt et Froen zu der Konventioun? Wuert-meldungen?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

4.3. Convention relative à la ventilation du nombre des emplois salariés auprès du ZARE pour l'exercice 2024 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann ass et elo esou, dass mer bei d'Konventioun vum ZARE kommen. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech erspueren lech déi lescht zwee Joren Erklärungen iwwer dës Konventioun. Ech mengen, Dir kennt déi schonn.

Déi Konventioun, déi mer hei presentéieren, ass am Fong geholl fir d'Ventilatioun vun deene Suen, déi de ZARE kritt, fir d'Unzuel vun Aarbechter, déi eeben op eisem Territoire och schaffen, vum Fonds de dotation och kréien.

Déi Konventioun gesäit jo vir, datt et ëmmer op een Drëttel pro Gemeng gedeelt gëtt, sou dass dat, wat mer kréie vun där Ventilatioun, sech chiffréiert op 58.743,73 €. An ech géif lech dofir bieden, déi matzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ginn et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

5. Classement comme monument national de l'immeuble sis 31, Rue du Fossé ; avis

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Sehovic huet d'Wuert fir den nächste Punkt.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Et geet ëm de Classement comme monument national vun engem Gebai hei an Esch, wat op 31, Rue du Fossé läit. Do läit e positiven Avis vun der Commission pour le Patrimoine culturel vir, dee mer gär och als Schäfferot géingen eng Suite ginn.

An dowéinst proposéiere mer dem Gemengerot, fir dat Gebai dann och effektiv suivant dem Avis vum INPA och ze schützen an et dann och entspriechend esou ze klasséieren. Ech bieden ëm Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

6. Forum des villes jumelées ; présentation du programme

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Forum des villes jumelées. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen aKolleegen, ech wëll dës Geleeënheet haut notzen, fir eng Initiativ virzestellen, déi net nëmme wichteg fir d'Stad Esch ass, mee déi och e politesche Message iwwermëttelt, dee kloer an d'Kontinuitéit vum Koalitiounsaccord 2023-2029 fält.

Et geet ëm den éischte Forum vun de jumeléierte Stied vun Esch, deen den 9. Oktober zu Belval stattfënnt an dee mam Titel „La reconversion des friches, un atout pour le développement d'une ville et d'une région ?" organiséiert gëtt.

Dëse Forum ass net als eemolege Rendez-vous geduecht, mee als Startpunkt vun engem neie Kapitel an der Politik vun den internationale Relatiounen an den transnationalen Zesummenaarbechten vun eiser Stad.

De Koalitiounsaccord huet kloer gesot, mir wëllen eng Politik féieren, déi oppe fir d'Welt ass, déi grenziwwerschreidend denkt an déi den Numm Esch net nëmmen national, mee och europäesch an international positionéiert.

Wann een op Esch kuckt, gesäit een direkt zwee Elementer, déi dës Politik onëmgänglech maachen. Als zweetgréisst Stad vum Land droe mir eng besonnesch Verantwortung, an als Grenzstad liewe mir all Dag déi konkreet Realitéite vun Zesummenaarbecht an Interdependenz mat eisen Noperen.

Et ass nëmme logesch, datt mir dës Realitéiten net nëmmen erliewen, mee och politesch gestalten. Den éischte Forum mécht dat mat engem Theema, dat fir Esch a fir vill aner Stied am Häerz vun Europa immens aktuell ass: d'Rekonversioun vun de Frichen.

De Programm, deen haut en annexe disponibel ass, weist kloer, datt dëst keng theoretesch Übung ass. Am Laf vum Dag ginn et Diskussioune mat Experten aus Esch an aus eisen Partnerstied iwwer d'Frichen als Symbol vum Vergaangen a Perspektiv fir d'Zukunft, iwwer d'Bedeitung vun der Biergerbedeelegung, iwwer d'Kulturindustriell als Ressource fir Identitéit a fir touristesch Entwécklung an iwwer déi grouss Projeten hei zu Esch, vu Belval iwwer Rout Lëns bis Metzeschmelz.

Am Nomëtteg ginn dës Iddien a prakteschen Atelieren verdéift, déi sech mat der ekonomescher Entwécklung an dem Tourismus, mat den ekologeschen a mobilitéitspoliteschen Erausfuerderungen, wéi och mat de sozialen, kulturellen a sportleche Chancen befaassen, déi eng Rekonversioun mat sech bréngt.

Dëst weist schonn eng vun den zentrale Linne vun eiser Strategie: all Theema transversal behandelen. Eng Friche ass net nëmmen eng urbanistesch Fro, et ass och eng sozial Fro, eng kulturell Chance, eng wirtschaftlech Méiglechkeet an eng ekologesch Erausfuerderung.

Dofir ass et wichteg, datt all Editioun vum Forum en Haapttheema huet, dat duerno an all Beräicher vum kommunale Liewen iwwersat gëtt. Sou bleift d'Diskussioun net an engem Fachdomaine gefaangen, mee gëtt en Instrument fir déi global Entwécklung vun eiser Stad.

Mee dëse Forum ass net nëmmen en Evenement. E soll an Zukunft all zwee Joer widderholl ginn andomadder zu engem feste Bestanddeel vun eiser kommunaler Aussepolitik ginn.

Tëscht deenen eenzelnen Editiounen ass et wichteg, datt d'Kontakter, déi hei entstinn,

weider gefleegt ginn. Mir wëllen e permanente Raum vum Austausch schaffen, wou eis Stad mat hire Partnerstied a mat Acteuren aus der Groussregioun an aus Europa zesummeschafft.

Aktuell si scho 60 Participanten ugemellt an d'Umellunge sinn natierlech nach op.

Wat bréngt eis dat konkreet? Éischtens d'Méiglechkeet, gutt Praktiken auszetauschen. Wéi ginn aner Stied mat Urbanisatioun, mat Sozialpolitik, mat Klimaschutz ëm?

Zweete Punkt, d'Chance, gemeinsam Projeten z'entwéckelen, déi net nëmmen op lokalem Niveau bleiwe, mee déi europäesch Dimensioun hunn. Drëtten Aspekt, d'Méiglechkeet, zesummen un europäesche Programmer deelzehuelen a gemeinsam Kandidature fir Finanzéierungen ze maachen, déi mir eleng vläicht guer net géifen erreechen.

D'Organisatioun vun dësem Forum fält och an eng Zäit, wou mir als Stad Esch eis staark Verankerung an der europäescher Kooperatiounspolitik gewisen hunn. Mir hunn dëst Joer de 35. Anniversaire vum Programm Interreg gefeiert, an deem mir als Member vun der Zone Fonctionnelle Alzette-Belval eng wichteg Roll spillen.

Zousätzlech si mir aktiv Member vum GECT Alzette-Belval, dee grad dofir geschaf gouf, fir d'Kooperatioun an eiser Grenzregioun méi staark a méi effizient ze maachen.

Am Kader vun dëser Dynamik hu mir den 18. September d'zweet Editioun vun de Journées de la Coopération an der Groussregioun an eisem Stadhaus empfaangen, wou Acteuren aus Politik, Verwaltung a Gesellschaft iwwer d'Zukunft vun der europäescher Zesummenaarbecht diskutéiert hunn.

Dëst weist, datt Esch sech net nëmme symbolesch, mee och ganz konkreet an institutionell an d'Zesummenaarbecht op europäeschem a grenziwwerschreidendem Plang integréiert huet.

Den éischte Forum vun de jumeléierte Stied baut genee op dëser Dynamik op a setzt sech an engem méi breede Kader fort, wou Jumelagen, europäesch Programmer a groussregional Initiativen zesummekommen.

Ech wëll et kloer soen: Dëst ass eng Politik, déi net just fir Protokoll oder Representatioun gemaach gëtt. Et ass eng Politik, déi konkreet Avantagë fir eis Stad a fir eis Bierger soll bréngen.

Et geet ëm méi Méiglechkeeten fir eis Jugend duerch Austausch- a Mobilitéitsprogrammer. Et geet ëm méi Dynamik am kulturellen a sportleche Liewen duerch international Partnerschaften. Et geet ëm méi Innovatioun an nohalteg Entwécklung duerch d'Inspiratioun vun anere Stied. An et geet ëm méi wirtschaftlech Chancen, well mir duerch dës Netzwierker kënnen nei Investisseuren a Partner unzéien.

Ech wëll betounen, datt dës Presentatioun am Gemengerot an engem Geescht vun Informatioun gemaach gëtt. Et ass wichteg, datt all Conseilleren iwwer d'Projeten an d'Reflexiounen, déi d'Majoritéit uleet, informéiert sinn an och d'Méiglechkeet hunn, un den Evenementer deelzehuelen, déi an dësem Kader natierlech och organiséiert ginn.

Ech gesinn dëse Forum als Startpunkt vun engem Wee, deen eis Stad nei Perspektiven opmécht. E Wee, deen Esch als Stad vun der Kooperatioun, vun der Opmaachung an vun der Zukunft positionéiert. E Wee, wou mir net nëmme vun eiser eegener Kraaft liewen, mee wou mir och d'Kraaft vun eisen Netzwierker, vun eiser Groussregioun an eisem europäesche Kontext notzen.

Ech wëll zum Schluss och e grousse Merci ausdrécken un de Service des Relations Internationales a Jumelagen, a Kollaboratioun mam Service Patrimoine historique et industriel, souwéi un all déi aner Servicer vun der Stad Esch, déi un de Preparatioune matgewierkt hunn. Si hu mat vill Engagement an Zesummenhalt zu dësem Projet bäigedroen.

E spezielle Merci geet och un eis Partner a Riedner, dorënner Vertrieder vu verschiddene jumeléierte Stied, wéi Offenbach, Lille, Coimbra oder och nach Diddenuewen, déi mat hirer Präsenz dëse Forum beräicheren.

Dofir e grousse Merci fir och déi Ënnerstëtzung. Et ass kee Vott, mee op jidde Fall, et war mer wichteg, dës Presentatioun och ze maachen, fir och de Forum kënnen ze presentéieren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Cavaleiro.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen heizou? Da soe mer lech Merci, Här Cavaleiro.

7.1. Programme Mid-Ager ; présentation

7.2. Programme Mid-Ager ; règlement-taxe ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An den Här Zwally presentéiert de Programm „Mid-Ager“.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Ech mengen, mir hunn en neie Programm, dee mer wëlle virstellen. En ass am Kader vun eisem Sportförderprogramm, deen ënnert dem Motto „Sport fir jiddereen“ leeft. Et ass definéiert, wat fir Ziler mer duerch de Sport kënnen ënnerstëtzen.

Mat eisen aktuelle Programmer, der LASEP, „Youth Sports, cool Sports“, „Intégration par le sport“, de „Fit 60+“ an och de „Sports pour tous“ bidde mir als Stad Esch haut schonn eng grouss Villfalt u sportlechen Aktivitéiten un, wou bal all Escher Bierger a Biergerin sech ugesprach fillt. Egal ob Kand, Jugendlech, Fra, Senior oder Persoun mat Handicap.

Nëmme fir déi sougenannt Mid-Ager gëtt et aktuell nach kee Programm. Duerch déi nei Capacitéiten, déi eis duerch de COHS3 gebuede ginn, hu mir elo och d'Méiglechkeet, dëser Alterskategorie Sportcoursen unzebidden.

De Grondgedanke vum Programm ass, dass mer engersäits déi Alterslück tëschent de Jugendprogrammer an de Seniorprogrammer iwwerbrécke wëllen an anerersäits eng Offer schafen, déi ganz einfach jiddereen uschwätzt.

Also den Här Knaff, ech an den Här Bermes sinn opgefuerdert, dann och dorun deelzehuelen.

Geplangt ass ab Januar 2026 eisen Escher Biergerinnen a Bierger eng Sportoffer ze presentéieren, wou fir jiddereen dann eppes dobäi ass.

Follgend Coursë gi vu qualifizéierte Moniteuren – dorop hu mer bestanen – gehalen. An der éischter Saison vum Mid-Ager-Programm sinn den Jogging, Pilates, Multisport, Fitnesscircle, Klammen – e bësse komplizéiert –, Posture vitalité, Musculation douce an de Mountainbike.

Dës Offer gëtt zum Schluss vun all Saison reevaluéiert, an dat war eis och wichteg, fir ze

kucken, wéi se ugeholl ginn a wat mer kënne verbesseren. An da gëtt och déi Demande adaptéiert.

Wéi all eis Sportprogrammer wäert och de Mid-Ager ab der zweeter Saison 2027 vu Mëtt September bis Mëtt Juli lafen, woubäi an de Schoulvakanze keng Coursë stattfannen. De Präis soll wéi bei deenen anere Programmer op 40 € pro Cours a Persoun fir eng ganz Saison festgeluecht ginn.

Dat war d'Presentatioun vun deem do Programm. A wann Der erlaabt, géif ech och direkt op de 7.2 goen. Dat ass do, wou mer eng Decisioun sollen a mussen huelen. Et ass effektiv de Règlement-taxe, dee mer mussen hei stëmmen. Dir hutt d'Considerante virun lech leien.

A wéi gesot, mir bleiwen do an där Logik, wéi mer dat och mat deenen anere Coursë maachen. Mir sollen dann hei eng Tax stëmme vu 40 € pro Persoun pro Cours a pro Saison. Voilà, merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Zwally.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Den Här Funck huet d'Wuert.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir si ganz frou, dass dat hei proposéiert gëtt. Meng Nopesch hei ass ganz frou, fir däerfe mat mir zesumme klammen ze goen. Dat fannen ech ganz lëschteg an och gutt.

Ech hunn zwou Froen dozou, well d'Sportaart wéi Klammen elo awer eppes ass, wou vill opgepasst muss ginn. Wie kuckt duerno? Wien ass dobäi? Sinn dat eis Leit, sinn dat vläicht Leit aus dem BlockX oder ech weess et net? Mee do musse jo awer e bëssen Experten dobäi sinn, fir dat ze garantéieren.

Déi aner Saach ass, de Règlement-taxe géif ech proposéieren, dass mer en trotzdeem ëmschreiwen. Am Sënn vun, komm, mir maachen d'Tarifikatioun vun 18 bis 60 Joer. Wa mer de Programm vun 18 bis 60 maachen, firwat maache der Règlement-taxe da vun 20 bis 55 Joer? Gëtt et do vläicht e Grond? Ech weess et net.

Gëtt et do e Grond, firwat een déi éischt zwee Joer, tëscht 18 an 20, dat ka fir näischt maachen a vu 55 bis 60? Ech weess net, ob et do Explikatioune gëtt. Et wär vläicht awer gutt, wa mer dat einfach kéinten harmoniséieren.

A fir de Rescht si mer dann natierlech frou, dass mer dat do maachen. Et ass effektiv wichteg, dass mer kucken, wat d'Leit alleguerte wéilten hunn. Ech hat e bëssen an den Nopeschgemenge gekuckt, wat se ubidden. Do kommen dann esou Saache wéi Yoga etcetera nach mat op d'Tapéit.

An do sollte mer dann och vläicht herno mat de Leit, déi do matmaachen, kucken, wat fir Besoinen si nach hunn. A vläicht kënne mer dat dann och deementspriechend upassen an den nächste Joren.

Ech soen iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci villmools fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Mid-Ager ass also eng grouss Kategorie, wéi et hei ausgesäit, zwëschent 18 bis 60. Da si mer jo praktesch nach alleguer mat dran. Dat ass jo ze begréissen. An da kréie mer jo dann och e Präis vu 40 €. Dat ass jo och am Fong geholl gutt.

Wéi gesot, jo, et wär scho gutt, wann et sech un all déi Leit do went, datt och en eenheetleche Präis do wär. Dat géif ech och esou gesinn, genau sou wéi mäi Virriedner.

A wat ech nach dozou wéilt soen, den Här Zwally hat geschwat vu Musculation douce. Ech hoffen, datt et och wierklech duuss ass, da kéint een dat jo wierklech matmaachen a versichen.

Ech soe Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

D'Madamm Scholl huet d'Wuert.

Mme Daliah Scholl (DP)

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, ech begréissen dat hei ganz staark. Well ech mengen, mir decke wierklech d'ganz Populatioun mat Beweegung of.

An et ass elo just de Mid-Ager – ech géif et vläicht de Best-Ager nennen. Well do hu mer da wierklech eng richteg Definitioun. Well de Mid-Ager ass de Best-Ager. An déi zeechne sech duerch vill Weisheet aus.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Also wat elo déi Alterskategorien ubelaangt, ech ginn dovun aus, dass se an all deene Programmer, déi mer virgestallt hunn, och eng Logik do ass, firwat dass et 18-20 oder 55-60 gëtt. An ech mengen, mir sollen einfach hei bleiwe bei den 20- bis 55-Järegen.

Wa mer dann dotëscht nach eng Kéier eppes fannen, wou mer da soen, tëschent 30 a 65, da komme mer och domat heihin. An deem Sënn, komm, mer bleiwe bei deenen 20- bis 55-Järegen, da fillt ee sech och e bëssen ugesprach an deem ganze Programm.

Wat elo d'Klammen ubelaangt, wa mer vu Klamme schwätzen, schwätze mer vun deenen, déi eigentlech an der Hal stattfannen. An do si mer natierlech assuréiert duerch e professionellen Encadrement, deen eis do hëlleft, fir dat dann och richteg ze maachen.

Ech mengen, do si vill Invester gemaach ginn. Mir hu jo awer och déi schéinst an déi bescht hei am Land, wëll ech elo mol behaapten. Well se vun alle Säiten eigentlech ka gebraucht ginn. An insofern sinn ech awer frou iwwer déi positiv Réckmeldung.

Bei deenen duusse Muskulatiounsaarbechten, dat ass sou, wéi een dat gesäit an herno spiert, wann een herno dee Programm dann ofgespullt huet.

An deem Sënn géif ech lech dann awer Merci soe fir Är Ënnerstëtzung. Merci villmools.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Zwally.

Ech proposéieren dem Här Funck – ech si kee Frënd dovun, wa mer andauernd Reglementer a Reglementer esou duerchernee maachen – dass mer eng koordinéiert Versioun ausschaffen, vläicht fir de Budget, wou mer dann einfach alleguer déi verschidde Sportofferen an een Taxereglement zesummen afügen.

Fir dass dat do net geschitt, dass herno, well vläicht e Schreiffeeler dran ass oder et un enger Presentatioun hänkt, Froen opgeworf ginn. Dat heescht, mir kommen do zeréck. Haut géinge mer dat hei Taxereglement da stëmmen.

An dem Här Zwally kann ech nëmmen nach roden, wann Der nächst Kéier e Flyer maacht, déi meescht heibanne si jo Mid-Ager, mee déi mannst hunn esou e Kierper wéi déi Leit op deem Flyer.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

8. Transactions immobilières

8.1. Compromis de vente relatif à la maison sise 31, rue Michel Gloesener (Nonnewisen) ; décision

8.2. Compromis de vente relatif à une maison sise 9, rue Michel Gloesener (Nonnewisen) ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Compromis-de-venten. Hei hu mer zwee Compromis-de-ventë virleie fir zwee Haiser am 7N.

Eng Kéier d'Haus Nummer 9 an der Michel-Gloesener-Strooss an nach eng Kéier d'Haus 31 an der Rue Michel Gloesener. Déi sinn 135 respektiv 137 m² grouss a kaschten no Ofzuch vun alle Subsiden nach entweeder 599.000 € fir dat méi klengt respektiv 611.000 € fir dat méi grousst. An dat am Bail emphytéotique.

Am 7N si vun deene 36 Haiser aktuell nach 22 disponibel. Am 6N sinn d'Triplexen nach all do, awer vun deenen 19 Appartementer sinn der entre-temps 15 verkaf ginn. Dat heescht, do si mer bei den Appartementer ganz gutt ënnerwee. An do bleiwen der nach véier.

Ginn et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↬ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

8.3. Intégration de plusieurs parcelles dans le domaine public communal (Place de l'Académie) ; décision

8.4. Intégration de plusieurs parcelles dans le domaine public communal (Nonnewisen) ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann hu mer d'Integratioun vu verschiddene Parcellen am Domaine public. Dat sinn dann d'Punkten 8.3 an 8.4.

Do geet et eeben drëms, déi Parcellen, déi mer am Fréijoer vun Agora respektiv vum Fonds du Logement op der enger Säit um Belval an op der anerer Säit op den Nonnewisen kritt hunn, an den Domaine public communal ze integréieren. D'Lëscht mat de Parcellen an d'Pläng dozou waren am Dossier dran.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↬ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

9. Questions de personnel

9.A.1. Création d'un poste de Chief Resilience Officer dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe technique, auprès du service Resilience ; décision

9.A.2. Création d'un poste de chargé technique dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique, auprès du service Prévention incendie ; décision

9.A.3. Création d'un poste d'éducateur diplômé au sein de la maison relais Parc Laval dans le statut du salarié ; décision

9.A.4. Création d'un poste de chauffeur au sein du service Hygiène dans le statut du salarié ; décision

9.A.5. Création d'un poste d'artisan au sein

du service Espaces Verts, Bamequipe, dans le statut du salarié ; décision

9.B.1. Décision de classement de Madame R.B., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.2. Décision de classement de Madame C.H., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.3. Décision de classement de Madame Y.F., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.4. Décision de classement de Madame E.S., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.5. Décision de classement de Madame C.N.G., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.6. Décision de classement de Madame L.S., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.7. Décision de classement de Madame D.F., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.8. Décision de classement de Madame T.M., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

9.B.9. Décision de classement de Madame C.L.P., agent administratif dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès de l'établissement des Bains du Parc ; décision

9.C. Prolongation de stage Monsieur T.B., fonctionnaire A1 scientifique et technique, Circulation ; décision

9.D. Réduction de stage de Madame A.M, fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe administratif ; décision

9.E.1. Primes d'astreinte variables des agents des Bains du Parc pour l'exercice 2024 ; décision

9.E.2. Allocation d'un supplément personnel au délégué à la sécurité de la délégation du personnel salarié ; décision

9.E.3. Demande de supplément personnel ; Madame Joy Cambiotti ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Questions de personnel. Den Här Zwally huet d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Ech propo-séieren, dass mer dat da maachen, wéi mer dat allkéiers maachen. Ech fänken u mat de Creation- a Suppression-de-posten.

Am Kader vun der Resilienz ass eng Creation de poste ze maachen am Statutt vum Fonctionnaire a gläichzäiteg dann och eng Suppressioun am Statutt vum Employé communal. Deen huet seng Exame gemaach an en huet och alleguer déi Exame gepackt, fir kënne Fonctionnaire ze ginn.

Bei den Travaux municipaux an der Prévention

d'incendies maache mer eng Creation de poste vun engem Chargé technique am Kader vum Employé communal.

Bei de Structures d'éducation d'accueil an der Crèche Parc Laval ass eng Creation de poste Educateur diplômé am Statutt vum Salarié à tâche intellectuelle. Dat heescht, do komme mer op den Niveau vun all deene Leit, déi matenee schaffen. Dat ass dann SAS-Kollektivvertrag. A gläichzäiteg maache mer dann eng Suppressioun vun engem Employé communal vun der Kategorie B1.

Bei den Travaux municipaux am Service Hygiène gëtt eng Creation de poste gemaach vun engem Chauffer am Statutt vum Salarié, a gläichzäiteg, wann dann deejéinegen an d'Pensioun ass, gëtt natierlech och déi Suppressioun gemaach vun deem, deen an d'Pensioun gaangen ass. Wat oft déi selwecht Karriär dann ass.

Dann hu mer an den Travaux Espaces verts an der Bamekipp, do maache mer eng zousätzlech Creation de poste vun engem Artisan am Statutt vun engem Salarié. Do vergréissere mer déi Ekipp, déi de Moment sur place ass, fir där eng méi grouss Ënnerstëtzung ze ginn.

An dann hu mer Decision-de-classementen. Déi hutt Der alleguer. Do sinn aacht Stéck um Niveau vum Conservatoire. Do hu mer dann déi Decisions de classement ze maachen. An dann hu mer nach eng, wou mer e CDD hunn an der Schwämm. Dat sinn der am Ganzen néng Stéck, déi mer dann och hei stëmme mussen.

Dann hu mer eng Prolongation de stage, déi am A1 ze maachen ass. Do ass et esou, dass déi Examen alleguer nach net fäerdeg sinn an deem musse mer erlaben, méi laang am Stage kënnen ze bleiwen.

An dann hu mer Reduction-de-stagen. Dat ass am Service vun der Coordination sociale, wou mer kënnen eng Reduction de stage offréieren.

An zum Schluss hu mer dann nach Primmen, déi Supplementen, déi un d'Personal ginn. Dat eent ass d'Prime d'astreinte vun der Schwämm, dat anert ass eng Allocation fir en Délégué à la sécurité, deen detachéiert ass um Niveau vu sengem Mandat.

An dann hu mer nach am Service du Personnel och een, wou d'Statutten eigentlech virgesinn, fir dat kënnen ze maachen. Déi ass vun enger C-Karriär eropgaangen op eng B-Karriär, sou dass mer dat och alles hei kënne stëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann deele mer dat awer e bëssen op.

Gëtt et Froen zu de Creation-de posten? Oder Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall.

Gëtt et zu engem anere Punkt Wuert-meldungen? Dat ass net de Fall.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

10. Sudstroum ; cession de créance ; approbation ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei eng finanztechnesch Aktioun am Kader vun der Sudstroum, wou mer eng Cession de créance haut hei solle stëmmen.

Et ass esou, dass d'Sudstroum e Credit ophëlt iwwer 5 Milliounen Euro, an dee Moment huet d'Bank da gefrot, ob mir als Gemengerot, als Stad Esch eng zousätzlech Garantie hei kéinte ginn.

Dir wësst, dass mir als Stad Esch zu 100 % Aktionär vu Sudstroum sinn an dass mir hei eng spezifesch Responsabilitéit souwisou dann och iwwer d'Sudstroum hunn. Iwwer dës Societéit. An et ass och net fir d'éischt, dass dat an dëser Form de Fall wier, dass mer eeben eng Garantie da géinge liwweren.

Ënnersträiche wëll ech awer, an do kënnt Der Iech nach un d'Presentatioun vum Här Schockmel hei erënneren, wou deen an eiser Mëtt hei souz an erkläert huet, wéi et Sudstroum grad geet a wat d'Pläng fir d'Zukunft sinn.

De Credit ass net, well et der Societéit schlecht géing goen, mee de Credit ass op déi verschidden Investissementer a Projete gemënzt, déi fir d'Zukunft geplangt sinn.

Gëtt et Froen heizou? Dat ass net de Fall.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

11. Plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2026 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

De Plan de gestion annuel des forêts pour l'exercice 2026. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Dir wësst, dass ech ëmmer frou sinn, wann ech kann hei am Gemengerot iwwer eise Bësch an eis Beem schwätzen a mir dat jo am Kader vum Plan de gestion annuel des forêts och tatsächlech eemol am Joer kënnen an dierfe maachen.

De Plan annuel de gestion des forêts ass an engem gewësse Sënn eigentlech d'Mandat, wat mer als Gemengerot eisem

weltbeschte Fierschter an och senge Mataarbechterinnen a Mataarbechter ginn, fir eeben d'Bewirt-schaftung vun eise Bëschflächen ze maachen.

An Dir wësst alleguer, dass dat zu Esch net e klengen Detail ass, mee ronn d'Hallschent vun eisem Territoire am Bësch läit.

Allgemeng, et geet dem Escher Bësch par rapport zu villen aneren Ecker am Land nach relativ gutt. Et bleift awer, dass mer virun allem bei de Buchen, Eschen a bei den Nolhëlzer, also Fichten, Lerchen, Kiferen, zouneemend mat der Zäit e Problem kréie wéinst der klimatescher Verännerung.

Notamment well mer an de Fréijoersméint, déi fir de Bam enorm wichteg sinn, fir sech ze ressourcéieren an notamment Waasser ze tanken. Mee an deene Fréijoersméint gëtt et ëmmer méi dréche vu Joer zu Joer, wat et fir déi genannt Beem méi schwéier mécht. Mir maachen hei zu Esch eng nohalteg Bewirtschaftung vum Bësch, wat och duerch déi sëlleg Zertifikatiounen, déi mer hunn, zertifizéiert gëtt. A mir wäerten och 2026 weiderhi fir eis Escher Biergerinnen a Bierger Brennholz aus dem Escher Bësch liwweren. Dat ass e Service, dee gutt ugeholl gëtt a wou d'Demande wéi all Joer grouss ass, soudass mer dat och wëlle weider bedéngen.

Mir maachen 2026 eng Rei vu klengen Agrëffer a Couppen am Bësch. Notamment och d'Fälle vu verschiddene kranken a geféierleche Beem laanscht d'Bëschweeër, um Camping, am Déierepark.

Mir wëllen och eng Rei vu Weeër frësch-maachen, notamment dee Wee, dee laanscht d'Vëlospist laanscht d'Waldschoul op den ale Seelebunnstracé féiert.

D'Aarbechten um Quellekadaster am Ellergronn sinn ofgeschloss ginn a mir wäerten 2026 éischt Mesuren huelen, fir d'Verbesserung vun der Qualitéit vun eise Quellen ze gewärleeschten.

Punkto Naturschutz ass ze soen, dass d'Renaturéierung vun der Dipbech op den Nonnewisen ofgeschloss ass an och déi Mesure sech schonn eng Rei Kéiere bewisen huet, well se d'Retentiounsfäegkeet vun der Dipbech bei Staarkreen a sou weider massiv verbessert huet. Wat eis op där spezifescher Plaz enorm entgéintkënnt.

Mir wäerten 2026 mam Fierschter zesummen de Bamkadaster an der Waldschoul, am Déierepark an och um Camping punktuell aktualiséieren. An donieft wësst Der jo och, dass mer amgaange sinn, un engem Bamkadaster ze schaffen, fir de gesamte Bambestand um Escher Territoire ze erfaassen an e Monitoring ze assuréiere vun der Gesondheet vun eise Beem.

Iwwer déi exzellent Zesummenaarbecht mat eise Schoulen a Maison-relaisen hu mer bei engem anere Punkt scho geschwat, do wëll ech net weider an den Detail goen. Mir hunn donieft virgesinn eng Instandsetzung vun der Maison Rosati.

Mir wëllen de Foussgängerleitsystem erneieren an erweideren, notamment um Käler Potto, wou mer Busarrêten amenagéiert hunn an och nei Iwwergäng iwwer d'Strooss. Do wëlle mer eeben de Foussgängerleitsystem an deem Sënn erneieren an erweideren.

An dann ass och nach um Aarbechtsplang vum Fierschter de Bau vun engem neie Chalet pédagogique am Ellergronn.

Et bleift mer eigentlech just nach, fir Iech nach eng Kéier alleguer ganz häerzlech ze invitéieren op d'Inauguratioun, déi mer nächste Méindeg hunn um Bëschkierfecht,

wou mer wäerten den neie Pavillon de cérémonie inauguréieren. An donieft eis awer och en Iwwerbléck verschafe kënnen iwwer d'Botzen an och d'Verbesserung vun de Weeër, déi mer zesumme mam Fierschter an deene leschte Méint gemaach hunn.

Voilà, ech bieden ëm Ënnerstëtzung fir de Gestiounsplang.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

12. Affaires économiques ; crédit spécial ordinaire ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Affaires écononiques, wou mer e Crédit spécial am Budget ordinaire ze stëmmen hunn.

Do ass et esou, dass eeben den Escher Blog säi fënnefte Gebuertsdag feiert a well do eng spezifesch Campagne gemaach gëtt, zum Beispill mat Lotterien, mat spezifeschen Animatiounen, spezifesche Publikatiounen, geet de Budget, deen urspréinglech agesat gouf, net duer.

An dofir ginn da 50.000 € vum Article „Honoraires de consultance externe et d'expertises" vum Developpement économique op den Artikel „Catalogues à imprimer et publications, autres activités économiques" eriwwergestëmmt. Einfach, fir dann dee Budgetsartikel ze fëllen.

Wëllt Der nach eppes ergänzen, Här Knaff, zum Punkt?

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

De ganze Programm vun de Festivitéite fannt Der um Escher Blog. All Samscheg ginn Aktivitéiten an Animatioune gemaach vun de Responsabele vum Escher Blog, wou effektiv och d'Participatioun vun de Bierger, vun de Patronen net gefrot ass, mee wou se kënne matmaachen, fir Saachen ze gewannen. Präisser, déi deelweis vun de Commerçantë vun Esch gesponsert sinn. An dann och Saachen, déi mer selwer fir den Anniversaire maache loossen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dat hei ass dann den Artikel, fir doriwwer informéiert ze ginn.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck huet d'Wuert.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter, merci, Här Knaff, fir d'Informatiounen.

Mir si frou, dass mer elo e bëssen Informatioune kritt hunn, wat am Kader vun deene Celebratioune vun där fënnefjäreger Kooperatioun dann elo geplangt soll sinn.

D'Fro, déi sech awer stellt, ass, den Escher Blog – ech hu mer soe gelooss, dass se reegelméisseg dann och bei déi selwecht Commerçantë ginn, fir eventuell nach Artikelen ze kréien. Läit dat vläicht drun, dass de Contenu sou lues ausgeet? Ech weess et net.

Déi aner Fro, déi sech einfach stellt, ass, wat sinn d'Krittären, fir en Artikel do am Escher Blog mëttlerweil ze kréien. A wat ganz flott wär – no fënnef Joer wär et jo awer schéin, ze gesinn, wéi oft den Escher Blog dann elo wierklech konsultéiert ginn ass.

Dat si jo Zuelen, déi relativ einfach accessibel hautzudaags misste sinn. Wou een och kann erausfannen, wéi laang d'Leit effektiv och op deenen Artikele sinn. Ob se just duerchscrollen, ob se déi Artikele ganz liesen. Wéi vill Zäit den Duerchschnëttuser dann do Zäit drop verbréngt.

Den anere Punkt ass – ech mengen, 50.000 € zousätzlech zu engem Artikel, wou schonn 200.000 € fir „Catalogues à imprimer et publications" sinn. Mir hunn e gudden an aktive Service Communications, mir hunn en aktive Service Developpement économique.

D'Fro, déi sech stellt, ass, ob een an Zukunft net och selwer déi Saachen do maache kann. Wann ech elo d'Montante kucken, géif ech souguer bal soen – bon, den Här Zwally ass do méi den Expert dran – ënnert deene Statutten, déi a Fro géife kommen, kéint een do och einfach eng Persoun zousätzlech astellen, fir dat dann in house ze reegelen.

An deem Sënn muss een da vläicht awer – no deene fënnef Joer kënne mer jo da vläicht en éischte Bilan vun lech kréien. Onofhängeg vun de Festivitéiten.

Ech soen lech Merci.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Funck.

Et ass esou, datt den Escher Blog en Instrument ass fir de Marketing territorial. Dat ass eng Subdivisioun vun eisem Service vum Developpement économique. Deen huet eng méi spezifesch Aufgab, wéi just Promotioun vu Commercen ze maachen. Mee dee mécht och Promotioun vun anere Missiounen, déi mer zu Esch hunn. Wéi den Déierepark, wéi de Belval, wéi d'Héichiewen, wéi eis Sportveräiner.

Dat heescht, dat ass vill méi breet gefächert, fir am Fong den Territoire vun der Stad Esch ze couvréieren. Mat natierlech och Presentatioune vu Commerçanten.

Mir kucken, datt mer keng Doublante maachen. Ech mengen och net, datt ee sech schonn zweemol do konnt virstellen. Do hu mer eng Lëscht vun deenen 370 oder 400 Commercen, déi mer hunn, déi ofgeschafft gëtt. An natierlech, wann een en Interêt wëll weisen, fir an deem Blog opzetrieden, da kann een dat natierlech och matdeelen.

Et ass esou, datt sech eng Persoun ëm de Marketing territorial këmmert, déi huet awer nach vill aner Aufgaben. Se kann also den Escher Blog net eleng bespillen.

An dofir hu mer nach d'Hëllef vun engem externe Mataarbechter, deen am Fong d'Produktioun mécht vun deenen Artikelen, déi mer am Escher Blog liesen.

Wat elo genau d'Diffusioun ugeet a wéi vill Leit dat kucke kommen, dat weess ech elo net. Dat kann ech lech awer nosichen an lech dat da matdeelen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An eng finanztechnesch Remark dozou.

Also den Artikel, dee Sue bäigestëmmt kritt, dat ass jo net en Artikel, wou et just ëm den Escher Blog geet. Dat heescht, dat ass net déi Coûte vun 250.000 €, déi just den Escher Blog betreffen, mee eng ganz Zort Publikatiounen, wou et eeben och ëm Publikatioune geet, déi net just op Internet sech bezéien.

An deem Kader misst eng méi detailléiert Analys maachen, wat alles an d'Aufgaben do fält, wat alles zu deem Budgetsartikel gehéiert, fir ze kucken, wat dat a Posten an an Description-de-tâchen tatsächlech géing erëmginn.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

M. Bernard Schmit (ADR)

Jo, ganz kuerz. Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, am Fong geholl eng Abstentioun, well ech am Fong geholl fannen, datt et net richteg ersichtlech ass, wéi déi Sue benotzt ginn, an och, ob dat wierklech e Return on investment da bedeit.

Dat heescht, dat ass am Fong geholl meng Suerg an där heiter Saach. An dofir déi Abstentioun.

Ech wär frou, et géif ee méi genau gesinn, wat mam Geld geschitt. Wéi gesot, et ass scho gesot ginn. Dat wär menger Meenung no wichteg. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Ech rappeléieren nach eng Kéier, wann iergendee vun de Conseileren hei wëll Abléck a Rechnunge kréien oder dat wëll novollzéien, natierlech d'Méiglechkeet huet, fir de Service Comptabilitéit oder eist Sekretariat ze kontaktéieren a fir dann e Rendez-vous mam Service Comptabilitéit auszemaachen. Da kënnt Der dat do vläicht besser aschätzen an déi nächst Kéier och derfir stëmmen.

13. Autorisation d'ester en justice; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Autorisation d'ester en justice, déi hu mer am Huis clos exposéiert. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

14.1.1. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue des Charbons; décision

14.1.2. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Boulevard Hubert Clément ; décision

14.1.3. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue Zénon Bernard, Rue Simon Bolivar et Rue Aloyse Kayser ; décision

14.1.4. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue d'Ehlerange ; décision

14.1.5. Règlement de la circulation ; modification du règlement de la circulation ; Rue de la Montagne ; décision

14.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Wéi Der wësst, hale mer eis déi schéi Saachen ëmmer fir bal zum Schluss. A mir hunn, och vu d'Längt zënter dem leschte Gemengerot, eng ganz Rei vu permanenten Ännerungen am Verkéiersreglement an och eng ganz Rei vun temporäre Verkéiersreglementer.

Wou ech géing proposéieren, dass mer déi en bloc diskutéieren an ofstëmmen. Wann dat an der Rei ass fir de Gemengerot?

Da ginn ech eng Kéier duerch déi definitiv Ännerungen. Dat ass eng Kéier an der Rue des Charbons, wou de Chantier an der Strooss fäerdeg ass a wou mer eeben elo déi nei Situatioun après chantier dann och richteg reglementéieren an eisem Verkéiersreglement.

Änlech gesäit et aus um Boulevard Hubert Clément, wou mer zwar nach net ganz fäerdeg si mam Chantier, mee wou mer eigentlech déi nei Situatioun reglementéieren. Notamment wat d'Ausfaart vun der Busgare an de Rondpoint an op den ëffentleche Verkéiersreseau ugeet. Wat do d'Prioritéite sinn an d'Virfaarten.

Dann awer natierlech och déi nei Zone de rencontre virum COHS, déi mer nei schafen.

An eng Rei aner punktuell Verännerungen, wéi gesot, déi der neier Situatioun solle Rechnung droen. An der Rue Zénon Bernard, an der Rue Bolivar an an der Rue Aloyse Kayser schafe mer dräi PMR-Emplacementer.

An der Éilerenger Strooss féiere mer eng temporär Ännerung, déi de Schäfferot geholl huet, elo an dat definitiivt Reglement eriwwer. Et geet do ëm déi zwou Parkplazen, déi mer reglementéiere fir de Sudstroum-Slow-Charge-Projet. Also dee Projet, wou mer iwwer déi ëffentlech Luuchtepottoen d'Méiglechkeet ginn, fir säin Elektroauto ze lueden.

An der Rue de la Montagne – an Dir wësst, dass ech do sensibel sinn – hei am Zentrum schafe mer zwou zousätzlech Parkplazen. An an der Rue du Stade reglementéiere mer och véier nei Borne fir d'Luede vun Elektroautoen. Sou vill zu den definitiven Ännerungen.

Dann hu mer eng ganz Rei vun temporäre Verkéiersreglementer, déi duerch Chantieren noutwendeg ginn. An der Rue d'Audun, an der Monnerecher Strooss, an der Rue du Moulin an och an der Rue du Stade. Wéi gesot, alles Suite vu Chantieren.

Dann hu mer nach an der Kanalstrooss zwou Ännerungen, déi eigentlech d'Suite si vun de Mesuren, déi mer zesumme mat der ACAIE diskutéiert hunn, déi mer hei am Gemengerot och scho mol diskutéiert hunn. An och zousätzlech Securiséierunge vun der neier Vëlospist duerstellen.

Voilà, ech bieden ëm Zoustëmmung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz.

M. Steve Faltz (LSAP)

Jo, eng kleng Wuertmeldung. Natierlech iwwer déi Parkplazen an der Éilerenger Strooss fir d'Elektromobilitéit.

Vu que ech selwer e bësse betraff sinn, dat heescht, datt ech selwer keng Garage hunn, mer fest virgeholl hunn, d'nächst Kéier awer en Elektroauto ze kafen. Also meng Fra weess nach näischt dovun. Ech wär frou, dat elo an dësem Raum vläicht géif bleiwen.

(Gelaachs)

Am Huis clos vläicht.

Gutt. Danièle, et deet mer leed. Nee, Geck an den Eck.

Déi Slow-Charging-Borne sinn dann natierlech Saachen, well se einegermoossen no bei mir doheem sinn, déi ee sech dann op de Radar hëlt, ob dat Sënn mécht oder net.

Dat zweet, wat ech mer geduecht hunn, ass, firwat mécht am Fong keen déi Bornen un d'Luuchtepottoen. Einfach an de Raum. Well dat mécht jo total Sënn. An da muss ee sech erëm d'Fro stellen, firwat mécht keen dat.

Maja, ech wäert lech dat elo ausleeën, well et och net vill Sënn mécht. Ech erkläre mech.

Wann een et mat deenen Elektroborn-Chargë wëll vergläichen, da géif ech elo soen, déi 22-kW-Bornen, also déi 22 kW kënne pro Stonn liwweren. Déi normal Chargye soen ech elo mol, déi am Raum stinn. Elo keng Fastbornen.

Da liwweren déi ongefeier 22 kW. Liwweren dat net ganz, mee dat kann een ongefeier vergläiche wéi mat mengem Aarm.

Déi 3,7 kW, déi awer elo do geliwwert ginn, dat ass eng ganz normal Steckdous. An dat ass elo ongeféier mäi klenge Fanger. Heescht, déi 3,7 ginn och net direkt geliwwert. Dat heescht, mir wäerten do tëscht 2 an 3 sinn.

Wa mer wëssen, dass, fir 100 Kilometer zeréckzeleeën, ee 16 kW brauch, da kritt een esouguer, wann een déi ganz Nuecht géif stoebleiwen, vläicht 100 Kilometer gelueden. Also et kann een och nach soen 120, mee et ass elo net, dass mer kënne soen, iwwer d'Nuecht si mer voll. Déi, déi doheem sinn, dat ass 7 bis 9 kW. Dat sinn in etwa déi, déi an enger Nuecht den Auto voll maachen.

Sou dat ass deen ee Volet. Et ass jo Soft-Charging, mee e luet elo wierklech net schnell. Wierklech net schnell.

Dat zweet ass, dobäi kënnt jo elo dat Verkéiersreglement, wat mer elo hei stëmmen, wou fir alleguer, déi elo net direkt aus dem Quartier sinn, effektiv nëmmen zwou Stonne kënne stoebleiwen. Dat heescht, si kënnen nëmmen zwou Stonne lueden, wat da wär 4 kW. Dat sinn ongeféier 25 Kilometer.

A well d'Éilerenger Strooss och nach d'Grenz mécht tëscht dem Bruch an dem Fettmeth, si souguer nëmmen déi eng vun der Säit, déi och nach kéinten theoreetesch op där Parkplaz do stoebleiwen. Sou dass ech och elo do soen – ech soen elo net sënnfräi, mee wéineg raffinéiert.

Mee ech sinn nach net fäerdeg. Mir wëssen nämlech och, dass an deem do Quartier ëfters Blackoute sinn an de Luuchten. Also dass owes d'Luuchten ausfalen. A wëlle mer wierklech deem do Circuit och nach Ladestatiounen dropginn?

Dofir, ech halen et gutt, dass et eng Testphas ass. Verspriecht mer, dass et eng Testphas ass. Ech sinn absolutt derfir, dass mer Elektroborne setzen, mee da komm, mir setzen déi 22. Ech mengen, dass dat do in fine – also wéi gesot, fir mech ass ëmmer wichteg, alles kann ee probéieren. Et soll een Testphase fueren, herno en Check and Balances maachen an da wierklech kucken, ob et Sënn mécht oder net.

Ech sinn der Meenung, dass ënnert der 22 kW et net Sënn mécht, fir eng Elektroborn ze maachen. A wann, dann definitiv net ënnert wéinstens dat, wat d'Leit doheem am Keller hunn. Dass ee wierklech iwwer d'Nuecht kéint soen, da sinn ech awer opgelueden.

Also hei spillt awer fir mech den Zältfacteur mat der Luedcapacitéit a mat der Prekaritéit vun der ëffentlecher Beliichtung e bësse mat, dass et fir mech elo net ganz vill Sënn mécht.

Mee Dir gitt mer do vläicht eng Explikatioun. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Explikatiounen.

Ech hätt nach eng aner Fro. Mir ass d'Zeechen, wat dohi kënnt, effektiv net kloer. An ech wollt einfach nofroen, wat wierklech gemengt ass a wien d'Recht huet, do ze parken oder net.

Wat ech mengen, verstanen ze hunn – Dir sot mer awer elo, ob dat richteg oder net ass –, déi Leit, déi eng Vignett hunn, mat oder ouni Elektroauto, kënnen do parken. Fro: Ausser Leit vu baussen, mat engem Elektroauto zwou Stonnen?

Hunn ech et richteg verstanen?

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da maache mer d'Diskussioun zou.

Den Här Sehovic huet d'Wuert, fir ze äntweren.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci fir déi Froen. Déi ginn eis effektiv och eng Kéier d'Geleegenheet, iwwer de Projet ze schwätzen.

Mir haten ulässlech vun der Sudstroum-Diskussioun, déi mer virun enger Rei Méint haten, dat do jo schonn annoncéiert. Wat maache mer an der Éilerenger Strooss? An et ass effektiv e Pilotprojet an éischter Phas mat zwee Emplacementer.

Mir huelen de Luuchtepotto sou, wéi en do an der Strooss steet. Deen huet dräi Phasen. Mir klemmen eng vun deenen dräi Phasen of um Luuchtepotto a reservéieren déi Phas fir d'Lueden. An do kommen dann déi Capacitéit vun 3,7 kW/Stonn eraus.

Ech hunn et selwer getest, mir kommen tatsächlech op déi 3,7. Déi zitt en och tatsächlech. Wat awer effektiv dann e Slow-Charging ass.

Et ass ganz sécher eng ganz aner Offer wéi déi klassesch Bornen, déi mer mëttlerweil kennen, déi insgesamt eng Capacitéit vun 22 kW/Stonn hunn.

Wou awer ze soen ass, dass déi allermeescht Elektroautoen, déi haut um Marché sinn, eigentlech, mat Ausnam vu Porsche a mat e puer aneren décken Autoen, fir déi mer awer elo net prioritär Politik maachen hei zu Esch, kënne se just mat 11 kW/Stonn lueden a kënnen net déi maximal Capacitéit vun 22 kW/Stonn zéien.

Hei ass et eng Offer, déi ganz geziilt fokusséiert ass op de Cas de figure Resident. Dat heescht, et ass eng Offer fir de Resident, dee mat engem Elektroauto a mat senger Vignette résidentielle onbegrenzt op där doter Parkplaz gratis ka stoen.

Et ass explizitt eigentlech net gewënscht vun eiser Säit, dass dat do ze vill vun den Net-Residentë genotzt gëtt. Wisou mer dowéinst och den normalen Tariff vum Parking applizéieren. Dat heescht, en Net-Resident mat sengem Elektroauto kann do lueden, tatsächlech, mee en dierf just zwou Stonnen op deem Emplacement stoebleiwen. An hie muss bezuele fir déi Zäit, wou en do steet.

Wéi gesot, eng positiv Diskriminatioun, déi mer ganz geziilt maachen, well et eng Offer ass fir eis Escher Biergerinnen a Bierger.

Et ass esou, dass den duerchschnëttleche Fuerprofill hei zu Lëtzebuerg – also dat, wat den Duerchschnëttsescher, d'Duerschnëttsescherin am Dag mam Auto zeréckleet, fir op d'Aarbecht ze fueren, seng Kommissiounen ze maachen a sou weider – am Schnëtt 42 Kilometer pro Dag ass.

A mat deene 3,7 kW/Stonn een iwwer eng Period vun aacht Stonnen – an dat hänkt elo ganz vill of vum Fuerverhalen, mee awer och vun der Effizienz vum Auto, dass mir gerechent hunn 150 bis 200 Kilometer kann een an aacht Stonne lueden.

Wat weesentlech méi ass eigentlech wéi den duerchschnëttleche Fuerprofill, déi 40, 50 Kilometer, déi een am Dag hannert sech bréngt. Sou dass een eigentlech mat enger Charge iwwer eng Nuecht duerchaus genuch Stroum tanke kann, fir 3, 4 Deeg ënnerwee ze sinn.

Et ass eng Offer, déi mer och net wëllen iwwerall eigentlech maachen. D'Éilerenger Strooss ass ausgewielt ginn aus zwee Grënn. Éischtens, well mer do an der Situatioun sinn, dass mer vill Eefamilljenhaiser hunn ouni iergend e Garage. Dat heescht, ouni eege Méiglechkeet, fir sech doheem eng Wallbox ze installéieren oder un der Steckdous ze lueden.

An zweetens, mir hunn d'Situatioun, dass d'Luuchtepottoe relativ no un de Parkinge sinn. Wat wichteg ass, well mer net wëllen a Situatioune kommen, wou de Potto ze wäit ewech ass vum Parking a mer domat dann d'Kabelen iwwer den Trottoir leien hunn, wat et méi schwéier mécht fir Poussetten a sou weider.

Dat heescht, et ass eng Testphas, déi, wa se sech confirméiert, prioritairement do zum Asaz kënnt, wou mer, éischtens, keng Garagen hunn an, zweetens, eeben d'Méiglechkeet hunn, fir ganz einfach déi bestoend Luuchtepottoen ëmzerëschten.

Wat ass den Interêt aus der Makroperspektiv dorun? Et ass en duebelen.

Et ass éischtens, d'Elektromobilitéit méi accessibel ze maachen, méi demokratesch ze maachen, andeem mer se eeben zougänglech maache fir eng Partie Leit, déi bis elo en Zougang dozou haten, well se net konnten doheem lueden.

An zweetens ass et och aus enger Netziwwerleeung wichteg. Well wa mer anticipéieren an eis an d'Zukunft projezéieren, 5, 10, 15 Joer, da wäert den Undeel vun der Elektromobilitéit an eisem Fuerpark nach weider wuessen. Lëtzebuerg ass eent vun deene Länner, wou deen Undeel an de leschte Joren immens geklommen ass.

Mir wäerten dofir perspektivesch ni an enger Situatioun sinn, dass mer iwwerall um Territoire aus enger Iwwerleeung vun der Sécherheet a vun der Belaaschtungsfäegkeet vun eisem Reseau, wou mer alleguer zack eis Autoen uschléissen an alleguer mat 11 kW/h lueden. Dat géing d'Netz iwwerlaaschten.

An dowéinst ass d'Iwwerleeung vum Slow-Charge eeben, fir eng complementaire Offer ze maachen a verschiddene Quartieren, wou et sech ubitt, déi, éischtens, low cost ass, well de Potto ass de selwechten. Et muss een, wéi ech virdrun erkläert hunn, eng Case ofzwécken an dann do Lueder drop installéieren. Dat kascht net vill, et kascht weesentlech manner wéi d'Bornen, déi mer soss installéieren.

An et ass eebe méi effizient aus der Perspektiv vum Reseau. An dowéinst ass et net d'Wonnerléisung, mee et ass ee Puzzlesték, mengen ech, an engem méi breede Kontext. A mir hunn natierlech nieft deem do, wat jo elo en neie Pilotprojet ass, wou mer déi alleréischt sinn am ganze Land, déi dat probéieren.

Natierlech gi mer awer och weider mam Ausbau vun de klassesche Bornen, wou mer der eleng dëst Joer – ech soen et aus dem Kapp – eppes tëschent 20 an 30 zousätzlech Bornen entweeder schonn installéiert hunn oder elo an de kommende Wochen nach wäerten installéieren.

A wou mer och e Planning hunn, fir nach eng Kéier esou vill och d'nächst Joer nach ze installéieren. Dat heescht, net déi eenzeg Offer, mee en Deel vun der Offer, déi mer den Escher Biergerinnen a Bierger gär géinge maachen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Här Faltz, wëllt Der, dass mer dann elo d'Verkéiersreglement vun der Éilerenger Strooss getrennt stëmmen oder ...

M. Steve Faltz (LSAP)

Nee, nee.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Kënne mer alles en bloc stëmmen?

M. Steve Faltz (LSAP)

Vläicht just eng konstruktiv Remark zu deem Saz vun de Quartieren. Dass da riets a lénks vun der Éilerenger Strooss kënnen eran. Dat verduebelt trotzdeem d'Clientèle.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

All d'Verkéiersreglementer zesummen. Déi definitiv an déi temporär.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

15. Contrats de bail et avenants ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Contraten an d'Avenanten.

Hei hu mer aacht Kontrakter, déi mer haut ze stëmmen hunn. Dräi nei Kontrakter, fënnef Avenanten. Ëm wat fir Appartementer oder Haiser et geet, wéi d'Surfacë sinn, wat d'Loyere sinn, dat steet alles am Dossier.

Wuertmeldungen dozou? Nee, dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich** ↷ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **André Zwally**

16. Commissions consultatives; modifications ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An dann ofschléissend d'Commissions consultatives. Do hu mer Changementer bei der DP a bei der CSV. Déi vun der DP loungen am Dossier an déi vun der CSV hutt Der ausgedeelt kritt.

Et gëtt warscheinlech keng Wuertmeldungen, mir kënnen ofstëmmen.

[geheime Vott]

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Mir hu 16 Mol Jo. Domat ass dës Gemengerotssëtzung ofgeschloss.

Den Owend kënne mer dann an engem anere Kader eis begéinen, op der Personalfeier. Muer ass 20 Joer Rockhal, e Sonndeg ass beim SIVEC Porte ouverte. Et si genuch Datumer a Rendez-vousen dëse Weekend, profitéiert dovunner.

Ganz schéine Weekend, schéinen Dag.

CONSEIL COMMUNAL



Christian Weis
CSV



Pierre-Marc Knaff
DP



André Zwally
CSV



Meris Sehovic
déi gréng



Bruno Cavaleiro
CSV



Mandy Ragni
déi gréng



Daliah Scholl
DP



Ben Funck
LSAP



Steve Faltz
LSAP



Liz Braz
LSAP



Enesa Agovic
LSAP



Sacha Pulli
LSAP



Pascal Bermes
CSV



Joy Weyrich
CSV



Marc Baum
déi Lénk



Bernard Schmit
ADR



Tammy Anna Broers
déi gréng



Dejvid Ramdedovic
CSV



Aldin Avdic
LSAP